



## 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Eis Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Neen.

## 2. Communication

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann hunn ech dës Kéier eng Kommunikatioun ze maachen.

Esou wéi et festgehalen ass am Artikel 7 Paragraph 5 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes an den Artikelen 115 bis 126 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou operuerf, eng Lëscht vun dräi Kandidaten fir e Poste vum Conseiller bei der Cour des Comptes als Ersatz fir e Membre démissionnaire opzestellen.

Interessante kënnen hir Kandidatur per Brëif un de Chamberspräsident riichten, an dat spéitstens bis den 21....

### (Interruption)

...den 28. - villmools Merci -, den 28. Januar 2015. Also nach eng Kéier: D'Deadline ass den 28. Januar 2015. Den Datum vum Poststempel ass maassgebend.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf mat deenen néidege Pabeieren anzerechen, déi beleeden, dass d'Konditiounen aus dem Gesetz erfëllt sinn: Dat heescht, d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, am Besëtz vun den zivilen a politesche Rechter sinn, déi néideg moralesch Garantie virweise kënnen, déi néideg kierperlech Viraussetzungen hunn, am Besëtz vun engem universitären Diplom ze sinn, dee beweist, dass de Kandidat e komplette véierjähregen Zyklus gepackt huet an engem vun de folgende Fächer: Économie, Réviseur d'entreprises, Droit oder Politik.

Ech erënneren lech drun, dass all Deputéierten d'Recht huet, innerhalv vun der festgesater Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bälzeleeden, déi d'Äverständnis vum Kandidat beweist.

Dës Kommunikatioun gëtt als Avis officiel an der Press verëffentlecht.

### Communication du Président - séance publique du 18 décembre 2014

*Conformément à l'article 7, paragraphe 5 de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes et aux dispositions des articles 114 à 126 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller à la Cour des Comptes en remplacement d'un membre démissionnaire.*

*Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 28 janvier 2015, l'estampille de la poste faisant foi.*

*Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas, ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.*

*Pour être recevables, les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2 de la loi précitée sont remplies, à savoir:*

1) être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité);

2) jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales);

3) offrir les garanties de moralité requises;

4) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction (certificat médical);

5) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès dans l'une des matières suivantes: sciences économiques, études de réviseur d'entreprises, droit ou sciences politiques (copie des diplômes, certificats et homologations).

*La présente information sera publiée sous forme de communiqué de presse par l'Administration parlementaire.*

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

Voilà, dat gesot, kënnen mer mat eisem Ordre du jour virufueren, dat heescht, den Debatten zum Budget 2015, der Programmation plurianuelle, wat d'Finanzen ugeet, an dem sougenannten „Zukunftspak“.

Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Gilles Baum. Do ass eng kleng Rochad geschitt. Mä, Här Baum, Dir sidd hei häerzlech wëllkomm. Dir hutt d'Wuert.

## 3. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 [...] (suite)

### 6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

### 6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir - première partie (2015) [...] (suite)

#### Discussion générale (suite)

► **M. Gilles Baum** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gudder Mëtteg! Erlaabt mer, nach emol kuerz op déi Mesuren anzegeen, déi d'Familljenzoulag betreffen an déi mer am Zukunftspak fannen an do e puer Aussoen, déi gemaach goufen, riichtzebeien. Grad wat d'Familljepolitik betrëfft, ass riets a lénks viles gesot ginn, wat net ganz den Tatsaachen entsprécht. An dofir nach eng Kéier vu menger Säit e kuerzen Iwwerbléck.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- D'Allocation de maternité, déi Zoulag, déi eng Fra kritt, déi net berufstätég ass, während aacht Woche virun der Gebuert an aacht Wochen no der Gebuert, 194 Euro d'Woch, gëtt auslaffe gelooss. Dat heescht, all déi Leit, déi dës Suen ugefrot hunn, all déi Leit, déi dës Suen ageplangt hunn, wäerte se och kréien.

D'Allocation d'éducation, 485 Euro während 20 Méint, fir eng Fra, déi decidéiert, bei hirem Kand ze bleiwen, wäert och auslaffen. Hei wäerten all déi Leit, déi déi Suen ageplangt hunn an déi sech deemno organiséiert hunn, och an de Genoss vun deene Sue kommen. Ob ee sech awer kann ofséchere mat 485 Euro de Mount, an dat während 20 Méint, do sinn ech awer ganz skeptesch.

Et ass deemno net esou, dass mir den Eltere géifen de Choix ewechhuelen, ganz am Géigendeel. Besonnesch Mammen, déi eleng dosti mat hire Kanner, aus engem Grund oder engem aneren, riskéieren, ënnert d'Aarmutsgrenz ze falen, an dat mat alle soziale Konsequenzen.

Dofir ass et eis wichteg, dass d'Frae mat Kanner och erëm op den Aarbechtsmaart kënnen kommen, fir dass si finanziell onofhängeg sinn an hiert Liewe fräi an onofhängeg kënnen selwer gestalten. Ass dat net deen eigentleche Choix, deen all Fra sollt zoustoen?

Den Här Wiseler huet gemengt, mir géifen de Leit de Choix ewechhuelen. Abee, ech géif lech där froen, Här Wiseler: Wéi ee Choix? Wat hutt Dir, wat huet d'Politik vun der CSV an de leschten 20 Joer de Frae fir e Choix gelooss?

Déi 485 Euro Allocation d'éducation waren no 20 Méint eriwuer. Dir sot, Här Wiseler, de Stat soll de Choix ënnerstëtzen. Mä Dir hutt dat a Wierklechkeet awer ni esou gemaach. Well no 20 Méint, wann d'Allocation d'éducation ausgelaf ass, ass eng Fra net méi bezuelt ginn. Si hat keng Aarbecht méi a si war awer nach responsabel fir hirt Kand, op d'mannst nach 16 Joer! Abee, Merci fir dee Choix, Här Wiseler! Merci fir dee Choix, CSV!

#### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Baum, ech géif lech bieden,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Schwätzt mat deenen 8.000 Leit, déi déi Décisioun geholl hunn! Da soen déi lech, wat se dovun halen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An, Här Baum, ech géif lech bieden, lech un d'Chamber ze adresséieren oder un de Chamberspräsident, dass mer hei keen Zwigespréich kréien.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Très bien!

#### (Interruption)

Oh, Dir kënnt mer gären äntwerten!

A wann Der vu Choix schwätzt, da mussen mer awer och fairerweis doriwwer schwätzen, dass och en Erwuessene säi Choix muss assuméieren. Mä fir dass all Erwuessene säi Choix ka fräi assuméieren, wëlle mir keng falsch Incentive méi setzen.

Mir wëllen d'Gesellschaft net veränneren. D'Gesellschaft huet sech verännert. An d'Politik muss sech der Gesellschaft upassen an net ëmgedrëit.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Iwwer 80% vun de Fraen tëschent 25 a 55 Joer ginn hei zu Lëtze-

бург schaffen. Dofir mussen mir d'Strukturen upassen, fir dass déi Mammen an och Pappe mat rouegem Gewëssen an engem gudder Gefill kënnen schaffen goen. Et ass en plus bewisen, dass d'Natalitéit an engem Land net vun de Geldleeschungen ofhänkt, mä vun de Rahmedéengungen.

An dofir brauche mir nach besser Rahmedéengungen. Mir brauche méi Quantitéit, mä virun allem brauche mer och an eiser Kannerbetreuung méi Qualitéit.

Laut der Etüd vum Staterc 2013 sinn an deem Joer schonn 81% vun de Kanner betreit ginn. Loosse mer awer och net vergiessen, dass et vill Famillje gëtt, wou Mann a Fra mussen schaffen goen, fir um Enn vum Mount déi zwee Enner zesummenzekréien! An et ass genausou richtig, dass et vill a grad gutt ausgebildete Frae gëtt, déi wëlle schaffen goen, well se dorausser eng Satisfaktioun zéien an och wëllen e Stéckwäit onofhängeg bleiwe vun hirem Partner.

Dass Frae wëlle schaffen goen, weist och, dass den Taux un de Gebuerte grad an deene Länner besonnesch héich ass, wou eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreuung ugebuede gëtt. A Länner, wou dat Konzept nach net sech esou duerchgesat huet, sinn d'Gebueren nach ëmmer réckeleefeg.

Eent brauche mer op alle Fall allegueren net méi ze hunn, an dat ass e schlecht Gewëssen. D'Politik an dës Regierung sinn do, fir de Leit ze hëllefen, hiert Liewe fräi ze organiséieren. A mir sinn net déi, déi iergendeng Form vun Zesummeliwen, vu Familljenorganisatioun favoriséieren. Mir wëllen, dass déi Diskussioun ophält: gutt Mamm, schlecht Mamm. Mir wëllen, dass déi Jugementer ophalen. Et ass elo héich Zäit dofir!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- An dass mer d'Leit och hei am Land fräi hiert Liewe liewe loossen. Mir ginn hinnen d'Méiglechkeet, sech fräi ze organiséieren. Mir féerden iwwer e verbesserte Congé parental, dass souwuel d'Mamm wéi och de Papp eng Zäitche doheem bleiwe kënnen bei hirem Kand. Mir wëllen, dass all Kand - mir wëllen, dass all Kand! - déiselwecht Chancen huet am Liewen, an net nëmmen déi Kanner reell Zukunftschancen hunn, déi an engem favoriséierte Milieu op d'Welt komm sinn!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Dofir verbessere mer d'Rahmedéengungen a mir diskutéieren elo scho mat de Sozialpartner iwwer eng Adaptatioun vun den Aarbechtszäiten, jee nom Alter vum Kand.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä an Zwëschenzäit schaaft Der schonn d'Allocation d'éducation of!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Ech verstinn de Sinneswandel vun de Kollege vun der CSV awer net, huet dach de Chancëgläichheetsministère an de leschte Joren eng Rei Campagné gestart, fir Fraen ze motivéieren, zrëck op den Aarbechtsmaart ze kommen. An dat soll elo alles falsch gewiescht sinn? Neen!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- „Zréck“ op den Aarbechtsmaart ze kommen!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Fir elo mordicus wëllen d'Mamme bei hire Kanner ze halen, ass eng politesch Dréiung vun 180 Grad, déi schwéier ze erklären ass! D'CSV seet, d'Eltere bräichte virun allem Zäit. Dat ass richtig! A firwat huet d'CSV dann net schonn an deene leschte Joren de Congé parental probéiert, méi flexibel ze gestalten?

Wien huet an engem CSV-Blat geschriwwen: „Mat guddem Wëssen, mat guddem Gewësse schaffen goen, well d'Kanner gutt betreit sinn.“? Dat war d'CSV-Vizepräsidentin an hirer Fonctioun als Schäffen zu Jonglënster. An dat soll elo alles falsch gewiescht sinn?

D'CSV schéngt hir Politik aus der Vergaangenheet net méi esou ganz eescht ze huelen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat ass net falsch. Et ass just, datt mer de Choix gär géife loossen!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Mir hunn den Ausbau vun Dausende Plazen a Crèche souwéi an de Maisons relais ëmmer ënnerstëtzt. An der Vergaangenheet huet d'CSV-Familljeministesch d'Elteren encouragéiert, d'Offer vun de Crèche-plazen ze notzen. An dat soll elo alles falsch gewiescht sinn?

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir wëllen de Choix!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Mä am Géigesaz zur CSV wäert dës Regierung an de Betreierungsstrukturen och Qualitéitskritäre verlaangen. An déi ënnerscheede sech däitlech vun deene Kritären, déi et bis elo gouf, wéi zum Beispill, wéi

héich eng Toilett muss an enger Maison relais oder enger Crèche hängen.

Erlaabt mer awer, op eng weider Propos vun der CSV hinzeweisen. Wien huet déi gratis Kannerbetreuung an Aussicht gestallt? Dat war den Här Statsminister Juncker a senger Ried zur Lag vun der Natioun 2009.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Baum** (DP).- An dat soll elo alles falsch gewiescht sinn?

► **Une voix**.- Bestëmmt net!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et sinn awer net déi vun engem bis dräi Joer. A mat deene Konditiounen, datt et finanziell méiglech wär.

#### (Interruptions diverses)

► **M. Gilles Baum** (DP).- Op kee Fall.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä loosst lech net stéieren!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Här President, d'DP ass natierlech fir de fräie Choix. An an Zukunft soll jiddweree fräi entscheeden, wéi e seng Kanner versuergt.

An eiser Gesellschaft gëtt et déi ënnerschiddlechste Forme vun Zesummeliwen. An et ass un der Zäit, dass mir eis de gesellschaftleche Realitéiten upassen. Et muss ee vill méi Viraussetzunge schafen, fir déi Diversitéit vu Liewensmodeller ze ënnerstëtzen, déi et an der Gesellschaft ginn. Dat traditionellt Familljebild, wou de Papp schaffen geet an d'Mamm doheem bleibt, verschwénnt lues a lues.

Beim Congé parental gëtt de Montant ëm 143 Euro de Mount eropgesat op 1.921 Euro, dat heescht, op d'Héicht vum onqualifizéierte Mindestloun. De Congé parental, esou wéi en elo besteet, dat heescht, entweder sechs Méint ganz beim Kand ze si respektiv zwielef Méint hallef, bleibt bestoen. Dernieft sinn awer eng ganz Rei vun anere Modeller méiglech, déi et béiden Elteren erlabe sollen, Zäit ze hunn, fir sech ëm hire Puppelchen ze këmmern.

E Wuert nach zum Kannergeld. D'Kannergeld gëtt net gekierzt! Ewéi ugekënnegt, gëtt de System vum Kannergeld reforméiert. E gëtt vill méi vereinfacht. Amplatz verschidde Prestatiounen ze bezuelen, wéi d'Kannergeld, de Boni an esou weider, gëtt alles zesummegeschloen, fir dass d'Elteren an Zukunft nach just ee Montant iwwerwiese kréien.

Nodeems festgestallt gouf, dass méi Kannergeld pro weidert Kand den Taux vun de Gebuerte sécher net eropsetzt, an dass en zweet Kand net méi kascht wéi en éischt, wäerten déi Kanner, déi an Zukunft op d'Welt kommen, alleguer deeselwechte Montant kréien. D'Kannergeld gëtt souguer ganz licht eropgesat. Mä duerno kritt all Kand datselwecht, well schlisslech ee Kand esou vill wäert ass wéi dat anert.

Ze ënnersträiche bleibt, dass mir weiderhi wäerten dat héchste Kannergeld an der Groussregion an an der Europäescher Unioun behalen. D'Sachleeschunge sinn an de leschte Joren terribel ausgebaut ginn. A mir bezuelen eleng ronn 250 Milliounen u Chèques-services. Dës Regierung huet sech virgeholl, d'Sachleeschungen nach weider auszubauen, ënner anerem mat Gratisstonne fir Kanner tëschent engem an dräi Joer a Betreierungsstrukturen.

Et wäert dofir net esou sinn, dass d'Kanner manner Kannergeld kréien. Ënnert dem Stréch kréie se däitlech méi! Mir wäerten dat héchst Kannergeld behalen an et wäert keen eppes verléieren. Déi Rechnung, déi gemaach gouf hei vun der Oppositioun, ass deemno komplett eesäitig, well se seet, d'Leit géifen eppes verléieren, wat net de Fall ass. Well kee kritt eppes ewechgeholl.

An zweetens ass an där Rechnung...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat hu mer och net...

► **M. Gilles Baum** (DP).- ...Rechnung vun der Oppositioun...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat hu mer och net gesot. Dir musst zwar e weineng lauschten he, respektiv korrekt sinn!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Am Volet (veuillez lire: an der Rechnung) vun der Oppositioun ass dee ganze Volet vun de Sachleeschungen einfach net mat agerechent ginn, wat einfach intellektuell onéierlech ass.

Mir stellen awer och fest, dass, trotz deem generéise Kannergeld an anere Geldleeschungen, finalement mir et nach ëmmer net paken, fir de Kanner hei am Land déi beschte Startchancen an d'Liewen ze ginn. De Schouléchec ass nach ëmmer reell. Mir wëssen, dass





10% vun de Schüler nach ëmmer ouni Diplom d'Schoul verloossen. 70% redoubléieren op d'mannst ee Schouljoer! Si scheiterten dacks un deenen héije sproochlechen Ufuerderungen.

Dofir muss mer d'Kanner esou fréi wéi méiglech un de Multilinguisme, dee Lëtzebuerg ausmécht, eruféieren. D'Kanner solle kënnen am Alter vun engem bis dräi Joer, iwwer eng qualitativ héichwäerteg Sproochföderung, souwuel mam Lëtzebuergesche wéi och mam Franséische familiariséiert ginn. Well am Alter vun engem bis dräi Joer den Zougang zu de Sproochen ganz licht ass, wëlle mer déi Chancen notzen, fir hinne besser Chancë fir de Start an d'Liewen ze ginn.

Ab der Rentrée 2016-2017 wäerten d'Kannereschent engem an dräi Joer während de Schoulstounne kënnen vun enger gratis bilingueller Kannerbetreuerung profitéieren. Ech widderhuelen: Si kënnen dovun profitéieren.

Ech sinn awer och fest iwwerzeegt, dass, falls d'Kollege vun der CSV erëm eng Kéier sollten an der Responsabilitéit sinn, si net eng vun de Mesuren aus dem Zukunftspak, net eng eenzeg wäerte réckgängeg maachen, och net an der Familljepolitik!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Sous condition, datt Der déi do emol hikritt!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Loosse mer, fir ofzeschléissen, soen, dass ech frou sinn, dass dës Regierung elo endlech de Wee fënnt, deen eist Land esou dréngend gebraucht huet. D'Wuelbefanne vun de Kanner an de Mëttelepunkt ze setzen, a Sachleeschungen ze investéieren, déi hinne déi beschte Startchancë ginn, dat war längst iwwerfällg.

Mir maache keng Politik fir eis, mir maachen eng Politik fir déi kommend Generatiounen!

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Lies.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wäert mech elo de Mëtten haaptsächlech op de Beräich vum Logement, deen am Kader vun dësem Budget opgestallt ginn ass, fokusséieren.

Bei der Lektür vun deenen 258 Spuermesuren an notamtam deene fënnf Spuermesuren am Beräich vum Logement hunn ech mir d'Fro gestallt: Wou wëllt d'Regierung dann an dësem Beräich Aspuerunge maachen? Wëssend, datt de Logement dach zu enger vun den Haaptprioritéiten vun dëser Koalitioun gehéiert.

Vun deene fënnf Poste sinn dräi Posten, déi praktesch net zu Buch schloen, wat de Spuerrefort ugeet. D'Posten 181 an 183 hunn awer meng Opmierksamkeet ervirgeruff, well do Montanten drastinn, déi dach substanzuell sinn. D'Spuermesure Nummer 181 kënnegt un, datt de Käschtepunkt pro Meter carré beim Bau vu subventionéierte Wunnenge soll plafonéiert ginn. Wunnengen, déi am Kader vun de Projets de construction d'ensembles de logements gebaut solle ginn.

Menges Wëssens sollt de Präis beim Bau vun 2.500 Euro de Meter carré op 2.300 de Meter carré erofgesat ginn. Un a fir sech och eng begrëssenswäert Mesure, an dëst nom Motto: „méi mat manner“. Eis Iwwerraschung war awer ëmsou méi grouss, wéi d'Madame Minister op Nofro vun der CSV-Fraktioun an der zoustänneger Chamberskommissioun ugekënnegt huet, datt dës Mesure géif fale gelooss ginn. Mat der Erklärung, datt d'Hausse vun der TVA dës ugekënnegt Spuermesure géif absorbéieren.

Esou wäit, esou gutt. D'Fro, déi ee sech hei awer stelle muss: Firwat gouf dës Posten 181 dann iwwerhaupt nach an de Pak vun deenen 258 Spuermesuren mat erageholt? Zanter geraumer Zäit ass dach bekannt, datt d'TVA am Beräich vum Logement, vum Locatif, vun 3 op 17% soll an d'Luucht goen. Dës Hausse gëllt fir all Akteur bei Neibauten. Mir sinn awer der Meenung, datt dës Reflexioun, wat de Meter-carrés-Präis ugeet, richteg ass, wëssend, datt de Promoteur privé méi bëlleg baue kann. Wann ee mat engem private Promoteur schwätzt, do gëtt regelméisseg vun engem Präis ëm déi 1.500 Euro de Meter carré geschwat respektiv souguer nach ënnendréiner.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt hei gär ee klengt Rechebeispill ginn, fir dat Ganz besser ze verstoen. Huele mer einfach un, de Stat géif soen: De Subsid vu 70% respektiv vu 75% gëtt just nach op engem Montant vu maximal 2.000 Euro de Meter carré beim Neibau ausbezuelet, amplat vu méi wéi 2.500 Euro de Meter

carré, wéi dat haut de Fall ass. Beispill: Bei engem Bau vun 1.000 Wunnengen, mat enger Moyenne vun 100 Meter carré, wat 100.000 Meter carré erginn, multiplizéiert mat 500 Euro de Meter carré an dorop 70% gerechent, da kéint heiderch ee Spuerereffort vu sage und schreibe 35 Milliounen entstoën.

Ech mengen dat, Här Bodry, och zu den Aussoen, wou een eventuell kéint aspueren, wann ee sech effektiv déi dote Reflexioun eng Kéier géif maachen, an och kucke mat de Promoteurs publics zesummen, fir effektiv eng Form ze fannen, wéi ee méi bëlleg kéint bauen. Ee Promoteur privé, ob dat elo deen een oder deen aner ass, ech mengen, do kënn Der mat jiddwerengem schwätzen, déi komme mat ronn 1.500 Euro de Meter carré zu Wee.

An der Mesure 181 stounge fir d'Joer 2015 1,3 Milliounen un Aspuernis. Déi Joren drop sollte jeeeweils knapp iwwer 2 Milliounen agespuert ginn. Mat eiser Iwwerleeung kéint an deenen nächste Joren nach vill méi agespuert ginn.

Bei der Spuermesure Nummer 183 gëtt ugekënnegt, datt een Deel vum Subventionnement vum Pacte Logement geholl soll ginn, fir Projets de construction d'ensembles ze finanzéieren. Datt nach méi an de Beräich vum subventionéierte Wunnengsbau investéiert soll ginn, ass definitiv positiv ze bewäerten.

Kuckt een am Budget an am Plan pluriannuel, wéi de Betrag vum Pacte Logement sech iwwert déi kommend Joren entwéckelt, da gesäit een, datt de Budget weider an d'Luucht geet. Am Budget 2014 ginn 43 Milliounen ausbezuelet. De Budget 2015: plus 2 Milliounen, op 45 Milliounen. Budget 2016: 48 Milliounen, ee Plus vun 3 Milliounen. An de Budget 2017: 48 Milliounen. Eréischt ab dem Joer 2018, mam Auslafe vum Pacte Logement, soll de Montant op 38 Milliounen erofgoen.

Hei muss eis d'Madame Minister erklären: Wéi kann een op engem Poste spueren, wann dës Budgetposten op där anerer Säit iwwert déi nächst Jore weider an d'Luucht geet?

Ënnert dem Stréch ginn d'Attributiounen un d'Gemengen an deenen nächste Joren am Kader vum Pacte Logement an d'Luucht. An Ënnert dem Stréch gëtt de Stat och méi Suen aus fir de subventionéierte Wunnengsbau.

D'Spuermesure Nummer 181 gouf fräiwëlleg vun der Logementsministesch op Äis geluecht, mat der Begrënnung, datt d'TVA Logement an d'Luucht geet.

D'Spuermesure Nummer 183 ass eng Mogleckung an entsprécht net der Realitéit.

D'Spuermesuren am Beräich vum Ministère du Logement si soss näischt wéi Bluff, genausou wéi d'Annonce vun deenen zéngtausend subventionéierte Wunnengen, déi schnellstméiglech solle gebaut ginn.

Et fret ee sech am Endeffekt: Wat bleift iwwerhaupt vun deenen 258 Spuermesuren nach rescht, wann een all eenzel Spuermesure eng Kéier genau ënnert d'Lupp hält? Am Beräich vum Logement sinn dat fir d'Joer 2015 6,3 Milliounen, déi aus deem sougenannten „Spuerereffort“ ewechfalen. Tëscht de Joren 2016 bis 2018 sinn dat ëmmerhin 19,5 Milliounen!

Datt d'Regierung weider Efforten am Beräich vum subventionéierte Wunnengsbau wëllt maachen, ënnerstëtzt d'CSV-Fraktioun ausdrécklech. Wann awer Ekonomien bei der Ëmsetzung ze maache sinn, da sollt een dat och verstärkt analyséieren.

Ufanks vun dësem Joer gouf eis vun der Madame Minister gesot, datt d'Gesetz vum Mietzuschuss schnellstméiglech sollt ëmgesat ginn. An der Logementskommissioun um 26. Februar an an der Sëtzung um 23. Oktober gouf eis, op Nofro, gesot, datt dëst Gesetz bis Enn vun dësem Joer misst prett sinn. Dëst gouf vum Budgetsrapporteur dësen Dënschdeg och nach eng Kéier bestätegt, datt d'Amendement um Text bis Enn vun dësem Joer sollten ofgeschloss sinn. Mir sinn elo Enn des Joers an et läit nach ëmmer keng definitiv Versioun vir!

Zu eiser gréisster Iwwerraschung steet am Budget 2015 an am Plan pluriannuel awer iwwerhaupt kee Kredit, fir dës Mietzuschuss kënnen ausbezuelen. Ech mengen, hei läit d'Fro no, well d'Madame Minister ass elo net do, ob dann iwwerhaupt de Wëllen do ass vun dëser Regierung, fir de Mietzuschuss anzeféieren.

Den Här Berger huet gëschter vun der Klimabank geschwat, datt déi schnellstméiglech soll kommen. Och hei waarde mir mat Impatience op déi jeeweileg Texter, wëssend, datt de Projet de loi 6583 iwwert d'Promotion du logement et de l'habitat durables zanter annerhallwem Joer déposéiert ass.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Hausse vun der TVA Logement op d'Zweetwunnengen huet fir d'CSV-Fraktioun néfaste Niewewierkungen, wat d'Präisentwécklung ugeet a wat d'Loyerspräisser

ugeet. Vun der ganzer Regierung gëtt praktesch unisono deklaréiert, datt dës TVA-Hausse keng Inzidenz op d'Präisser hätt, de Marché vun der Offer a vun der Demande géif dat scho regelen.

De Budgetsrapporteur huet och a senger Interventioun d'Präisdeierecht am Beräich vum Logement nach eng Kéier ervirgehuewen. Wéi kann d'Regierung awer behaupten, datt dës Hausse keng Inzidenz op d'Präisser hätt, wann net emol usazweis eng Impaktstudie heiriwwer gemaach ginn ass?

De Wirtschafts- a Sozialrot kritiséiert dëst och a schreift a sengem Avis, datt d'Regierung just dorop fokusséiert ass, ronn 60 Milliounen weider schnellstméiglech an de Statsbeidel ze kréien. D'Handwierkerkummer monéiert, datt d'Hausse vun der TVA sécherlech och een negativen Impakt op d'Handwierk wäert hunn.

Wat d'Risiken an d'Niewewierkungen vun dëser Hausse kéinte sinn, dat gëtt komplett ausgeklammert. Hei kann ee just soen: navigation à vue.

An Zäiten, wou d'Präisser nach weider an d'Luucht ginn, ass et eiser Meenung no ee falsche Message un de Marché, fir den TVA-Saz vun 3 op 17% an d'Luucht ze setzen. Och wann ee Moratoire bis Enn 2016 elo décidéiert gouf, dee mir ausdrécklech begrëissen.

Här President, ech reechen lech hei eng Motioun eran,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- ...woumat mir d'Regierung invitéieren, d'Mesure Nummer 181 bäizebehalen, wat de Meter-carrés-Präis beim Neibau ugeet - ech hunn lech d'Rechebeispill virdru ginn. Do sinn definitiv Ekonomien ze maachen. Wann een dat verstärkt mat de Promoteurs publics kuckt, mengen ech, ass et sécherlech méiglech, de Meter-carrés-Präis erofzedrécken -; d'Mesure Nummer 183 ze suppriméieren, well dëst ass a Realitéit kee Spuerereffort, an drëtens d'Hausse vun der TVA net ze applizéieren, well dëst eiser Meenung no de falsche Message un de Marché ass, zu enger Verdeierung beim Bau vun Zweetwunnenge féiert a sécherlech och eng Inzidenz op d'Loyerspräisser wäert hunn.

#### Motion 4

(Volet Logement)

La Chambre des Députés,

- constatant que sur les 258 mesures de redressement des comptes publics 5 concernent le domaine du logement;

- constatant ainsi que la mesure 181 concerne la baisse du plafond par mètre carré pour le subventionnement de projets de construction d'ensembles de logements;

- saluant que cette mesure contribue à baisser effectivement le coût de la construction;

- prenant acte que Madame la Ministre du Logement a déclaré, lors de la réunion de la Commission du Logement du 23 octobre 2014, que cette mesure sera mise en suspens, dû à la hausse de la TVA qui absorberait l'effort de réduction prévu par la mesure 181;

- constatant qu'il y a certainement des promoteurs privés qui ont les moyens d'achever des constructions pour des prix inférieurs à 2.500 euros par mètre carré;

- constatant encore que la mesure 183 concerne l'utilisation d'une part du subventionnement «Pacte logement» pour le financement des projets de construction d'ensembles de logements subventionnés;

- constatant que les crédits destinés au financement du «Pacte logement» vont encore progresser jusqu'en 2017;

- concluant dès lors que la mesure précitée ne parviendra pas à réaliser le but escompté, à savoir une économie budgétaire;

- prenant de surcroît en considération la hausse du taux de TVA sur la construction de logements locatifs;

- constatant qu'aucune étude d'impact n'a été réalisée en vue de quantifier l'impact de cette hausse sur les prix de l'immobilier;

- constatant que cette décision est en contradiction avec l'annonce du Gouvernement de vouloir promouvoir la création de logements locatifs;

- estimant que la hausse de la TVA va engendrer une hausse des loyers et une diminution de l'activité et ainsi de l'emploi du secteur de la construction;

- saluant que le régime actuel reste, à titre transitoire, applicable jusqu'au 31 décembre 2016;

- constatant que la hausse de l'enveloppe budgétaire totale du Ministère du Logement s'élève pour 2015 à +14,8 millions d'euros, soit une augmentation de +10,9% par rapport au budget voté 2014;

- estimant que cette progression va être majoritairement absorbée par la hausse de la TVA logement;

invite le Gouvernement

- à maintenir et à exécuter la mesure 181 des mesures de redressement des comptes publics qui a pour finalité de réduire le coût de construction par mètre carré;

- à supprimer la mesure 183 des mesures de redressement des comptes publics;

- à ne pas appliquer la hausse du taux de TVA sur la construction de logements locatifs.

(s.) Marc Lies.

Datt awer nach vun eise Premierminister an eise Finanzminister behaupt gëtt, datt d'Hausse vun der TVA, dat huet haut de Moien och schonn den Här Reding vun der ADR monéiert, just eng Inzidenz hätt op déi Leit mam décke Portmonni, an datt déi Leit, déi fir eegen Zwecker bauen, näischt heivu géife matkréien, dat ass eiser Meenung no awer Polemik pur! An dat beweist och déi Question parlementaire, déi den Här Gilles Roth an d'Madame Aderm am Oktober eragereecht hunn, wou dra confirméiert ass, datt den Taux super-réduit vun amplat 416.666 Euro just nach op 357.142 Euro wäert ugewannt ginn.

Aus dësem Grund, Här President, reechen ech lech déi zweet Motioun eran an invitéieren d'Regierung,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- ...de Fräibetrag vu 50.000 op 60.000 Euro eropzesetzen.

#### Motion 5

(Volet Logement)

La Chambre des Députés,

- constatant que la hausse annoncée du taux de TVA à 17% aura un impact en termes de coûts sur les constructions destinées à l'habitation principale;

- constatant que le coût supplémentaire à supporter au niveau des constructions destinées à l'habitation principale résulte du fait que la faveur fiscale en matière de TVA est plafonnée à 50.000 euros;

- constatant qu'on peut actuellement réaliser des constructions pour un montant de 416.666 euros pour profiter de l'intégralité de cette faveur fiscale;

- constatant qu'avec la hausse annoncée du taux de TVA le montant des constructions pouvant bénéficier de la faveur fiscale diminue à 357.142 euros;

- constatant que le Gouvernement a décidé que la faveur fiscale dans le contexte de la création de logements servant d'habitation principale dans le chef du propriétaire est maintenue à 50.000 euros;

- constatant partant que le coût du logement va donc considérablement augmenter;

- constatant que cette décision va entre autres pénaliser les jeunes respectivement les jeunes familles désirant acquérir des constructions leur servant de résidence principale;

invite le Gouvernement

- à porter la limite de la TVA remboursable par logement créé ou rénové de 50.000 euros à 60.000 euros, afin de tenir compte de la hausse sensible de la TVA à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2015; et

- à modifier l'article 1<sup>er</sup> du Règlement grand-ducal du 21 décembre 2012 modifiant le Règlement grand-ducal modifié du 30 juillet 2002 concernant l'application de la taxe sur la valeur ajoutée à l'affectation d'un logement à des fins d'habitation principale et aux travaux de création et de rénovation effectués dans l'intérêt de logements affectés à des fins d'habitation principale et fixant les conditions et modalités d'exécution y relatives en remplaçant les termes «cinquante mille euros» par ceux de «soixante mille euros».

(s.) Marc Lies.

De Gesamtbudget 2015 fir de Beräich vum Logement gesäit eng Hausse par rapport zu 2014 vun 11% vir. Duerch den Ëmstand, datt d'TVA ëm 14% an d'Luucht geet, gëtt ee groussen Deel vun der budgetärer Hausse absorbéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss a stelle fest, datt dës Spuerpak am Beräich vum Logement net duerchduecht an net transparent ass. Ech stellen och fest, datt hei eng Milchmädchenrechnung opgestallt ginn ass, déi definitiv net der Realitéit entsprécht. Hei wier vun der Regierung eng méi transparent an éierlech Approche ze begrëssen. De Sujet vum Logement ass eemol ze vill eescht, fir de Leit just wëlle Sand an d'Aen ze streeën!

► **Une voix**.- Dir musst dat grad soen!

(Interruption)

► **M. Marc Lies** (CSV).- D'Hausse vun der TVA Logement um Bau vun Zweetwunnengen ass an Zäite vu Prekaritéit de falsche Message





un de Marché an ass absolut a Kontradiktioun zu deem, wat d'Regierung propagéiert.

Aus dësem Grond, Här President, reechen ech lech een Amendement eran...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV).- ...vum Artikel 6 Punkt 3 vum Paragraf 4, wat d'Applikatioun vun der TVA am Kader vum Budgetgesetz ugeet. D'Hausse vun der TVA ass a Kontradiktioun zu deem, wat d'Regierung propagéiert. Aus deem Grond invitéiere mir d'Regierung, dës Mesure ze suppriméieren.

#### Amendement 1

*Projet de loi n°6720*

*Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015*

*(Volet Logement)*

*Amendement concernant l'article 6 - Modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée*

*Article 6, paragraphe 4, point 3*

*Le paragraphe 4, point 3 de l'article sous rubrique est à supprimer.*

*Commentaire:*

*Le point 3 du paragraphe 4 a pour objet d'assurer que l'application du taux super-réduit de trois pour cent en matière de logement soit désormais réservée aux seuls logements servant d'habitation principale dans le chef du propriétaire du logement. Ne bénéficient ainsi plus de la faveur fiscale les logements mis à la disposition de tiers, à l'exception toutefois des travaux de rénovation effectués en rapport avec ces logements. Le projet de loi prévoit dans ce contexte, à titre transitoire, que le régime actuel reste applicable jusqu'au 31 décembre 2016.*

*La hausse du taux de TVA sur l'acquisition de logements locatifs est en contradiction avec l'annonce du Gouvernement de vouloir promouvoir la création de logements locatifs. Cette hausse risque d'engendrer une hausse de prix de loyer et une diminution de l'activité du secteur de la construction ainsi que de l'emploi du secteur de la construction. A noter encore que la hausse généralisée de la TVA va également toucher les particuliers qui construisent ou achètent des biens immobiliers pour leur propre compte car le montant maximal de la faveur fiscale de 50.000 euros ne sera pas revu à la hausse.*

*Au vu de ce qui précède, il est proposé de supprimer le point 3 du paragraphe 4 de l'article 6 de la loi budgétaire sous rubrique.*

*(s.) Marc Lies.*

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Lies. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alexander Krieps.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Här President, Dir Dammen an Hären, ech soen lech Merci. D'Madame Hemmen huet mech grad drun erënnert, ech hu keng Bicher mat op d'Tribün bruecht, mä ech wäert lech awer e puer historesch Bicher erklären.

Wéi ech de Moien erëm iwwert den Izegerstee an d'Stad gefuer sinn, ech hat och eng Kackéisschmier giess de Moie fréi, hunn ech um Radio héieren, dass d'Oppositioun net u Kritik gespuert hätt gëschter. Dunn hunn ech mer geduecht, dass, wann d'Oppositioun, déi heiteg Oppositioun, déi 35 Joer an der Regierung souz an dominant Partei war, wa se déi 35 Joer gespuert hätten, hätte se gëschter keng Kritik brauchen auszeüben.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Mäi Frënd Gusty Graas huet gëschter Zuele genannt vun der éffentlecher...

#### (Interruption)

De Moien, jo! ...vun der éffentlecher Schold a vun hirer Evoluitioun. Eng hallef Milliard 2011. 4,5 Milliarden 2012. 3 Milliarden 2013, fir lafend Käschten ze decken! A glécklecherweis huet natierlech déi Haaptoppositiounspartei eppes vun de Finanze kannt, well stellt lech vir, se hätten näischt dovunner kannt! Da wär et nach vill méi schlëmm ginn!

#### (Hilarité)

Mä dat gesot, huet een dann och e puer Saachen héieren, dass an der Preparatioun vum Budget d'Gewerkschaften, d'Zivilgesellschaft an esou missten agebonne ginn. 1999, an der Budgetskontrollkommissioun, ënnert dem Virsëtz vum Jeannot Krecké, ass deemools schonn dovun geschwat ginn, en hollännesche Modell - net dee schwedeschen -, en hollännesche Modell ze poursuivéieren, deen deemools schonn d'Parlament agebonnen huet an d'Regierungsbudgeten.

An ech mengen, mir sinn, 15 Joer duerno, do nach net ukomm. Well ech hätt och léiwer, dass ons Chamberskommissioun geéfen an de Budget agebonne ginn, wéi verschidden aner Organisatiounen!

Dat nämlecht gëllt och fir onsem Kolleeg Roth seng Ausféierungen zu de Steieren. Déi lescht Steuerreform datéiert vun 1990! Dir kënnt lech jo drun erënnere, wéi mäi Kolleeg Henri Grethen gesot huet, et wier eng „kathoulesch“ Steuerreform. Dir kënnt lech dat jo erënnere? An dat ass interessant.

An en huet dann natierlech och, den Här Roth, Themen opgewiermt - lerschaftssteier, Räichesteier an nach x aner Steieren. Ech mengen, dat wär fir Är nächst Regierungsbedeelegung. Dat schéngt zwar nach net fir muer ze sinn! Dat kënnt Der dann aféieren.

D'Oppositioun huet den Zukunftspak vun der Regierung kritiséiert, haaptsächlech d'Schoulpolitik an d'Kannerversuergung. Ech sinn och frou, dass mäi Frënd, de Gilles Baum, elo Stellung do zu der Kannerversuergung geholl huet.

Ech kéint lech awer och e bëssen un de Vergaangenheetspak an der Schoulpolitik erënnere. Dir wësst jo, dass mer virun 20 Joer eng Schoulpolitik haten, déi d'Integratioun vun den Auslännerkanner guer net gefërdert huet, an déi huet deemools 30 Joer laang d'Gemengstrueweile gelooss mat den Immigrantekanner, ouni hinnen ze hëllefen. An Dir hutt souguer et esou wäit bruecht - an ech zitëieren d'Nimm, mä net gären, well se net hei sinn, fir sech ze verdeedegen -, dass Der am fënneften, sechste Schouljoer keen Däitschprogramm méi als Instruktioun un d'Schoulmeeschteren an d'Léierinne ginn hutt, an dat huet dann à terme dozou gefouert, dass den Opnameexamen huet missen ofgeschaaft ginn.

A wat huet dat alles bruecht? Guer näischt, well et sinn haut nach... Ech hat gëschter eng Patientin, déi ganz houfreg ass, Immigrantebackground. Déi huet zwee Kanner am Koléisch an déi seet dann: „Ma meng Kanner sinn an hire Klassen déi eenzeg portugisesch Immigrantekanner.“ Dunn hunn ech da gesot: „A wéi vill Chineesen an Asiate sinn do?“ - „Oh, där sinn der vill méi do.“ Firwat? Well déi Kanner Lëtzebuergesch schwätzen, ier se an d'Schoul ginn, an do si se besser vertrauden. Mä dat gesot, 30 Joer laang hutt Der se strueweile gelooss, an et waren nëmme déi räich Gemengen, déi sech konnte leeschten, fir dodran ze investéieren.

De Kolleeg Haagen huet mat Recht de Mueren drun erënnert...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Vun do u si mer awer net méi am Éducationnsministère vertrauden. Do sinn awer aner Parteien, déi dem Éducationnsministère ugehéieren.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Jo, mä mir waren net laang dran.

#### (Brouhaha)

Dir waart e Jorhonnert dran.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- 15 Joer, duerno awer net méi. Dir kënnt déi Reproché gär maachen, mä maacht se dann un déi Richteg!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Dir waart e Jorhonnert dran. Da gi mer lech herno d'Lëscht nach. E Jorhonnert! Also fänkt dat do elo net un, well da schwätzen ech nach eng hallef Stonn méi laang!

#### (Brouhaha général)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir hutt ugefaangen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Huelt lech Zäit!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Fänkt dat do net un! Jo, ech huele mer Zäit, Här Gibéryen.

► **Une voix**.- Awer elo net mat him ofschwätzen!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Neen, neen! Also, mir solle jo am Parlament, Här President, diskutéieren hei.

#### (Brouhaha)

Jo, dann diskutéiere mer.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Mä trotzdem adresséiert Der lech un d'Chamber.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Jo, an un lech, Här President, an un lech.

#### (Brouhaha et hilarité)

Dat gesot, jo, de Kolleeg Haagen huet de Moien zu Recht och gesot, dass d'Betribler eng Milliard Subventioun pro Joer kréien. Fir mäin Deel wär ech natierlech och ganz frou, wann ons Cour des Comptes, déi schéngt an de leschte Joren iergendwéi hir Zänn verluer ze hunn, wann déi sech och iwwert de konventionéierte Secteur emol géif informéiere goen,

well mir hunn eng regelrecht Explosioun vun ONGen, Asblen an aneren Organisatiounen, déi zum gréissten Deel direkt vum Stat finanzéiert ginn a wou 80% vum Finanzement an d'Paie geet.

Ech wär interesséiert, ze wëssen, wat an deem Secteur d'Paistruktur ass. Well ech krut e puer Zuele genannt, do ass mir d'Héngerhaut ausgaang, wéi ech dat héieren hunn! Also, ech wär ganz frou, wann dat geschwënn op d'Lëscht kéim. An ech mengen och, dass d'Regierung e Feeler mécht, wa se pauschal den ONGen a verschiddenen aneren Organisatiounen d'Sue kierz. Ech mengen, et wär un der Zäit, fir déi eenzel ze analyséieren an da Mesuren ze ergäifen a Fonctioun vun hirer Leeschtung a vun hirem Déngen.

Virun dräi Woche souz ech samschdes mëttes doheem, ongeféier dräi Wochen, dann hunn ech onse fréiere Statsminister héieren, deen ass als Chefedakter do um Radio annoncéiert ginn.

#### (Hilarité)

Dunn hunn ech mech richteg gefreet op deen. Also, Dir kënnt lech net virstellen!

#### (Hilarité)

An do huet en aganks gesot, e géif kee Wuert verléieren iwwert d'Innenpolitik. Jo, du war ech enttäuscht, dann hunn ech de Radio ausgedréit.

#### (Hilarité)

An dunh hunn ech net méi spéit wéi deen nammlechten Owend héieren, en hätt souss näischt geschwat wéi iwwert d'Innenpolitik.

#### (Hilarité)

En hätt der CSV en haushéije Wahlerfolleg annoncéiert. Ech menge souguer, also ech kann dat hei op der Tribün zouginn, d'CSV ass frou, dass se e lass sinn. Dat soen ech lech och.

A gëschter um „Tageblatt Online“ war en Artikel, Här President: „Juncker: «Ich brauche Geld.»“ Gëschter um „Tageblatt Online“. An ech mengen, wann en europawäit elo Geld sicht: Hei, mir brauchen hei och Geld!

Hei an haut huet d'CSV behaupt, dass ons Regierung souz wär. Ons Regierung ass ee Joer am Amt! Dir souzt 35 Joer an der Regierung elo! An dann hutt...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Si ass awer lues.

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Jo, d'Regierung ka lues sinn, mä d'CSV war nach méi lues.

#### (Hilarité et interruption)

Also, well wann ech lech e puer Beispiller ginn: Reform vun Arméi a Police, Reform vun der Fonction publique, dat dauert nach sechs Joer, bis dat kënnt...

► **Une voix**.- Oh neen!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- ...d'Reform vum Rettungswiesen an esou virun. Dat géif jo en hallwe Mëtteg daueren, bis mer déi all duerchgaange wäeren.

De Sozialdialog, huet mäi Frënd Spautze Marc de Moie gesot, wär dout. Deen ass effektiv scho fënnf Joer dout! Ech ka mech esou ongeféier a mengem Ouer erënnere, et ass gesot ginn, d'Regierung - du war d'DP nach net dran -, déi wär onvirebereet an d'Tripartitte gaang. Dat hutt Der jo och all matkritt! Ech hoffen, dass dat geschwënn eriwwer ass. An dat behaupt och den LCGB.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wéi eng Tripartitten?

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Den LCGB huet natierlech näischt mat der CSV ze dinn, näischt mam Bistum, näischt mam „Lëtzeburger Wort“. Ech hunn awer hir Broschür matbruecht. Dir kritt se herno nach gewisen.

Ech wär och frou, wann d'CSV public maache géif dem Här Frieden seng Spuermoosnamen, déi hie virgesinn hat. Well ech kann lech soen, do wäeren déi heite Spuermoosname Pipifax am Verglach.

An ech hunn lech... Also, wat ech och héieren hunn, Här President, gëschter an haut ass vill rieds gewiescht vun der Steiergerechtegkeet, der Sozialgerechtegkeet. Dat ass alles schéin a gutt. Mä ech hu leider näischt héieren iwwert d'Leeschtungsgerechtegkeet. Dovunner schéngt kee méi wëllen ze schwätzen. D'Leeschtung, déi an der Gesellschaft gefuerdert ass. An och an onse vollekseegene Betribler, déi dem Stat gehéieren a subventionéiert ginn. Do gëtt nach 30, 32 Stonnen d'Woch geschafft, an do verstinn ech d'Welt net méi.

An ech weess, den Här Wiseler huet gëschter, Här President, gesot, d'CSV hätt e puer Alternativen. Ech hu keng héieren, keng ficeléiert Alternativen. Mä en huet e puer gutt Iddien ervirbruecht. Mä do erëm d'Fro: Firwat net éischter? Ech perséinlech gleewe méi un den Zukunftspak, wéi un de Vergaangenheetspak. Dofir loosse mer net duerhin zrëckkommen!

Meng Kolléeg Justin Turpel, Här President, an de Serge Urbany sinn dann natierlech am Joer 2014 nach net ganz vun der Schinn vum Front populaire erofzekeréien. 1936, esou am Stil, „demain on raserá gratis“ oder „Il n'y a qu'à...“. Ech muss zwar soen, ech muss och agestoen, dass verschidde vun hire Remarqué sympathesch kléngen. Si si jo déi zwee, déi déi Aermsten an onser Gesellschaft hei verdeedeegen! Dat wëll ech gesot hunn.

A wou se och recht hunn, dat ass, dass d'Revolutioun all Dag 24 Stonne méi no kënnt. Dat ass an der Logique formelle eng Ausso, déi net ka widderluecht ginn.

#### (Hilarité)

Ech ka mech och erënnere, well de Moien ass jo vill Kritik un der DP gemaach ginn an esou. Mä ech ka mech erënnere, 1978, wou e ganz respektéierte Mënsch, virun deem ech éiweg Respekt wäert behalen, um Perron vun dem Escher Stadhaus... De Kontrakt vun der Tripartite fir d'Stolindustrie ass zerrappt ginn, um Perron vun dem Escher Stadhaus, vun enger Gewerkschaft, vun engem Gewerkschaftspräsident, virun deem ech héije Respekt hunn. Mä dat huet en deemools gemaach, well seng Mammepartei héchstwahrscheinlech net an der Regierung war, well dat war e grouse Feeler.

D'Stolindustrie ass d'ailleurs bis haut net gerett. Dat wësst Der jo alleguer. An ech hunn och haut, dat war désagréabel, haut a gëscht e puer esou Téin héieren, dass d'Gewerkschaften erëm ënner sech net eens sinn. Dat ass relativ désagréabel, well se kréien eng schwéier Zäit.

Hei hunn ech natierlech eng Revue matbruecht, déi datéiert vun ufanks Dezember, an do steet dann uewendrop: „Am Asaz fir Fairness a sozial Gerechtegkeet“. Domadder sinn ech integral d'accord, hunn ech jo net de Rapporteur Franz Fayot an den Haaptoppositiounsspriecher Claude Wiseler héieren, mä Favorit, de liberale Philosoph John Rawls hei ze zitëieren. A seng Haaptausso war: „Fairness geet net ouni Gerechtegkeet.“

Dee Mann ass 2000 gestuerwen an e kouw hei schonn zu Wuert an de Budgetsdebatten 2004, den 10. Dezember 2003. Ech kann lech dat herno dokumentéieren.

Genau wéi dem Här Reding säin Heinrich Heine, deen en tronquéiert zitéiert huet, kouw och schonn am Dezember, den 21. Dezember 2003, hei zu Wuert.

Zum Schluss wollt ech soen, ech wëll lech hei nach e puer Blieder erspueren, well ech hunn elo laang genuch gespuert.

#### (Brouhaha)

Neen, neen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Huelt lech Zäit!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Op lech komme mer nach, mäi Frënd, op lech komme mer nach!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà, huelt lech Zäit!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Mir hunn elo véier Joer Zäit, fir lech ze huelen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Soss sinn ech enttäuscht.

#### (Brouhaha et hilarité)

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Zum Rapporteur Franz Fayot muss ech soen, ech muss em félicitéiere fir seng gutt Aarbecht. An ech soen em dofir Merci, well et war e schwieere Budget, well d'Keesen eidel hannerlooss gi sinn. Dann ass et ëmmer méi schwéier, wéi ze verdeelen. Ech soen och der Rapportrice vum Zukunftspak Merci an ech sprieche mäi perséinlecht Vertrauen un d'Regierung aus a speziell dem Finanzminister.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Krieps. D'nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madame Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll op dëser Plaz kuerz op dräi Punkten agoen:

1. den Enseignement supérieur an d'Recherche,
2. d'Éducation nationale an
3. d'Landwirtschaft.

Ech fänke mam Enseignement supérieur an der Recherche un. Als CSV begrëisse mer et natierlech, datt an dësem Beräich keng wesentlech





Aspuerunge virgesi sinn. Ech weisen hei nach eemol drop hin, datt d'Recherche eis Matière première, eis éischt Ressource ass, déi eis d'Méiglechkeet gëtt, fir eis wirtschaftlech, gesellschaftlech esou ze entwéckelen, wéi mir dat brauchen. D'Investitioun an dëse Beräich, an d'Fuerschung, an d'Héichschoul an domadder och an d'Innovatioun ass also absolut noutwendeg.

Awer zu eenzelne Budgetsposte respektiv Spuermesurë stelle sech allerdéngs eng ganz Partie Froen. Ganz dacks ass kee kloert Konzept erkennbar. Ech wëll dëst just um Beispill vun der Mesure de restructuration 44 „création de l'Institut luxembourgeois de l'Histoire du Temps présent et réorganisation du Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe“ verdäitlechen.

De Regierungsprogramm gesäit d'Grënnung vun dësem neien Institut de l'Histoire du Temps présent vir. Laut dem Här Statssekretär Hansen muss an deem Zusammenhang analyséiert ginn, wéi eng Synergie mam CVCE kënnen genotzt ginn. An hie preziséiert, ech zitieren de Projet vum Procès-verbal vun der Kommissiounssëtzung vum 16. Oktober: „À relever au demeurant que, dans le contexte de la réorganisation susmentionnée, les dotations destinées au CVCE connaîtront une réduction progressive.“

Wat heescht dat elo konkret? Fest steet, datt den neien Institut am Regierungsprogramm virgesinn ass. Fest steet och, datt schonns beim CVCE fläisseg agespuert gëtt, an zwar 400.000 Euro fir 2015. Mä leider steet och fest, datt nach kee Konzept hannert dëser Décisioun stécht.

Ech wëll hei just nach eemol drop hiweisen, datt den CVCE, souwäit ech dat weess, alleguer seng Recommendationen, déi e kritt hat, erfëllt an ëmgesat huet. Wou a firwat also elo spueren? Wat sinn d'Ziler vun deem neien, nach ze grënnenden Institut? Sinn iwwerhaupt Synergie méiglech tëschent dësem Institut an dem CVCE? Opgrond vu wéi engen Donnéeën ass decidéiert ginn, fir de Budget vum CVCE erofzesetzen, fir dësen neien Institut kënnen ze grënnen?

Also ganz vill Froen, leider keng kloer Äntwerten. Wéi vill kascht zum Beispill deen neien Institut? Keng kloer Äntwert.

Da kommen ech awer erëm eemol zu engem Punkt, dee mer als CSV begrëssen, nämlech datt beim MESR en neie Budgetposten, fir d'Recherche am Beräich vun der Landwirtschaft ze fërderen, virgesinn ass. Mir begrëssen och d'Ausso vum Här Statssekretär Hansen. Ech zitieren nach eemol de Projet vum Procès-verbal vun der Sëtzung vum 16. Oktober: „A rappeler en outre que le programme gouvernemental 2013-2018 prévoit la création d'un centre de compétences agricoles sur le nouveau site du Lycée technique agricole.“

Well dës Décisioun awer a leschter Zäit net méi esou kloer confirméiert ginn ass, wéi dat den Här Statssekretär...

### (Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Soll ech waarden, bis den Här Berger sëtzt?

### (Brouhaha)

Sou.

Well also dës Décisioun a leschter Zäit net méi esou kloer confirméiert ginn ass, wéi dat den Här Statssekretär Hansen an der Kommissiounssëtzung virun zwee Méint gemaach huet, déposéieren ech zu dësem Punkt eng Motioun, wou mer d'Regierung invitéieren, esou séier wéi méiglech dëse Centre de compétences um Site vun der neier Akerbauschoul ze realiséieren.

### Motion 6

(Volet Enseignement supérieur)

La Chambre des Députés,

- considérant que le programme gouvernemental prévoit la création d'un centre de compétences agricoles sur le nouveau site du Lycée technique agricole;

- prenant acte que Monsieur le Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche a confirmé ce dernier point lors de la réunion de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace du 16 octobre 2014 dans le cadre de l'examen des volets budgétaires;

invite le Gouvernement

- à procéder dans les meilleurs délais à la réalisation

tion de ce centre de compétences agricoles sur le nouveau site du Lycée agricole.

(s.) Martine Hansen.

An ech wëll zum Här Graas, oder net zum Här Graas soen, mä zum Här Graas senger Motioun vun där leschter Kéier soen, datt de Centre de compétences agricoles fir eis net nëmmen ee Centre de compétences pour conseil intégré ass. Ee Centre de compétences muss méi sinn!

Hei muss et ëm d'Innovationen goen. Hei muss et ëm d'nei Produktionsméiglechkeeten, ëm d'nei Alternative fir d'Landwirtschaft goen. Hei muss et drëm goen, fir Produktiounen, déi do sinn, ze optimiséieren, zum Beispill d'Mëllechproduktioun, fir méi Eewäisfuddermëttel ze produzéieren, fir méi Eewäisfuddermëttel ze produzéieren hei am Land, fir de Sojaakaf u sech kënnen ze reduzéieren. Also ass dat heiten an eisen Ae méi wéi nëmmen ee Centre de compétences u sech fir Berodung.

Op d'Spuermesure a puncto Studentebourse wollt ech haut net méi vill agoen. Als CSV hate mer am Juli zu dësem Projet de loi eng Rei vun Amendementen preparéiert, déi d'Autonomie vun de Studenten méi gefërdert hätten an trotzdeem net méi kascht hätten, wéi den deemolege Gesetzesprojet. Dir kennt also eis Virstellungen.

Erlaabt mer awer, Här President, elo nach eng Kéier kuerz op d'Bemierkunge vun de Moien anzegoen.

Éischtens wëll ech zum Här Berger senger Bemierkung, datt näischt gemaach ginn ass, datt mer laang Zäit gehat hätten, fir eppes ze maachen, soen, datt mer d'lescht Joer déi kuerz Zäit am Juni, Enn Juni ass d'Urteel erauskomm, datt mer du scho reagéiert haten an datt mer am Conseil de Gouvernement scho konkret Iddien haten, wat mer hätte kënnen maachen. Mä eisen deemolege Koalitionspartner wollt net, datt mer esou kuerzfristeg eppes géife maachen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

### (Interruptions diverses)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Zweetens hu mer dëst Joer, an dat muss ech wierklech soen, well dat huet mech rose gemaach, an ech ginn net séier rosen,...

### (Interruptions diverses)

...hu mer x-mol nogefrot, fir kënnen iwwert d'Studentebourssen ze schwätzen an der Kommissioun. X-mol ass den Datum entweder veréckelt ginn oder en ass erëm ofgesot ginn. Den Här Berger sot schlussendlech, et wier net Usus, iwwer e Projet de loi ze schwätzen, ouni datt den Avis vum Conseil d'État do wär. Well ech vläicht nach net esou laang bei der Politik sinn, hunn ech gesot, dat wier mer zimlech wurscht, ob dat Usus wär oder net Usus wär, et wär dréngend a mir missten driwwer schwätzen.

► **Une voix.**- Très bien!

### (Interruption)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn dunn eréischt driwwer geschwat. Zwou Wochen u sech hate mer dunn Zäit, an dunn hu mer och herno eis Amendementen hei an der Chamber déposéiert.

Sou, ech wier och frou, wa mer relativ séier eng Evaluatioun vun dësem neie System an eng detailléiert Analys vum System kéinte kréien. D'Chamber huet heizou eng Motioun gestëmmt, déi den Här Adam déposéiert hat.

Gespuert soll awer elo nach eemol bei de Studenten ginn. An zwar soll all Unerkennung vun engem Diplom oder engem Schouljoer payant ginn. Da sinn ech u sech och schonns beim zweeten Deel vu mengem Beräich, der Educatioun, ukomm, well bei dëser Unerkennung sinn dës zwee Ministère beträff.

De Projet de loi vum Budget gesäit vir, datt all Homologatioun oder Aschreiw vum engem Héichschouldiplom an de Régistre des titres 125 Euro géif kaschten; datt all Unerkennung vun engem eenzelne Schouljoer, Septième, Huitième, Neuvième, Dixième an esou weider oder e Premièresexamen oder eng Berufsausbildung, géif 75 Euro kaschten. Datt fir d'Beruf am Santéberäich, Educateursberäich, Meeschterprüfungen, BTSen et och géif 75 Euro kaschten. Datt, wann awer substanzuell Ennerscheeder am Programm géife bestoen, een da misst ee Stage maachen oder eng Épreuve d'aptitude an datt déi géif 300 Euro kaschten. A wann dann och nach en Droit d'exercer verlaangt ass, géif dat 75 Euro kaschten.

Ech fänken emol bei dësem leschte Punkt un. Dës Prozedur vun Unerkennung bestinn am Moment schonn. Ech sinn awer dovunner iwwerzeegt, datt se sécher verbesserungsfäeg sinn an datt se misste méi transparent organiséiert ginn. Ech ginn lech e Beispill, fir dëst ze verdäitlechen.

Dëst Joer am Fréijoer huet een Här aus Rumänien mech ugeschwat. Hie wunnt schonn eng Zäitchen hei zu Lëtzebuerg, en ass mat enger Lëtzeburger Fra bestuet an en huet a Rumänien e Bachelor gemaach gehat an der Kinésithérapie. Hie wollt also och hei zu Lëtzebuerg schaffen, vu datt en hei wunnt.

Hien ass do bei de Ministère gaangen. Hie krut vum Ministère de l'Éducation nationale gesot, et géife substanzuell Ennerscheeder bestoen an de Programmer an dofir misst en entweder ee Stage maachen oder eng Épreuve d'aptitude. Hien huet no enger Stageplaz gesicht. Dat ass awer zimlech schwierig. En huet och keng fonnt. En huet also dunn eng Épreuve d'aptitude gemaach. En huet déi awer net gepackt an dat wahrscheinlech méi aus Sproochegrënn, wéi aus fachleche Grënn.

Elo huet dee Mann awer Angscht, déi Épreuve d'aptitude nach eemol ze maachen, well dann ass en op eemol écartéiert an da kann e sécher ni méi hei zu Lëtzebuerg schaffen. Elo huet e sech iwwerluecht, wann en da géif ee Master maachen an der Kinésithérapie, ob dann déi substanzuell Ennerscheeder, déi elo bestinn, ob déi da fort wieren. An e wollt awer, ier en dee Master géif ufänken, am Virfeld Bescheed kréien. Bis elo konnt nach keen him do eng Äntwert ginn!

An, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass u sech net normal. Ech denken, wann de Mann herno säi Master gemaach huet, da baséiert sech d'Äntwert, ob den Diplom unerkannt gëtt oder net, jo och op déi bestehend Programmer. Also misst dat och am Virfeld méiglech sinn. Ech mengen awer net, datt do iergendee schlechte Wëlle bei iergendengem Beamte war, mä datt d'Prozedur misst nogekuckt an adaptéiert ginn.

Dat ass nëmmen ee Beispill. Leider awer net dat eenzeg. Ähnlech Beispiller oder Problemer bestinn zum Beispill bei Studenten, déi an Däitschland Logopädie oder Orthophonist léieren. Déi hu Problemer, fir hei eventuell en Droit d'exercer ze kréien.

Well dës Prozedur elo och nach am Fall vu grësseren Differenzen am Léierprogramm 300 Euro kaschte wäert, wëll ech am Numm vun der CSV och zu dësem Sujet eng Motioun déposeréieren, wou mir zu dëser virgeschloener Spuermoosnam am Kader vun der Reconnaissance des diplômes d'Regierung invitéieren, den aktuelle System ze evaluéieren, Verbesserungen am Sënn vun der Transparenz an der Simplification administrative virzeschoen an déi noutwendeg Adaptatiounen ze maachen. Wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

### Motion 7

La Chambre des Députés,

- considérant que pour un certain nombre de professions (par exemple les professions de la santé, éducateurs,...) les autorités compétentes peuvent demander aux candidats de passer une épreuve d'aptitude ou d'effectuer un stage d'adaptation au cas où il existerait des différences substantielles entre la formation acquise dans le pays d'origine et celle exigée au Grand-Duché du Luxembourg;

- constatant que parmi ces professions figurent des professions du secteur de la santé;

- constatant que pour le domaine de la santé, le Luxembourg accuse d'ores et déjà un manque en personnel qualifié;

- constatant que, selon le rapport d'activité 2013 du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, 1.245 demandes pour une reconnaissance d'équivalence ou une assimilation à un diplôme ont été prononcées dans le secteur d'activité «santé et soins»;

- considérant que la reconnaissance engendre le droit d'exercer au Luxembourg pour certaines professions;

invite le Gouvernement

- à évaluer la procédure de la reconnaissance des diplômes et de l'octroi du droit d'exercer;

- à aboutir, par la suite, à des propositions concrètes d'amélioration;

- à engager, le cas échéant, les démarches nécessaires pour modifier la procédure de la reconnaissance des diplômes et de l'octroi du droit d'exercer en ce sens qu'elles permettent une meilleure transparence et une simplification des procédures administratives.

(s.) Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Da kommen ech zum allgemenge Prinzip, datt all Unerkennung vun engem Diplom oder Schouljoer elo muss payant sinn. Prinzipiell fanne mer et als CSV schued, datt d'Diplomer innerhalb vun der EU nach ëmmer net kënnen automatesch

unerkannt ginn. De Bologna-Prinzip schéngt nach net un de Schlussziler ukomm ze sinn.

Mä mir verstinn awer och, datt dës Unerkennung vun engem Service gemaach ginn, dee vill Stonne schaffe muss, fir dëst ze maachen, an datt d'Administratioun Sue kascht. A wann eis Nopeschlänner dës Homologatiounen, dës Reconnaissancë payant maachen, datt dann an Zäiten, wou misst gespuert ginn - ech wëll hei just nach eemol soen, de Stat spuert hei näischt, just de Bierger gëtt eppes méi aus -, dës Iwwerleung vläicht net esou falsch ass.

Op där anerer Säit dierf een d'Spezifisitéit vun eise Land awer net vergëssen. Eist Land, eis Économie, mä awer och dat kulturellt a soziaalt Zesummeliwen, eis Ouverture zu der Welt am Grand-Duché ass sécherlech deelweis drop zrëckzeféieren, datt esou vill vun eise Studenten an d'Ausland studéiere gaange sinn an nach ëmmer ginn. Dat mécht den Image de marque vun eise Land aus, an ech mengen, déi aktuell Regierung hält och dodrunner fest, well schliisslech d'Bourse de mobilité agefouert ginn ass, fir eis Studenten ze encouragéieren, fir an d'Ausland ze goen.

An zweetens: Eist Land, eis Économie brauch ganz vill Leit mat Héichschoulofschloss, an et ass eng Realitéit, datt ganz vill Studiengäng net hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn.

Dofir versti mir als CSV net, wa mer scho kéinte mat deem Prinzip vun den Taxen averstane sinn, datt en Héichschouldiplom, wann een deen unerkennt, wou mer den Héichschouldiplom hei zu Lëtzebuerg brauchen, wou mer eis Studenten encouragéieren, dat ze maachen, datt dee méi deier soll sinn, wéi eng Huitième, eng Neuvième, eng Dixième. Dat ass an eisen Ae weder gerecht nach kohärent, a mir wiere frou, wann dat kéint alles no ënnen ugepasst ginn, datt alles géif deeselwechten Tarif kaschten. Ech weess, domadder spuert een net ganz vill, mä ech géif awer mengen, dat wär sécherlech méi kohärent.

Sou. An der Éducation nationale ginn et weiderhin eng Partie vu Spuermesuren, déi ganz grouss Fragezeichen opwerfen. Ech gi just op eenzelner an.

D'Mesure 118 „tâche de l'enseignant“: De Premierminister, den Här Bettel, sot a senger Deklaratioun zum Budget, ech zitieren: „Am Enseignement secondaire ginn an Zukunft nëmmen nach déi Stonnen ausbezelt, déi och reell prestéiert ginn, an am Fondamental garantéiere mer duerch manner administrativen Opwand a manner Concertatiounen méi Präsenz vun den Enseignantë virun hire Klassen.“

Fir d'Alleréisch wëll ech soen, datt esou eng Ausso, déi den Här Bettel gemaach huet, absolut demotivéierend fir d'Enseignanten ass. Als Politiker muss ee wëssen, datt Enseignant sinn net nëmme Schoulhalen heescht, mä datt vill aner Stonnen, Aarbechten, Concertatiounen an esou weider dozou gehéieren. A wann een esou eng Ausso mécht, da brauch ee sech net ze wonnen, wann eng deementspriedend Äntwert kënnt, nämlech: Da prestéiere mer awer och nach just déi Stonnen, déi tatsächlech bezuelt ginn! Awer wat geschitt da mat all deenen Aktivitéiten, wat net direkt Schoulhalen ass, wat awer d'Liewen an eise Lycéeën ausmécht?

D'Politik, d'Regierung muss oppassen, fir net déi motivéiert Enseignanten ze demotivéieren, andeems datt si den Image vum Enseignant bewosst schielegt. Ech wëll warnen dovur, datt mer an eng ähnlech Situatioun komme wéi an Däitschland. Wat d'Unerkennung vum Berufsstand vun den Enseignanten ugeet, läit Däitschland laut „Spiegel Online“ am Verglach vun 20 Länner op der Plaz Nummer 16. D'Konsequenz: Si hunn e grouse Mangel un Enseignanten.

Mir brauchen awer gutt Enseignanten, mir brauche motivéiert Enseignanten, an de Beruf muss attraktiv bleiwen. An do ass den Image ee vun den Haaptfacturen.

Ech hoffen also just, datt mer eis hei zu Lëtzebuerg net och, an dat mat Hëllef vun der Regierung, an dës Richtung bewegen. Well hei geet et ëm d'Zukunft vun eiser Jugend an deemno och ëm d'Zukunft vun eiser Wirtschaft a vun eise Land. An hei geet et och drëm, datt jiddweree gutt Startchancen huet, wéi mer dat de Mëtteg scho méi dacks héieren hunn.

Dës Ausso, Dir Dammen an Dir Hären, hat awer net nëmme bei eis Staunen a vill Froen opgeworf, mä och bei de Betreffene selwer, well dëst war am Virfeld mat hinnen net ofgeschwat respektiv diskutéiert ginn. Den Här Minister Meisch huet eis an der Kommissioun erkläert, datt d'Berechnung vun dëser Spuermesur géif op der Grondiddi baséieren, fir d'Altersdéchargen ze reduzéieren, datt hien awer do keen Accord fonnt hätt an datt elo Mesurë kéime mat zimlech équivalenten Ékonomien.

Fir 2015 géif dat heeschen, datt ee Coefficient réducteur géif fir d'Enseignantë vun den





Ofschlossexamen agefouert ginn, well dës jo net géife bis zum Schluss vum Schouljoer op deene Klasse Schoul halen. Eng konkret Berechnung mat konkreten Zuele krute mer awer hei net.

Als neie Kompromiss, krute mer du vum Här Minister Meisch gesot, géifen d’Kopien elo méi deier bezuelt ginn an och d’Preparatioun vum Oralexamen géif während dem Joer bezuelt ginn. Och hei hu mer keng konkret Zuelen, wéi een do op d’Spuermeasure kéim.

Elo awer héiere mer, datt d’Majoritéit vun den Enseignanten an Examenskommissionen demissionéiert hunn. Den Accord schéngt also nach net fonnt gewiescht ze sinn. Mir haten heizou och eng Fro un d’Regierung gestallt, wou mer d’Urgence évoquéiert hunn. Och wa mer kënnen akzeptéieren, datt den Här President de Caractère urgent refuséiert huet, esou ass et trotzdeem aktuell an et betrëfft direkt d’Spuermeasure 118.

Laut eise Medien ass och de Moien nach keng Eenegung fonnt gi mat den Enseignantsgewerkschaften. Et geet elo bei de Conciliateur, a mir riskéieren, datt ee vun de Leidtragenden eis Schüler sinn.

Tatsaach ass, datt am Budget mat dëser Measure sollen am Joer 2015 700.000 Euro agespuert ginn, 2016 2,4 Milliounen an 2017 3,5 Milliounen. Dat sinn am Moment just eidel Zuelen. Et stécht absolut kee Konzept hei hannen-drun. Et ass am Moment just een zimlecht Gewull.

Wat soll sech elo konkret un der Tâche vum Enseignant änneren? Dës Fro bleift opstoen. Wat ännert sech am Fundamental? Déi fënnf Minutten méi pro Stonn fir eenzel Schoulstonne kënnen dës Erspurnis net ausmaachen. Manner Concertatioun, huet den Här Bettel gesot. Ass dat sënnvoll, bei där grousser Villfalt vu Schüler?

Dës Concertatioun wär elo, laut Minister Meisch, manner néideg, well een obligatoreschen Appui soll agefouert ginn. Ass dat esou? Mir deelen dës Meenung net. Wat bréngt een Appui, wou erëm déi ganz Klass derbäi ass? Eiser Meenung no pädagogesch ganz fragwürdeg. Firwat soll deen Appui fir jiddwereen obligatoresch sinn?

Den Här Meisch huet mer d’Obligatorescht u sech bestätegt op eng Question parlementaire hin. Mä firwat soll et fir jiddwereen obligatoresch sinn? Familljen, déi hir Kanner kënnen um véier Auer ofhuelen, firwat sollen déi se ne kënnen um véier Auer ofhuelen? Kanner, déi keen Appui brauchen, firwat mussen déi méi laang an der Schoul bleiwen? Also erëm eng Kéier d’Fro: Wou ass d’Konzept? Vill Froen, keng Antworten.

Dir Dammen an Dir Hären, wann Dir moies opstitt an an der Nuecht gedreemt hutt, Dir géift lech e Luxusauto kafen, a wann Der da moies erwächt an decidéiert, Der géift dat awer net maachen, hutt Der dann an Ären Ae gespuert? A mengen Aen net, well da wier et relativ einfach, ze spueren, wann ech 365-mol am Joer een deieren Dram gehat hätt.

#### (Hilarité)

An den Ae vun der Regierung awer dach, sou wéi ech dat kann un der Spuermeasure 121 verdäitlechen. D’Measure 121 „réduction des normes de qualification dans le cadre de l’accueil socio-éducatif“. Well d’Regierung ee Moment dru geduecht hat, fir d’Mindestunzuel vu qualifizéiertem Personal beim Accueil socio-éducatif ze erhéijen a well se dat, wat se ugeduecht hat, fir eventuell ze maachen, elo awer net mécht, gétt an den Ae vun der Regierung pro Joer tëschent 1,2 an 1,1 Millioun Euro gespuert! Eng komesch Spuermeasure!

Eng aner Spuermeasure ass, laut Minister Meisch, einfach iertümlecherweis hei eragerutscht! Dat ass d’Measure 123, wou et ëm d’Fleegefamillje geet.

Do, wou awer extrem vill gespuert gétt ab 2016, dat ass bei der Participatioun vum Stat bei de Käschte vun der Formation continue vun de Betriber. Wann hei sécherlech eng Partie Spuermesurë méiglech sinn, wëlle mer als CSV hei awer nach eemol drop hiweisen, datt an eisen Aen d’Formation continue absolut noutwendeg ass an de Betriber an datt muss opgepasst ginn, datt dës weiderhin och an deene klengen a mëttlere Betriber muss méiglech sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Educatioun si ganz genau aacht Spuermesurë virgesinn. Ausser der Aféierung vun den Taxen ass awer net vill Konkretes derbäi. Eng ass iertümlecherweis eragerutscht, et bleiwen der also nach siwen. Eng ass eng, et nenne se elo emol esou, eng „Luxusauto“-Spuermeasure, da bleiwen der a mengen Aen nach sechs. Vill sinn der eidel Zuelen, vill sinn der emol net chiffriert a villes ass Gewull. A bei esou enge Loftbloemesuren, et deet mer leed, do kann ee keng Amendementer maachen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu mengem drëtten Punkt, der Landwirtschaft.

#### (Coups de cloche de la présidence)

Hei wëll ech... Här President, erlaabt mer just eng Kéier ze soen, datt ech de Moien d’Interventioun vum Här Graas u sech eng komesch Interventioun fonnt hunn, wou et iwwert de Budget sollt goen, wou et dann op eemol iwwert d’Sprëtzmittelgesetz gaangen ass. Ech kéint och elo ee Plädoyer halen, firwat datt ech mengen, datt d’Bauern onzefridde sinn. Ech wäert dat awer hei net maachen, well ech denken, et geet hei ëm de Budget!

Als CSV begrësse mer dem Här Minister Etgen seng Ausso an der Kommissionssëtzung vum 12. November, datt mam Bau vun der neier Akerbauschoul géif 2016 ugefaange ginn. Well awer op där anerer Säit de groussen Deel vum Budget eréischt fir 2018 a méi spéit am Plurianuel virgesinn ass, fuerdere mer d’Regierung op, datt si, fir datt de Bau och kann 2016 ufänken, déi néideg Moyenen dann och zum richtigen Zäitpunkt am Budget virgesäit.

Fir d’Landwirtschaft sinn insgesamt 21 Spuermesurë virgesinn. Och wann déi gesamt Zomm, déi hei agespuert gétt, am ganze Pak vum Statsbudget net vill ausmécht, esou riskéieren dës Mesuren, déi zum Deel aus neien Taxe bestinn, déi zum Deel aus engem Ewechfale vun indirekte Bähëllef bestinn, dach de Landwirtschaftssektor zimlech staark ze treffen.

Dëse ganze Pak vu Mesuren ass dann och nach zousätzlech dacks esou ontransparent formuléiert, datt een och mat vill Fantasie net onbedéngt weess, wat derhannertstécht! Et ass och vläicht bewosst esou gemaach, fir datt een ëmmer kann dat derhannertstiechen, wat een dann herno eng Kéier wëllt!

Déi gréisste Spuermoosnam an dësem Pak ass d’Measure 212. Si heescht „révision du régime des aides d’État“. Dat ka villes sinn - op deen éischte Bléck an op deen zweeten och nach. Mä den Här Minister Etgen sot eis, datt et sech hei géif ëm d’Ofschafe vun der sougenannter „Stroumbähëllef“ handeln. Den Här Graas huet dat de Moien och scho prezisiéiert.

Och nach eng Kéier als Erënnerung: Dës Stroumbähëllef ass ausbezuelet ginn, well d’Bauern Terrainen zur Verfügung gestallt hunn, fir d’Stroummasten an esou weider opzeiichten. Dëse Prinzip gétt et net nëmmen hei zu Lëtzebuerg. Och a Frankräich gétt et eng „indemnisation pour le passage de lignes électriques“. Ech wëll gäre wëssen, wann dës Bähëllef net méi ka bestoe bleiwen, esou wéi den Här Minister Etgen dat seet, ob d’Regierung iwwer eng aner Aart vun Entscheedung nodenkt.

D’Propos, déi den Här Etgen gemaach huet, fir en contrepartie den Undeel, deen de Stat iwwerhëlt bei der Assurance multirisque, ze erhéijen, ka keng Léisung sinn. D’Stroumbähëllef treëft virun allem d’Véibauern an d’Assurance multirisque treëft virun allem d’Akerbaueren. A wann dann d’Véibauere gäre wëlte méi dovunner profitéieren, da misste se sech iwwerleeden, fir nach iergendwellech Assurancen ze maachen, da wier awer wahrscheinlech deen, deen am meeschte géif profitéieren, eis Assurancégesellschaften!

An zousätzlech wëll ech och nach bemierken, datt dës Erhéijung net am Budget virgesinn ass. An deem Zesummenhang deposéieren ech nach eng Motioun, wou mer d’Regierung opfuerderen, fir eng alternativ Entscheedungsméiglechkeet fir d’Zurverfügungstellung vun den Terraine virzeschloen. Wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

#### Motion 8

(Volet Agriculture)

La Chambre des Députés,

- *considérant que la mesure de redressement des comptes publics n°212 «Révision du régime des aides d’État» concerne le secteur de l’agriculture, de la viticulture et de la sylviculture;*

- *constatant que cette mesure concerne la suppression du tarif agricole, à savoir une sorte d’indemnité due aux propriétaires et aux exploitants agricoles en raison des pertes de sols et des servitudes imposées pour l’implantation des lignes électriques aériennes ou souterraines;*

- *constatant que cette suppression frappe directement les exploitations agricoles et constitue partant une perte de revenu pour les concernés;*

- *constatant que le Ministre de l’Agriculture a proposé de compenser ces pertes en augmentant au maximum la participation de l’État aux primes de la «Mehrgelahrenversicherung» (de 50% à 66%), l’assurance agricole multirisque visant à couvrir le producteur de pertes de revenus suite à des événements néfastes extérieurs (épidémies, intempéries,...);*

- *considérant que les exploitations agricoles qui profitent du tarif agricole ne sont pas nécessaire-*

*ment celles qui profitent de cette assurance multirisque;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire des propositions pour compenser le préjudice résultant de l’implantation de lignes électriques sur les terrains agricoles, viticoles ou sylvicoles.*

s.) *Martine Hansen.*

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ofschléissend wëll ech nach op d’Spuermeasure 219 agoen. D’Measure 219, „réorganisation de la promotion pour les produits agricoles“, huet eis direkt stutzeg gemaach. Et dierf op kee Fall bei der Promotioun vun eise regionale Produkter, a scho guer net am Liewensmittelberäich, am Wäibauberäich, am Gaardebauberäich, agespuert ginn!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Den Här Minister Etgen sot eis awer dunn, datt dës Measure eigentlech net dierft esou heeschen, also net dierft „réorganisation de la promotion pour les produits agricoles“ heeschen, mä se misst heeschen: „réorganisation des mesures pour la promotion et le développement de l’agriculture biologique et de la certification des semences“.

Ech erënnere just drun, et ass eng Spuermeasure! An den éischten Deel vum Saz heescht „réorganisation des mesures pour la promotion et le développement de l’agriculture biologique“. Soll elo un der Promotioun vun der Biolandwirtschaft gespuert ginn? Esou kéint een dat zumindest verstoen. Ass awer wahrscheinlech net gemengt, huelen ech un.

Deen zweeten Deel vum Saz heescht: „et de la certification des semences“. Gëtt dann d’Zertifizéierung vum Saatgut esou vill méi deier, fir datt d’Promotioun vum Biolandbau ka gefërdert ginn? Beim beschte Wëllen, transparent a kloer ass eppes anescht!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d’Situatioun vun eise Baueren, Gäertner a Wënzer ass eescht. De Mëllechpräis - d’Mëllechproduktioun ass den Haapterwerbszweig vun eise Baueren - wäert d’nächst Joer staark falen! Den Ofsaz am Wäibau ass net einfach. Duerch d’Sanktiounen vun der EU géint Russland ass e wichtegen Ofsazmaart fir d’europäesch Landwirtschaft zesummegebrach. Dee wäert sech definitiv och net komplett erhuelen. De Budget léisst vill Froen opstoen.

D’Onzefriddenheet vun de Baueren, Wënzer, Gäertner kënn net vun ongeféier! An ech hoffe wierklech, datt d’Regierung dëst seriö hëlt!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci oder der Madame Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Michel Wolter.

An, Léif Kolleegen, ech verstinn, dass heiansdo Saachen ze bespreche sinn, mä besser dann awer virun der Dier. Merci!

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Dir kënn och d’Nimm nennen.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Kaes?

(Hilarité)

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Ma, Här President, dann och vläicht d’Nimm nennen, wéi bei aneren och. Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, gitt mer se! Ech maachen dat ganz gär.

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Ma, Dir hutt et selwer gesinn! Dir sëtzt gutt placéiert, fir dat ze gesinn!

► **Une voix.**- Den Här Meyers!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur.**- Ech war déi ganzen Zäit roueg, ech kann dat schwieren...

(Interruptions diverses et hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, et léiert jiddweree bäi!

(Interruption)

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Jo, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Wolter, Dir hutt d’Wuert ganz eleng. Dir hutt nach vill Zäit!

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no de Wahlen vum leschte Joer hat d’Majoritéit am Dezember 2013 de Besoin, sech vun der Vergaangenheet ze demarkéieren. Et ass net duergaangen, fir ze soen: „Mir hunn eng Majoritéit gebilt, mir wëlle verschidde Saachen

anescht maachen, et ass net alles zu Lëtzebuerg schlecht gelaf, mä mir wëllen nei Akzenter setzen an enger Rei vu Politikfelder“, mä et ass eigentlech alles, wat virdru geschitt ass, a Fro gestallt ginn, jo, contestéiert ginn. „Et soll alles anescht, alles besser, alles méi transparent, alles am sozialen Dialog, d’Fënstere grouss op, de Mief eraus!“ : Dat war am Dezember 2013 de Slogan.

An dann dierft Der - jo, well ech e gutt Gedichtnes hunn! - lech no engem Joer net wonnere, dass Der dorunner gemooss gitt, nämlech un deem, wat Der lech selwer an Äre Calepin geschriwwen hutt! Ohne Not an Äre Calepin geschriwwen hutt!

A wann een no engem Joer kuckt, an et kuckt een dat net eleng aus der Siicht vun der CSV an duerch de Brëll vun der Partei, déi elo an der Oppositioun ass, mä et probéiert ee säi Bléck iwwert dat ze werfen, wat dann esou kommentéiert, diskutéiert an esou weider gétt, da stellt ee fest, dass ee laang muss zäitkucken, op jidde Fall méi laang wéi ech Politik maachen, fir eng Regierung, eng Majoritéit an der Chamber ze fannen, déi an esou kuerzer Zäit esou vill Zoustëmmung verluer huet, an dat op alle Pläng a vun alle Säiten!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat huet den Hollande emol net fäerdegbreuecht!

(Hilarité)

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Souguer de Budgetsrapporteur, deem ech d’ailleurs fir seng Aarbecht - an der laanger Lëscht vun all deene jéinegen, déi em Merci soen, an och als ee vun de Vgängler, scho laang hier, fir seng Aarbecht ze maachen - , Merci soen, huet an ongewéinlech däitleche Wieder eng ganz Rei Saachen, déi an de leschte Jore geschitt sinn, kritiséiert, an zwar souwuel op der Form wéi och um Fong.

Här Fayot, Dir hutt, et ass mer opgefall, all Kéiers, wann Der dat Wuert „Kritik an de Mond geholl hutt, méi lues geschwat. Mä mir hunn et awer héieren! Mir hunn et héieren, déi sechs, siwen, aacht Plazen an Ärem Rapport, wou Der ganz kloer kritesch Wieder gesot hutt.

An ech fanne gutt, dass Der kritesch Wieder gesot hutt, well Dir sidd net deen eenzegen an deen éischte Budgetsrapporteur, dee kritesch Wieder gesot huet. Mä wann ech d’Debatt vun deene leschten zwéi Deeg kucken an ech kucken, dass all Kéiers, wann ee vun der CSV iergendeppes seet, wat an d’Géigend geet vun deem, wat aner Leit, aus anere Parteien - den Här Krieps kéint ech elo zitéieren, deen de Mëtte geschwat huet -, an déiselwecht Richtung geet, ass et net gutt! Dann ass et net gutt! Wann et vun enger LSAP kënn, ass et tipptopp. Wann et vun engem DP-Politiker kënn, ass et tipptopp. A wann et vun der CSV kënn, dann ass et dat Allerlescht!

Dir hutt fir dës Budget, fir dës Spuerpak vum Statsrot, vun de Chambres professionnelles, an zwar vun alle Chambres professionnelles, vun der Banque centrale, an do muss ech dem Här Bodry soen, an enger wäitass méi däitlecher Form wéi an anere Joren a wesentlech méi an den Detail goend, vun der Cour des Comptes... Här Krieps, Dir kënn de Rapport vun der Cour des Comptes net gelies hunn, wéi Der virdrun hei Är Ausserung gemaach hutt, déi wär „zahnlos“. Liest den Avis vun der Cour des Comptes! Do stinn eng ganz Rei vu fundamentale Kriticken un der Aart a Weis an um Inhalt vun der Regierung dran!

Vun de Gewerkschaften, an zwar vun hinnen all, ob vum privaten oder vum ëffentleche Sektur; vum Patronat, an zwar op allen Niveaue a vun alle Beruffszweiger; vum Syvicol; vun der Horesca et j’en passe. A besonnesch, an dat mierkt een, wann een dobaussen zirkuléiert, vu ganz ville Leit! Vu ganz ville Leit, déi zum Deel Hoffnungen haten an dat, wat Der d’lescht Joer annonciéiert hutt, an déi a ganz ville Fäll enttäuscht sinn, ganz staark enttäuscht si vun deem éischte Joer Gambia!

An nach eppes wëll ech lassginn, well mer jo elo an dat zweet Joer kommen, an da muss een iergendwann eng Kéier ufänken duerschzestarten: Ech ginn d’Impressioun net lass zäit engem Joer, wéi wann dës Regierung, dës Majoritéit manner fir d’Land, mä méi géint d’CSV géif regéieren!

Ech kann d’Unzuel, d’Unzuel...

(Brouhaha général)

...d’Unzuel vu Kommentaren net méi héieren, vun Tëscheriff net méi héieren, wou alles, och haut nach...! Den Här Krieps huet missen d’Educatiounspolitik vu viru 25 Joer beméien, fir eng Kritik lasszeginn un der CSV! Haalt einfach domadder op! Regéiert an Zukunft fir





d’Zukunft vun Ärem Land! Dir sidd elo e Joer do. Dir hat e Joer Zäit,...

**(Brouhaha)**

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...fir lech an d’Dossieren anzeschaffen! Dir hutt nach véier Joer Zäit, fir Politik ze maachen! Maacht Är Politik an haalt op, haalt op, permanent ze menge bei allem, wat schifleeft - an et ass vill schifgelaf! -, deen eenzege Bouc émissaire wär d’CSV an dat, wat déi lescht 35 Joer oder wéi och ëmmer, 50 Joer - 100 Joer, huet den Här Krieps gesot! - an dësem Land geschitt ass!

**(Hilarité)**

Well et geet eise Land net schlecht, Dir Dammen an Dir Hären, et geet eise Land net schlecht! Et geet eise Land nach vill besser wéi villen anere Länner! An och dat ass d’Konsequenz vun enger virsichteger Politik, déi gemaach ginn ass an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg!

An ech wëll dat,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...Dir Dammen an Dir Hären, an zéng Kapitele wëll ech dat opdeelen. Dat éischt Kapitel ass d’Finanz- a Steierpolitik.

„Et gi keng Taxen agefouert. Et gi keng Steieren erhéicht,...“, sot de Statsminister virum Land, op dëser Plaz, am Dezember vum leschte Joer, „...ier net dat lescht Spuerpotenzial ausgelot ass.“ „Spueren, spueren, spueren! A mir fänke bei eis un!“, war den Tenor vu senger Ried, déi en d’lescht Joer gehalen huet!

Wonnert Dir lech, wann een esou untrëtt an et kuckt een, wat Der no engem Joer hei presentéiert, dass d’Leit onzefridde sinn? Dass d’Leit sech Froe stellen, wat dat Ganzt soll? Wann ee gesäit, dass et e Pak ass, deen Der hei proposéiert, deen zu 75% aus Erhéijunge vu Steieren an nëmmen zu 25% aus Diminutiounen respektiv aus Spuermoosname besteet!

Et hat kee gesot, dass d’Majoritéit dat misst annoncéieren! Et huet kee verlaangt gehat, dass de Statsminister op dës Plaz géif kommen an e géif soen, et géif eréischt ugefaange ginn, d’Steieren an d’Luucht ze setzen, d’Taxen an d’Luucht ze setzen, Redevancen an d’Luucht ze setzen, wann dat allerlescht Spuerpotenzial ausgefouert ginn wär.

Haut, ee Joer drop, ass d’Realitéit exakt de Contraire vun deem, wat virun engem Joer vum Statsminister gesot a vun der DP am Wahlkampf proposéiert a virgeschloe ginn ass!

An et hat, Dir Dammen an Dir Hären, och keen der DP, der LSAP an deene Grénge virun deene leschte Wuhle geflüstert, si misste sech géint eng Erhéijung vun der TVA ausschwätzen! Et ass eng Partei heibannen, déi virun de Wahlen de Leit d’Wourecht gesot huet op deem dote Punkt, andeem mer gesot hunn, dass, compte tenu vun der Situatioun, an där mer dra sinn, vun der wirtschaftlecher, ekonomescher a budgetärer Situatioun, mer net laanscht eng Erhéijung vun der TVA - net laanscht eng Erhéijung vun der TVA - wäerte kommen.

Déi aner dräi Parteien hu virun de Wuhle gesot, si géifen et net maachen. Knapps ware se an der Majoritéit, ass et décidéiert ginn!

**(Brouhaha et interruptions diverses)**

Ech wollt lech soen, Här Bodry, dass en Accord wéi deen, deen Dir elo hei gefouert hutt, deen Dir duergesat hutt, deen Dir - wat och ëmmer - an Ärer Majoritéit, mat dräi Véirels Erhéijungen an engem Véirel Reduktioun vun den Dépense vum Spueren, mat der CSV net méiglech gewiescht wier!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wat ass da mat der CSV méiglech gewiescht?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- An ech sinn och ëmmer erstaunt, Här Bodry... Ech kommen drop, maacht lech keng Gedanken!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Bis elo ass nach näischt komm.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, jo. Oh, dat ass net wouer! Dat ass net wouer! Dann hutt Der awer net nogelauschtert!

**(Brouhaha général)**

Dann hutt Der awer net nogelauschtert, Här Bodry!

**(Interruptions diverses)**

Ech sinn, Här President, ëmmer erëm...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...ëmmer erëm...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift, den Här Wolter huet d’Wuert!

**(Interruptions diverses)**

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...ëmmer erëm erstaunt, wann ech déi Panoplie vu Riedner gesinn hei zu menger Lénks, déi hei jo opgetruede sinn déi lescht zwee Deeg an esou maachen, wéi wann d’Statsfinanzen dëser Deeg zu Lëtzebuerg fir déi alleréischte Kéier entdeckt gi wieren. Et mag sinn, dass Verschiddener vun lech se fir d’alleréischte Kéier entdeckt hunn!

**(Hilarité)**

Mä gleeft mer et, mir hunn an der Vergaangenheet schonn ëfters hei heftegst Diskussiounen iwwert d’Statsfinanzen, déi zukünfteg Statsfinanze gehat. An déi Leit, déi méi laang derbäi sinn - déi Leit, déi méi laang derbäi sinn! -, déi wëssen, dass et net fir d’Éischt an och net fir d’Lescht an der Geschicht vun dësem Land wäert sinn, dass muss ëmverdeelt, ëmgetässelt, redistribuéiert a gespuert ginn!

Et besteet keen Zweifel drun, dass mer mussen, fir eise Budget an den Équiliber ze bréngen, de Wee vun Aspuernisser goen. Dat war der CSV bewosst, an d’CSV huet e Wahlprogramm gemaach, wou se kloer an däitlech de Leit gesot huet, dass et an déi Richtung géif goen.

Elo ze maachen,...

**(Interruption)**

Elo ze maachen, Här Bodry, wéi wann dat déi alleréischte Kéier wier...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Folter!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Folter!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Mëtt den 90er Joren, kann ech mech erënneren... Jo, et ass e bëssen...

**(Interruptions diverses)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech weess net, ob Der deen Tëscheruff elo do héieren hutt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift! Wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech heeschen „Bodry“ an net „Boddry“!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Oh Mamm!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Soss sidd Dir den Här Folter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Entschëllegt, Här Bodry.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Ech hunn lech elo 50 Joer „Boddry“ genannt! Ech nennen lech vu muer u „Bodry“. Kee Problem! Entschëllegt! Ech war wierklech der Meinung, dass Der „Boddry“ géift heeschen.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Neen, wierklech!

► **Une voix.**- Wou si mer dann hei?

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech soen dat wierklech!

**(Interruption)**

Ech war wierklech der Meinung, dass De de „Lex Boddry“ wiers. Sou, vu muer u bass De de „Lex Bodry“ fir mech!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Merci.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Gutt!

Mir hu scho Mëtt den 90er Joren hei an der Chamber, Mëtt den 90er Joren hu mer hei iwwer Restrukturatioun geschwat. Iwwer Ëmverdeelung hu mer geschwat. Mir hunn 2000, no der Bulle informatique, eng hefteg Debatt gehat iwwert d’Zukunft vun eise Land. Mir hunn 2001 eng Steierreform gemaach zu Lëtzebuerg, an zwar eng Steierreform, déi mer gemaach hunn, nodeem mer eis mat eise Koalitionspartner zwee Joer dohinnergeseet hunn an eis Gedanke gemaach hunn, a wat fir eng Richtung dass et sollt goen, wat d’Zukunft vun dësem Land wär, wou d’Perspektive kéinte leien. Wou mer Steierreduktioun gemaach hunn op enger ganzer Rei Saachen. Wou mer Méibelaaschtunge gemaach hunn op anere Saachen.

Mä firwat? Well mer eis gesot hunn, dass mer duerch Steiererliichterungen a gewësse Secteuren nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg kéinte kréien, nei Aktivitéite kéinten op Lëtzebuerg bréngen, déi eis doduerch méi Steiere géife bréngen, fir de Wuelstand vun eise Leit ze verbesseren.

An déi Rechnung, Dir Dammen an Dir Hären - an Dir kënnt honnertmol soen, et wär de Contraire! -, déi ass opgaangen! Well tëschent

2001 an 2010, 2011, 2012, nach haut ass Lëtzebuerg gewuess, si méi Steieren erakomm! All Joer kommen am Budget méi Steieren eran! Dat ass virsichteg Politik, déi mer deemools 2001, 2002 gemaach hunn, wou mer eng laangfristeg Perspektiv gesat hunn a wou mer net no sechs Méint alles annoncéiert hunn, d’Halschent nees zrëckgezunn hunn, fir dann ze annocéieren, dass een dräi Joer drop eng Steierreform géif maachen, ëm déi et geet!

Dir hutt, Dir Dammen an Dir Hären, hei eng Steierreform gemaach, eng Steierreform virun der Steierreform, an zwar eng Steierreform mat quasi exklusiven Erhéijunge vun de Steieren! Mir kënnen lech dofir nëmme félicitéieren!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Schon 2001, 2002 ass iwwer Fonds d’investissement geschwat ginn. Och hei gëtt esou gemaach, dat wär elo dee leschte Cri. «Le dernier cri de Paris.» Neen!

**(Hilarité)**

D’Fonds d’investissement waren Ufank den 2000er Jore Sujet an eiser Politik! Mä awer net, fir Investissemter ze maachen a gewëssen Aktivitéiten, mä fir Investissemter ze maachen a Betriber, fir Aktien ze kafen, wat aner Länner gemaach hunn, fir op e Wee ze goen, dass ee sech géif opstellen, dass een eng Diversifikatioun géif maachen, dass een als Stat géif de Pouvoir kréien. Déi sinn hei diskutéiert ginn. Déi Meinung huet sech awer net duergesat!

Déi war net duergesetzen! Déi war weder an der CSV duergesetzen nach an der LSAP duergesetzen, an och net mat der DP war se duergesetzen, well et ëmmer d’klassesch Politik vun dëser Regierung war, vun alle Regierungen, vun dëser, vun där viregter, vun där viregter a vun där nach viregter, dass d’Surplusen, déi géifen erwirtschaft ginn, dass déi an eis Fonds d’investissement géife goen, dass mer an d’Fonds d’investissement d’Plus-valuë géife stiechen.

Ech ka mech erënneren un Diskussiounen hei mam Kolleg Gibéryen virun zéng, zwielef Joer, do hu mer net driwwer diskutéiert, fir d’Defizité ze verdeelen! Do hu mer driwwer diskutéiert, wéi mer kéinten d’Plus-valuë verdeelen! A mir hu se an d’Fong gestach!

An ech hunn iergendee Minister dëser Deeg héiere soen, mir wäeren, wat d’Réseauen ubelaangt, de Kabel, den Internet, d’Nummer eent an Europa. Ha, Här Gramegna, waart Dir et? Ech weess et net méi.

**(Interruption)**

Wann Dir et waart, da soen ech lech, dass dat esou ass opgrond vum Fait, dass mer déi Suen, déi mer méi erwirtschaft hunn, net ausginn hunn a Sozialleeschungen, mä dass mer se gezielt agesat hunn an enger ganzer Rei Domänen, an zwar mam Accord vun eise jeeweilege Koalitionspartner, fir ze kucken, dëst Land fit, modern a flott ze maache fir d’Zukunft.

An ech muss lech soen: Ech schumme mech dofir net! Net! An dee Gadget, deen Der elo do maacht, fir elo an engem Moment, wou mer Schold hunn, e Fong ze maachen, e Fonds souverain ze maachen, deen Der speist mat Scholden! Also ganz éierlech - ganz éierlech! -: Wéi kommt Der op esou e Gedanken, fir esou eppes ze maachen?

**(Interruption)**

Jo, Dir äntwert mer! Ech freeë mech drop, wann Der mer äntwert. Dir finanzéiert e Fonds souverain mat Scholden. An et ass net een am Land, net een, deen lech kommentéiert. Net ech eleng (veuillez lire: Net ech eleng fannen et net gutt). Ech kéint elo erofgoen, da kommen der eng Dosen hei, déi dat eng gutt Iddi fannen. Ech hunn nach kee fonnt ausser lech - Dir sidd deen Allereenzegen, Här Gramegna, an natierlech Är Majoritéit -, deen dat dote gutt fënn.

**(Interruption par M. Pierre Gramegna)**

A wat ech nach net verstinn: An engem Moment virun zwou Wochen ass op eemol déi Info komm, vun enger Sekonn esou op déi aner, et géifen 90 Milliounen vu Bréissel kommen. Elo kucke mer emol, ob se kommen! A mir kucken, ob se kommen, a mer kucken, ob mer se mussen zrëckginn. Mä dat ass eng aner Debatt.

Firwat, Här Gramegna, sidd Der net higaangen an Dir hutt du weinstens Är Argumentatioun geännert an Dir hutt gesot: Ma mer huelen déi do 90 Milliounen an déi setze mer an dee Fonds souverain, fir d’Zukunft, fir déi nächst zwee Joer ze finanzéieren. Dass Der weinstens e gespeist hätt mat Suen, wat Der jo ëmmer eis virgeworf hutt, dass Der e gespeist hätt mat Suen, déi net erëmkommen, déi net rekurrent sinn.

A wat hutt Der gemaach? Wat huet de Statsminister gemaach? En huet se an d’Trésorerie ge-

holl an en huet se schonn nees ausginn. En huet se ausginn iwwer en Accord, wou genau dat geschitt, wat Der de viregte Regierungen nämlech reprochéiert hutt: dass eemoleg Rentreeën duerch permanent Ausgaben ersat ginn.

Wann Der also sot, Dir géift eng aner Politik bedreiwen, gleeft mer et: Op deem heite Punkt bedreift Der keng aner Politik wéi déi, déi vu viregte Regierung gemaach ginn ass!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Mir sinn, wann een, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d’Geschicht kuckt, 2008 an eng weltwäit Kris komm. An och hei hunn ech d’Impressioun, ech weess net, ob et ass, well et Leit sinn, déi deemools net hei souzen, déi nach net an der Politik waren, déi sech net fir Politik interesséiert hunn, déi sech net fir Statsfinanzen interesséiert hunn! Mir haten duerno Debatten, no 2008, hei am Parlament. An ech wollt emol eng Kéier rappeléieren, dass mir eng Unanimitéit haten hei! D’CSV, d’DP an d’LSAP waren unanime der Meinung, dass mer géifen 2008, 2009 an 2010 eng sougenannten „antizyklesch Politik maachen.

Ech nennen et rege Keynes. Ech hunn et och virun dräi oder véier Joer, ech hu mer d’Méi net gemaach wéi den Här Krieps, fir ze kucken, wéini ech et hei gesot hunn, wat fir een Datum, mä ech hu virun dräi oder véier Joer gesot: Et ass rege Keynes, wat mer maachen. Et ass nämlech de Versuch, iwwer héich Investissemter an iwwer Kafkraaft, déi een de Leit am Portmonni léisst, derfir ze suergen, dass, wann eng Kris net ze laang dauert, fir ze kucken, dass een déi iwwerbréckt, en attendant dass nei Revenue kommen.

Mä mir haten, Dir Dammen an Dir Hären, 2008 an 2009, an et war unanime - unanime! -, et kann een net maachen, elo am Joer 2013, wéi wann een domadder näischt ze di gehat hätt! Domat hat Der eppes ze dinn. Dir hutt lech engagéiert dozou hei! Mir hu gesot, mir maachen 2011 déi sougenannten „mid-term review“. Do ass gesot ginn: Da kucke mer an der Halschent vun der Legislatur, ob déi Saachen dann do elo komm sinn, déi mer gemengt hunn. Hu mer eis do erkrift?

An dunn, wéi mer gesinn hunn 2011, dass et net eng Kris wär wéi déi, déi mer fréier haten, déi sech ëmmer no zwee, dräi Joer résorbiéiert hunn, mä dass mer an eng Kris géife kommen, déi héchstwahrscheinlech laang Jore géif undauern, hu mer als Majoritéit - an ech sinn erstaunt, dass d’LSAP sech net méi kann dorun erënneren! - fir de Budget 2011 e ganze Spuerpak hei an der Chamber net nëmme proposéiert, mä och gestëmmt!

An dee Spuerpak vum Budget 2011, deen hat 748 Milliounen! Dovu waren 268 Milliounen Augmentations de recettes, dat si 36%, an de Rescht, dat ware manner Investissemter a Reduktioun vun den Dépenses. An, wéi mer gesinn hunn, dass et net besser géif ginn 2013, hu mer jo nach eng Kéier nogebessert!

Ech sinn erstaunt, wierklech erstaunt, ech si quasi erschütter, dass an der Majoritéit kee sech kann drun erënneren, dass an der Chamber fir de Budget 2013 en zweete Spuerpak fir 932 Milliounen derbäikomm ass, wat also den Effort, deen déi viregt Koalitioun, an do wëll ech ausdrécklech d’LSAP mat an d’Boot huelen, well mir hunn dat jo zesumme gemaach, contrairement zu deem, wat ech all Kéiers d’Impressioun hunn, wann ech den Här Bodry iwwer fréier Zäiten héiere schwätzen...

**(Brouhaha)**

Mir hunn... Ma et ware laang Diskussiounen! An dat ass och gutt esou, dat ass och gutt esou, dass laang diskutéiert gëtt, an et ass och gutt esou, dass, wann zwou Partei verschidde Meinungen hunn, se sech beieneesetzen a kucken, dass se zu enger Aktioun kommen an herno och zu engem Zil kommen, wat se kënnen verteidegen. A mir hunn dat zesumme verteidegt. Dat war e Gesamteffort vun 1.680.000.000.

Ech muss lech soen, do ass Äre Spuerpak, oder wéi Der en nennt, ech nennen e jo „Bezuelpak“, Äre Pak, dat ass Pipifax géint dat, wat an der viregter Koalitioun de Lëtzeburger ofverlaangt ginn ass!

An ech fannen et richtig, ech stinn dozou, wat mer 2008 gemaach hunn. Ech stinn dozou, wat mer 2011 gemaach hunn, well ech mengen, dass mer zesumme mat eise Koalitionspartner alles richtig gemaach hunn.

An et kënnt nach en Element derbäi! Et kënnt nach en Element, Här Gramegna derbäi! Jo, Dir waart deemools nach net derbäi. Dofir wëll ech lech dat rappeléieren, dass mir och en Accord hei an der Chamber haten iwwert déi dräi Parteien ewech, dass d’Schold vum Lëtzeburger Stat op 30% kéint uuessen. Well mer no Anallys, no Debatt gesot hunn, dass mer awer och als klengt Land eis misste friem finanzéieren, fir





kënnen Investissementen ze maachen, wa mer géife gesinn, dass sech d'Situatioun net géif definitiv verbesseren.

Net Ophuele vu Schold, fir d'Sozialausgaben ze bezuelen, mä Ophuele vu Schold, fir Investissementen ze maachen, déi noutwendeg wäer fir d'Zukunft vum Land. Unanimitéit! Déi dräi Parteien waren domat d'accord an der Debatt 2009, dass mer bis op 30% géife goen. Elo si mer op 25%. Elo si mer op 25%, an et gëtt esou gemaach, wéi wann d'CSV eleng derfir responsabel wier!

Dir Dammen an Dir Hären, Dir sidd allegueren, respektiv déi, déi virun lech sëtzen, fir déi, déi eréischt ee Joer derbäi sinn, allegueren mat responsabel! Well et ware Leit an Äre Parteien, déi och am Joer 2008, 2009, 2010 an 2011 un d'Zukunft vum Land geduecht hunn, fir d'Zukunft gehandelt hunn. An ech muss der DP e grouse Respekt soe fir dat, wat se deemools gemaach huet, dass se d'accord war an engem Moment, wou et méi einfach gewiescht wier, et anescht ze maachen, gesot huet: Op deenen doten zwee wesentleche Punkten, déi keynesianesch Politik an d'Scholdepolitik, si mer mat der Regierung d'accord. Do zéie mer un engem Strang, fir an déi Richtung ze goen.

Fir elo heihinnerzekommen an ze maachen, wéi wann dat alles net geschitt wier, wéi wann dat net wier, ech muss lech wierklech soen: Et léisst een zum Deel sproochlos!

Här Fayot, Dir hutt an engem Interview, nodeems Der Budgetsrapporteur gi sidd, gesot, mat lech als Rapporteur géif de Budget net esou an d'Chamber kommen, wéi en déposiert gi wier. Dir hat recht! Dir hat recht. Et war awer net duerch déi aktiv Mathëllef vun der Chamber, dass dat geschitt ass, dass de Budget elo net esou gestëmmt gëtt, wéi en ass, mä en ass...

#### (Interruption)

Dach! Ech hunn den Interview souguer doheem! E war am „Quotidien“. Ech hunn e gëschter Owend nach eng Kéier gekuckt.

Wien huet dann am Joer 2013 hei d'Regierung gedoen, hire Spuerpak, dee bei 700 an ech weess net Milliounen war, op 932 Milliounen ze erhéien, nodeem mer an der Finanzkommission gesot hunn: Mir mussen doriwwer diskutieren, mir erfëllen eis Ziler net. Wann also elo gesot gëtt, vun der CSV wär ni, et wäeren ëmmer nëmmen d'Suen zur Fënster erausgehait ginn. Et war d'CSV-Fraktioun an et war Gott sei Dank de Lucien Lux bei der LSAP, dee matgemaach huet, déi 2013 an der Majoritéit, aus der Majoritéit eraus zur Regierung gesot huet: „Dee Spuer-effort, deen Der hei maacht, dee geet net duer. Dee musst Der nach eng Kéier ëm 250 Milliounen erhéien.“

An da kommen ech zu deem, wat den Här Bodry, wat e virdrun elo schonn zwee-, dräimol esou an engem Tëscheruff an den Diskussiounen gesot huet. Här Bodry, ech sinn net deen, ech ënnerstellen lech dat net, mä et war awer iergendeen, dee Pabeieren zirkuléiere léisst lénks a riets.

Well ech zu deene gehéieren, dass, wann een an enger Regierung ass an et sëtzt een zu zwee Partner oder zu dräi Partner do a mir fänken u mat diskutieren, an et seet een zu deenen zwou Parteien: „Maacht emol eng Lëscht vu Saachen, wou Der der Meinung sidd, dass ee kann doriwwer diskutieren.“, an et kënnt een dräi Joer duerno dann dohinner an da seet een: „Hei ass de Pak vun deem aneren, wat dee virun dräi Joer proposéiert huet.“, ouni dass ee säin eegene Pak op den Dësch leet an ouni dass een d'Diskussiounen relatéiert, déi da stattfonnt hunn tëschent véier, sechs, aacht Leit - do waart Dir derbäi an ech war och derbäi an deenen doten Diskussiounen -, dann ass et onfair. Et ass am héchste Grad onfair, wann een esou eppes mécht a wann een esou eppes zouléisst!

An da kann ech lech soen, iwwer wat dass mer diskutéiert hunn. Mir hunn iwwert d'Repartitioun vun de Chargen diskutéiert. An d'Zil vun der CSV war et a bleift et bis haut, dass mer no der Drëttelsléisung géife fueren: en Drëttel spueren, en Drëttel bei den Investissementen an en Drëttel bei den Augmentatiounen (veuillez lire: bei den Augmentatiounen vun de Recetten).

An d'LSAP wollt d'Steieren erhéien! D'LSAP wollt an der Diskussioun, wat logesch ass, aus der Vue vun der LSAP schéngt dat mer dat Logeschst vun der Welt ze sinn, dass, wann zwee Partner mateneen diskutieren, deen een eng Meinung huet an deen aneren eng Meinung huet; Dir wollt d'Steieren erhéien. An dofir hu mer keen Accord op allem fonnt.

Dir hutt lech, Här Bodry, mat der CSV 2011 an 2013 net duerchgesat. Ech félicitéieren lech awer, dass Der lech elo mat der DP duerchgesat hutt! Well Dir hutt lech duerchgesat an deem Spuerpak, deen elo kënnt: 75% Augmentatiounen vun de Steieren a vun de Redevancen a 25% Reduktioun vun den Dépensen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e sozialisteschen, dat ass e sozialisteschen, dat ass e pure sozialistesch Pak, dee mer hei an der Chamber diskutieren!

#### (Interruptions diverses)

An d'DP, déi mécht dat mat! D'DP, déi virun de Wahlen gesot huet: Mir maachen alles, fir dass keng Augmentatiounen kommen! Mir mussen alles maachen! Mir mussen spueren, mir mussen hei, mir mussen do! Déi Demokratesch Partei huet sech hei vun der LSAP total iwwert den Dësch zéie gelooss an engem Mooss, wéi ech et net fir méiglech gehalen hätt, dass dat an der Politik zu Lëtzebuerg...

#### (Interruption)

...méiglech wier!

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, den Här Wolter brauch keen Echo, Här Reding.

#### (Hilarité)

An ech wär och ganz frou, wann den Här Wolter, wéi jiddwereen, sech un d'Chamber géif adresséieren.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, ech géif der Chamber da wëlle soen, dass ech zu mengem zweete Punkt géif kommen: dem Budget vun der neier Generatioun.

Well an der Rubrik vun „Mir maachen alles anescht“ ass jo en neie Finanzminister komm. An dee Finanzminister huet och de Besoin gehat, sech ze demarkéieren, ganz staark ze demarkéieren par rapport zu deem, wat säi Virgänger gemaach huet. Esou huet en eis, e war knapps do, Här Gramegna, hutt Der eis e Budget vun der neier Generatioun versprach. En „Budget vun der neier Generatioun“, dat ass extrem hochtrabend, schonn eleng als Titel: en „Budget vun der neier Generatioun“!

Dir hutt insgesamt 500 Artikelen gestrach. Bei 25 Punkten op enger Säit hutt Der 20 Säiten aus dem Budget gestrach. De Budget ass nach ëmmer genausou grouss wéi virdrun, e gesäit d'selwecht aus. Dat Eenzezt, wat Der gemaach hutt, dat ass, dass Der dat gemaach hutt, wat den Här Frieden och gemaach hätt, wann e Finanzminister bliwwer wier. Hien hätt nämlech de Pluriannuel derbäigeluecht. En hätt gekuckt, dass dat Ganzt an eng Laangzäitperspektiv kënnt, well dat eng europäesch Richtlinn ass, déi mer mussen ëmsetzen.

Dir hutt eis e Budget vun der neier Generatioun virgeluecht an Dir hutt no engem Joer... Mä Dir hutt jo nach d'Chance, lech ze verbesseren! Zurzäit sidd Der bei 500 Artikelen, déi Der gemaach hutt.

An dunn hutt Der geduecht, dëst Joer misst Der nach e Coup dropsetzen. Du sidd Der mam „paperless“ Budget komm! Ech gesinn lech nach mam Stick virun der Dier, heibanne sidd Der mam Stick komm. Dir hutt gesot: „Et ass eriwuer mam Pabeier. Et ass definitiv eriwuer, et ass en neit Zäitalter, wat mat dësem Budget ugeet.“

#### (Interruption)

An Dir hutt gesot, menger Erënnung no, Dir hätt domadder 3.000 Euro gespuert u Fotokopien, déi do net ze maache wieren.

Dir hutt eng Woch drop, ouni dass Der eis dat awer gesot hutt dee Moment, wou Der gesot hat, Dir hätt 3.000 Euro gespuert, hutt Der eis eng Woch drop op eng Question parlementaire vu Kolleegen aus menger Partei misse soen, dass Der 30.000 Euro ausginn hutt, fir e Bero der ze bezuelen, fir lech déi Geschicht do an d'Mise en page ze kréien!

An ech sinn een, ech weess net, ob ech deen Eenzege sinn, ech weess net, ob nach aner Kolleeg sech déi Méi gemaach hunn, wéi Der dat hei annonciéiert hutt, sinn ech heemgaangen, sinn ech mech op de Computer sëtze gaangen an dunn hunn ech déi Internetsäit probéiert opzemaachen, wou Der dann dee Budget vun der neier Generatioun virgeschloen hutt.

Ech kann lech Folgendes soen: Entweder ech hätt e rësege Brëll gebraucht oder en Écran vun engem Meter, well Äre Budget vun der neier Generatioun war um Internet net ze liesen!

Dat huet d'Chamber dann dunn dozou bruecht, fir 600 Exemplaren - sinn ech do richtig, Här President? -, 300, wat och ëmmer, fir déi hutt Der op jidde Fall dunn d'Fotokopiemaschinn ugemaach.

#### (Interruption)

Jo! Dir hutt d'Fotokopiemaschinn ugedréckt, Dir hutt d'Fotokopiemaschinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, mir hu se net ugedréckt. Mir hu gefrot, dass d'Regierung eis se undréckt.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ah, maja, dat ass eng nei Informatioun.

#### (Hilarité et interruptions)

Dat ass eng nei Informatioun. Dat heescht, d'Regierung huet dunn awer d'Rotationsmaschinn ugedréckt. Amplaz et direkt ze maachen, huet se d'Rotationsmaschinn uge-maach.

Drëtter Punkt dozou: d'Brësseler Regel. Den Här „Bodry“... Et ass elo schued, dass en eraus ass! Bodry, pardon!

#### (Brouhaha et interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech sinn hei.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ah! Et ass schued, well mir hu gëschter jo déi Brësseler Regel nei definéiert. D'Brësseler Regel, déi seet: „à budget constant“, wann alles esou weidergeet, da kann een, wann een dann eppes net mécht, wat een dann do, à Budget constant, da kann een dat dann ofschreiwen.

Ech wëll lech soen, ech hunn x-mol hei op der Tribün mech dergéint gewiert, och géint déi viregt Regierung, well ech ëmmer gesot hunn, dat sinn Täschespillertricken, fir ze soen: Mir géifen à budget constant weidergoen, esou vill Prozent, esou vill Prozent, a mir maachen dat net, also hu mer wonnerbar gespuert.

Soudass ech net emol an de Verdacht ka kommen, dass ee mer ka soen, dass ech hei géif eppes soen, wat ech dat lescht Joer an dat viregt Joer an déi Jore virdrun nach net gesot hunn.

Mä dass mer entre-temps Budgetsartikelen definéiere par rapport zu de Wënsch vun de Ministèren! Ma, Dir Dammen an Dir Hären, jiddwereen vun eis ka Finanzminister ginn! Du sees zu deene Ministèren: Gitt mer 25% méi Demandes de crédit eran! Du hëls hinnen der 20 ewech, du gëss hinnen der fënnf, all Mënsch ass zefridden, an du kënns an d'Chamber a sees: „Ech hunn 20% gespuert!“

Wann dat déi nei Politik ass, an dat ass déi nei Politik manifestement! Dir hutt an enger gazer Rei vun Ären Artikelen am Budget, an Ärem Zukunftspak hutt Der d'Brësseler Regel, déi nei Brësseler Regel ugewannt. An d'Madame Hansen huet lech jo virdrun nach e Beispill aus engem Secteur gesot, wou Der d'Spill nach méi op d'Spëtzt gedriwwen hutt.

Dann ee leschte Punkt zu deem Kapitel. Ech si wierklech jo laang genuch derbäi, mä dass eng Regierung fënnf Deeg, fënnf Deeg, nodeems se en Accord mat Gewerkschaften getraff huet iwwer Milliounen Euro - well de Pak ass jo, „psssch“ ass et jo du gaange freides owes -, dëschdes moies an der Finanzkommission net à même ass, de Montant ze chiffrieren, dee se do mat de Gewerkschaften ausgehandelt huet, ech muss soen, dat ass et nach net ginn!

#### (Interruption)

Ech hu scho viles erlieft, ech hu scho viles erlieft, mä dass een, Här Finanzminister, dëschdes, fënnf Deeg nom Accord, der Finanzkommission vun der Chamber net ka soen, wat ee gënnert huet a wat de Montant dovunner ass, dat ass du jamais-vu!

An ech kommen dofir zu mengem drëtter Punkt an dat ass de Pluriannuel. Ech wëll lech soen, Här Minister, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech wollt lech froen, dem Här Minister ze soen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, sot mer!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...dass ech Äre Pluriannuel unzweifelen. Ech si fest dervun iwwerzeegt, dass Äre Pluriannuel kenger seriöser Analys an deenen nächsten zwee oder dräi Joer wäert kënnen Rechnung droen. Ech wäert en halen, well mir wäerten an zwee, dräi Joer iwwer Äre Pluriannuel ze diskutéieren kréien!

Wann een 0,5% Kontributioun, déi jo elo 80 Milliounen sinn, wa meng Informatiounen richtig sinn, als Recette bucht a keen Euro bucht fir dat, wat ee vum Joer 2016 un am Pluriannuel fir Kannerbetreuung an aner Saache wëllt ausginn, majo, da kann ech mech net wonneren, dass mäi Budget opgeet! Wann ech d'Recetten op där enger Säit buchen an d'Dépenses op där anerer Säit net buchen, ma da geet mäi Budget tipptopp op!

A wann Der, Här Minister, ech kommen an engem separate Kapitel dorop nach zrëck, 50 Milliounen de Gemengen ewechhuet, 50 Milliounen de Gemengen ewechhuet als Supplément, dann hutt Der Äre Budget wonnerbar saniert. Äre Statsbudget! SEC 2010: null, „nada“, näischt, keen Euro! Well dat, wat Der de Gemengen ewechhuet, wat Der also lech elo dohinner setzt als eppes, wat Der wonnerbar gespuert hätt, dat gëtt an der SEC 2010-Version net ugerechent, well d'Gemengen, de Stat an d'Sécurité sociale an enger gesamteenheetlecher Dénge gemaach ginn.

Et ass also Bluff am héchste Mooss, deen Der do maacht! Dir sot, Dir géift spueren, an en fin de compte schiebt Der déi Dépense an en aneren Departement eriwuer a maacht do dann d'Rechnung méi schwéier fir déi, déi an deem Beräich vun eisem Land musse schaffen.

Och op der Recettësäit gleewen ech Äre Chiffieren net. Net fir ee Soul! Wësst Der, wat ech d'Impressioun hunn? Dass Der fir 2016 bis 2018 d'Chiffieren esou dragesat hutt, dass Är Geschicht géif opgoen.

Wéi kënnt Dir haut vun 3,5 bis 4% Wuesstum ausgoe fir d'Joren 2016 bis 2018? Ech gesinn déi net! Ech gesi se net, well d'Entwécklung net an eiser Faveur ass! Ech gesi se net, well d'wirtschaftlech Diversifikatioun net esou séier virugeet, wéi mer dat gären hätten. Ech gesinn et net, well mer amgaange sinn, total ënnert Drock ze kommen an Europa op enger ganzer Rei vu Punkten, duerch déi mer massiv Suen, also Augmentatiounen vu PIBen, an de leschte Jore kritt hunn.

Dir baséiert Äre Pluriannuel op Augmentatiounen no bei 4%, dat sinn déi beschten Zäiten, déi mer zu Lëtzebuerg haten! An den 90er an an den 2000er Joren hate mer esou Wuesstums-spréng vu 4 a 5%. Baséiert Der vu '16 un...

#### (Interruption)

Vu '16 un... Jo, bis 9% hate mer Wuesstums-spréng...

#### (Interruptions)

Mä Dir baséiert et op e Chiffer, deen ech formell contestéieren. A mir wäerten an zwee, dräi Joer d'Geleeeenheet kréien, fir doriwwer ze diskutieren.

Mä véiert Kapitel, dat ass dann d'Geschicht vun den 0,5. D'Geschicht vun den 0,5% oder: Wéi gëtt eng Steuer zur Abgab? Wéi gëtt eng Abgab zur Kontributioun? A wéi gëtt eng Kontributioun nees zur Steuer? Et ass déi unendliche Wandlung vun eppes, wat ech de Leit aus der Täsch wëll zéien, ouni dass ech hinnen en attendant eng Contrepartie derfir ginn.

Dir hutt, Här Gramegna, Här President, ech wollt, dass Der dem Här Gramegna géift soen, dass en zesumme mam Minister Meisch an der Ministesch Cahen wochelaang duerch d'Land gelaf ass, fir ze soen, et wär keng Steuer! Et wär eng Abgab. Et wär keng Steuer! A si hunn lech et all ofgeholl an der Majoritéit! Alleguer, sans exception hu se gesot an der Majoritéit: Dat ass esou!

Den Här Fayot, also Fayot senior, Ben Fayot, ganz gudder Politiker - ganz gudder Politiker! -, huet an engem bemierkenswäerten Artikel, an dat ass keng Dénge par rapport zu sengem Jong, et ass just eng Feststellung. Dee Mann war fënnf Joer Fraktiounspräsident vun der LSAP, wou ech Fraktiounspräsident war vun der CSV. Ech hu selte mat engem Politiker esou gutt geschafft wéi mam Här Fayot! Hien huet an engem bemierkenswäerten Artikel lech drop opmierksam gemaach, dass dat, wat Der do géift maachen, weder eng Kontributioun nach eng Abgab wier, mä dass et eng pur Steuer, dass et eng pur Steuer ass!

Och d'CSV, den Här Gilles Roth, huet dat gemaach, huet an enger Pressekonferenz lech drop opmierksam gemaach, dass et net géif d'Strooss halen, d'Analys vun der ganzer Geschicht. Mir si fir domm verkaaft ginn. Mir kennen näischt vun all deene Saachen.

Ech verstinn, dass d'Demokratesch Partei no all deene ville scho gebrachene Wahlversprochen, déi se gemaach huet, dat hei net och nach wollt als eng Steuer deklaréieren, well se jo virun de Wahlen gesot huet, d'Steiere géifen net an d'Luucht gesat ginn! An d'LSAP huet se gewäerde gelooss. D'LSAP huet deem gemitt-lech nogekuckt. Si huet gewaart, bis de Statsrot säin Avis géif ginn. Nom Avis vum Statsrot war näischt méi ze maachen, well et war keng Abgab an et war och keng Kontributioun. An dunn ass et zur Steuer ginn. Et ass also nach zu enger Verschlechterung eigentlech komm op der Steuerfront par rapport zu deem, wat mer virdru kannt hunn.

Den 0,5 bréngt mech dann zum Bezuelpak. Och hei ass vun engem Zukunftspak geschwat ginn. Nom Budget vun der neier Generatioun, dem „paperless“ Budget, no der Brësseler Regel hu mer jo eppes gebraucht. Mir hunn eppes gebraucht, an dat war den Zukunftspak. Dir deelt meng Analys elo net. Mä ech maache se net eleng, ech maache se quasi mat alle Leit, déi lech an deene leschte Woche kommentéiert hunn!

Et ass keng politesch Reflexioun hannert deenen 256 Mesuren. Et ass keng Handschrëft





hannendrun. Et ass net erkläert, et ass keng stëmmeg, et ass keng grëffeg Politik, déi Der maacht. Et ass e Sammelsurium vun 256 Mesuren, déi kee Bild erginn, wou d'Rees higeet. Et ass op jidde Fall net een Eenzegeng, ausser déi 32 Deputéierte selbstverständlech vun Ärer Majoritéit, deen ech bis elo héieren hunn a senge Kommentare soen, dass dat do eng Handschrëft dréit.

De Statsminister, nodeem e jo dräimol anoncéiert hat, e géif dem Land elo soen, a wat fir eng Richtung dass et géif goen, huet sech du fir den Oktober hei annoncéiert. An dunn huet e sech souguer nach virun den Här Gramagna gestallt. Den Här Gramagna huet dunn därferen den zweeten Dag dat maachen. Hien huet dat deen Dag virduz gemaach.

Ech muss soen, an ech net eleng: Ganz vill Leit si ganz hongreg heemgaangen, wéi se déi Ried héieren hunn, well se a kengem Moment vun der Ried matkritt hunn, wou d'Rees da soll higoen, wat da wierklech d'Vuen, d'Ziler wieren, déi sech déi Majoritéit géif setzen op steierpoliteschen, op budgetspoliteschen, op wirtschaftsentwécklungspolitesche Gebidder. Et war eng Oplëschung, et war eng Oplëschung vun deenen 256 Mesuren, ouni se an e Kader ze setzen.

Et ass anescht ginn. Et ass villes anescht ginn! Ech ka mech nach u Statsministere erënneren, déi hir Rieden allegueren ëmmer an e Kontext gesat hunn, wou se gesot hunn - et war een d'accord domat oder et war een net domadder d'accord -, mä déi Rieden an e Kontext gesat hunn, wou se gesot hunn: „Dat do ass dat, wat mer eis dobäi denken an dofir wëlle mer dohinner goen.“

Et gëtt elo gemunkelt - mir si jo net derbäi -, et wäeren der iwwer 500 gewiescht! Respekt! 500 Mesurë vun 300 Euro bis ech weess net wouhin - hutt Der fonnt am Budget, fir... An dat nennt Der dann en Zukunftspak!

Meng Virriedner hei aus der CSV hunn lech op ganz ville Gebidder gewisen, wat vun deenen 256 Mesuren eigentlech iwwreg bleift, wann ee se am Detail kuckt. Et sinn der, déi net chiffriert sinn. Et sinn der fir spéider. Et sinn der, déi si schonn zréckgezunn, ier se iwwerhaupt do sinn.

An ech wëll do ee Beispill soen. Ee Beispill, fir ze dokumentéieren, wéi, a mengen Aen, eigentlech deen Drang, fir sech virun d'Télee kënne ze setzen, fir ze communiquéieren, an deser Regierung gefaasst ass.

Den Här Schneider huet op den Ondë vun RTL, ech menge souguer owes op der Televisioun, wann ech mech gutt kann erënneren, déi ganz grouss Annonce gemaach, dass an Zukunft d'Privatpromoteure misste bezuelen, wann d'Police bei hinnen am Asaz wier. En huet dat zu engem vun deenen Haaptakzenter am ganze Spuerpak gemaach. Well Dir hutt jo net déi 256 Mesuren opgelëscht, Dir hutt der zwou, dann nees dräi, Dir hutt der vläicht zéng, zéng sinn duergestallt ginn als dat, wat wierklech wichteg wier.

An dunn hutt Der ugefaangen, menger Meinung no, ze iwwerleeën. Well déi dote Propos, déi ass et schonn zu Zäite ginn, wéi deen hei nach an der Regierung war. Dat ass schonn e ganze Strapp an der Lëtzeburger Politik hier. An et ass ëmmer gescheitert.

Wourunner ass et gescheitert? Et ass dorunner gescheitert, dass, wann een allegueren déi eraushëlt, déi den Här Schneider verteidegt, an allegueren déi eraushëlt, déi d'Madame Nagel ze verteidegen huet, an déi Organisatioune maachen, an déi, wa se dat dote musse bezuelen, hir Organisatioun net méi maachen, well déi da gesot hunn: „Ma mir kënne se net méi maachen.“, an de Ressortminister, egal wien et war, egal vu wat fir enger Partei, dann ëmmer gesot huet: „Ma mir kënnen deenen dach awer elo net an d'Täsch gräifen!“

Et ass iwwreg bliwwen de Marathon, Nuetsmarathon, an et ass iwwreg bliwwen de Rock-A-Field, hunn ech héieren. Awer net fir dëst Joer. Dofir, dat gëtt da méi spéit gemaach.

Ech soen lech, dass Der et beim Marathon net maacht! Mir kucken an engem Joer, ob Der et beim Marathon fir 2016 maacht! Ech wetten, dass Der et net maacht, well de Marathon dann net méi wäert stattfannen! Wann déi reell Käschte vun der Polizei, déi duerch de Marathon entstinn, wann déi musse budgétiséiert gi fir d'Joer 2016, da wäert et kee Marathon ginn.

► **Une voix.** - Här President!

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Et ass also, Här President, e Bezuelpak, deen net kohärent ass...

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Däerf ech dem Här Wolter eng Fro stellen?

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Wann den Här Wolter do dermat d'accord ass.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Här Wolter,...

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Erlaabt mer just, de Saz fäerdeg ze maachen an deen...

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Et ass vläicht eng Präzisiounsfro, da braucht Der de Rescht vläicht net ze soen.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Gutt.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Meng Fro, Här Wolter, ass déi: Dir sidd jo sécher, dass Der de Schneider R. an net de Schneider E. mengt? Well déi Measure, déi Der do ugeschwat hutt, fannt Der am Budget vum Här Étienne Schneider erëm.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Jo. Mä Dir sidd, wann ech richtig informéiert sinn, Sportsminister.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Ganz richtig!

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Voilà. Dofir hunn ech gesot, déi, déi Dir vertritt.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - A gären!

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Déi, déi Dir vertritt, nämlech...

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Jo.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - ...d'Sportsorganisatiounen,...

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Jo, jo.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - ...déi wäerten lech e laangen „Hallo“ soen! D'Fussballsfederatioun, déi wäert lech eng Geschicht erzielen, wann Der zu deene sot, si missten d'Poliziste bezuelen an Zukunft. An d'Fussballsfederatioun vun de Suen hier zumindest kéint dat jo maachen, a si wäerten an lech, Här Schneider...

(**Interruption**)

...R., Här Schneider R., e Befürworter fannen derfir. Dir wäert als Sportsminister, well Der e gudder Sportsminister sidd, wäert Dir lech derfir asetzen, dass kenger Sportsfederatioun op deem dote Plang hei zu Lëtzebuerg eppes wäert geschéien.

(**Brouhaha**)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*. - Här Wolter, dat wäert ech och maachen, well dat läit nämlech och an der Linn vun der Measure! Well d'Measure ganz kloer vu kommerziellen Evenementer schwätzt. Also hu mer domat schonn eng ganz Rei vun deem ausklammet. Ech hunn dat scho ganz genau preziséiert.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Gutt.

Sechstens... Jo, mir kucken dat. Oh mei! Oh mei! Ech soen lech, déi Measure stierft den Heldendoud! Si stierft den Heldendoud! Si ass d'nächst Joer net méi do. Net méi do. Gleeft mer et!

Logement, Logement!

► **Une voix.** - Ah.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - D'Madame Minister vun Logement hat no engem Mount déi Schëlleg fonnt.

► **Une voix.** - D'CSV!

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Neen, et war ausnahmsweis net d'CSV! Et waren d'Gemengen. D'Gemenge géifen hir Responsabilitéit am Logement net iwwerhuelen. Wat zu vehementer Opposition um Niveau vum Syvicol gefouert huet, well déi 105 Gemenge wuel der Meinung sinn, dass se hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

A si huet du gesot, well se net aktiv genuch sinn - si huet et net esou ausgedréckt, ech soen dat -: „Da wäerte mer se elo emol bestrofen, an zwar wäerte mer hinnen d'Sue vum Pacte Logement sträichen, zu engem Deel oder ganz. An da wäerte mer déi Suen aus dem Pacte Logement huelen an domadder maache mir dann intelligent Politik, nämlech Politik, déi vum Stat aus subventionéiert gëtt.“ D'Gemengen, also déi et net kënnen, kréien d'Suen ewechgeholl am Pacte Logement an d'Sue ginn an de Statsbudget eran, fir dass do eng besser Politik ka gemaach ginn, wéi se an de Gemenge gemaach ginn ass.

A fir dat dann ze verdäitlechen, hutt Der 27 Projeten opgezielt, an zwar am Plan sectoriel «Logement». 27 Projeten, wou Der gesot hutt:

„Ma do hu mer déi Terrainen, déi noutwendeg sinn, fir dass mer kënnen dee ganz ambitiëse Programm, dee mer an deenen nächste Jore wëlle maachen, mat Dausende vu Wunnengen, déi mer wëlle bauen, dass mer dee kënne maachen.“

Allerdéngs, Madame Minister, Här President, wollt ech der Madame Minister soen, dass se vergiess hat, mat de concernéierte Gemengen ze schwätzen doriwwer, ob déi dann och der Meinung wieren, dass hir Terrainen, déi do géifen dann elo bebaut ginn, an Zukunft direkt kéinte bebaut ginn.

Am Kapp vu jiddwerengem ass d'Beispill vu Keel. Dee Buergermeeschter, dee war ëfters op der Televisioun, wou e kloer an däitlech gemaach huet, an et ass kee vun der CSV, de Buergermeeschter vu Keel, wou e kloer an däitlech gemaach huet, dass dat op sengen Hektaren, déi do ausgewise wieren, guer net géif goen.

An du sinn d'Plan-sectorielle gestuerwen. Also net definitiv, ech hoffen op jidde Fall net definitiv, mä op jidde Fall elo emol temporaire si se fort. Domat sinn déi 27 Projeten och fort. An do sidd Der op 100,7 gaangen. Ech hunn et op 100,7 héieren. Do hutt Der gesot, wa mer bis Enn der Legislatur nach een oder zwee Projeten duerchkréien, dann hu mer gutt geschafft.

Ech annonciéieren der 27. Ech soen, d'Gemenge sinn net à même, Logement ze maachen. Ech déposéieren e Plan sectoriel. Ech schwätzen net mat de Gemengen an no engem Joer soen ech, wann ech een oder zwee Projeten duerchkréien, da sinn ech zefridden. Dat nennen ech eng kohärent Politik am Logement. Ech hoffen, dass et esou weider..., oder ech hoffen net, dass et esou weidergeet.

An da wier ech bei de Plans sectoriels. Hoh, dräi Fraktiounspräsidenten hu sech misste beméien, fir sonndes e Pressecommuniqué ze schreiwen. „Et war nach ni do.“, ass kommentéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Regierung ass schold ganz eleng fir de Schlamassel an der Prozedur vun de Plan-sectoriellen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*. - Also, Här Wolter, elo maacht lues. Neen, et kann ee villes soen...

(**Interruptions diverses**)

Liest den Avis vum Statsrot.

(**Interruptions**)

Liest den Avis vum Statsrot, an da wësst Der, wie schold ass.

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Dobäi ënnerstellen ech der Regierung an deemem Punkt absolut keng schlecht Absichten, au contraire. Ech sinn der Meinung, dass an deem heiten Domän probéiert gëtt, d'Zukunft vum Land ze plangen. An d'Zukunft vum Land an der Landesplanung ze plangen, soen ech als fréiere Landesplanungsminister, ass e ganz stengege Wee, e ganz, ganz stengege Wee. Well et muss ee vill Réticence iwwerwannen, fir Landesplanung ze maachen. Et ass een direkt an der Diskussioun iwwer: vun uewen erof, vun ënnen erop, top-down, bottom-up, „Dir huet eis Rechter eis ewech.“ an esou.

An duerfir ass et schued. Et ass a mengen Aen extrem schued, dass d'Regierung d'Plan-sectoriellen huet missen zréckzéien, well duerch d'Zréckzéien zumindest en Deel vun deem Ganze wäert verluer goen, wat aus gudden Absichte menger Meinung no an deenen nächsten zwee, dräi Joer op der Streck wäert bliwen.

Och do sinn all d'Bedenken an de Wand geblose ginn. „Mir hunn alles ënner Kontroll. Mir packen déi Prozedur.“, war den Unisono, den Tenor Mee, Juni, Juli. „Mir packen déi Prozedur. Mir hunn alles am Grëff. Mir hunn en Avis juridique, deen eis beweist, dass mer dat alles hunn.“ Et ass net vum Artikel 19 geschwat ginn. Et ass gesot ginn: „Mir hunn eng wonnerbar Prozedur a fir déi wäerte mer anrieden.“

An de Combel, de Combel, Här President, war fir mech den Optritt vun der Ministesch vum Logement, wou se op der Televisioun iwwer en Affekot, dee seng Aarbecht gemaach huet, an enger Aart a Weis déi lächerlech gemaach huet, wéi ech et selten erlieft hunn, dass e Politiker eng Privatpersoun lächerlech mécht. Dat eenzeg Argument, wat se fonnt huet, deemools, war ze soen: „Dee wëllt nei Clienten.“

Ech kann lech d'Avis vum deem Affekot bréngen. 85% vun deem, wat dee Mann geschriwwen huet an de Méint Juni, Juli, ass herno an der Argumentatioun zréckbehale bliwwen, fir dass d'Plan-sectoriellen zréckzezéie wieren. Et hätt ee besser gehat, amplaz sech lëschtig ze maachen iwwert d'Leit, et hätt een d'Avis vum de Leit gelies an et hätt ee gekuckt, seng Prozedur an d'Rei ze kréien.

A mir selwer an 200 Zeien ass et d'selwecht esou gaangen. Well d'Regierung hat decidéiert, dass mer jo géifen, dass eng Informatiouns-, an dat fannen ech extrem gutt, ech kommen nach zum Schluss eng Kéier dorobber zréck -, d'Regierung hat decidéiert Informatiounsversammlungen ze maachen. Elo sinn ech als Buergermeeschter vu menger Gemeng op Belval gaangen. Do hunn ech eng ganz Rei Saachen do gesot, eng ganz Rei Saachen. Ech behaupten och do, 85% vun deem, wat ech do gesot hunn, ass herno an der Argumentatioun hänke bliwwen.

Den Här Gira, dat rechnen ech deem Mann extrem héich un, huet probéiert, ze argumentéieren. Den Här Gira huet argumentéiert, datt e gesot huet: „Duerch de Fait, dass mer e Règlement grand-ducal de 26. Juni geholl hunn, deen d'Prozedur vun de Plan-sectoriellen uleeft, si mer net an der eigentlecher Prozedur, a mir hunn en Avis juridique, dee seet, dass mer net an der Prozedur sinn.“

Et huet sech erausgestallt, dass déi Argumentatioun d'Strooss net hält. Mä en huet se éierlech gemengt. Hie war fest dovun iwwerzeegt, sinn ech haut dovun iwwerzeegt, datt hien dovun iwwerzeegt war, dass genuch Argumenter op hirer Säit wieren.

Déi waren awer net op hirer Säit. Den Här Gira an den Här Bausch hunn argumentéiert, den Här Kersch huet gepöbelt. Well hien huet och d'Wuert geholl - aneschtens kann ech et net soen, 200 Zeien - an huet, ouni op iergendeng Fro ze äntwerten, alles eigentlech dohinnergestallt als Saachen, déi net derwärt wäeren, driwwer ze diskutéieren, wat net richtig wier. „Mir packen dat.“

Et huet mech immens getraff, well et waren 200 Leit am Sall an et ware Leit do vun der Regierung. Et sinn och Leit heibannen, déi do waren. Déi hu probéiert ze argumentéieren. Et si souguer Regierungsmemberen, déi hu sech Zäit geholl, zwee Stéck, fir mat de Südgemengen zusammenzekommen. Wat ech super fonnt hunn. Eeef Gemenge sinn am PRO-SUD. Dat ass e Syndikat, deen Der jo allegueren kennt entre-temps. Eeef Gemenge sinn am PRO-SUD. Zwee Ministeren, den Här Bausch an den Här Gira, huele sech e ganzen Owend Zäit, fir mat de Buergermeeschteren diskutéieren ze kommen.

Soll ech lech soen, wéi vill Buergermeeschteren do waren? Dräi. Soll ech lech soen, wéi vill Gemengen do ware vun eelef? Sechs.

Wann een, Dir Dammen an Dir Hären, Landesplanung wëllt maachen, wann een als Gemenge sech wëllt implizéieren an e Processus, dee leeft, an et sinn zwee Ministeren do, déi sech Zäit huelen, fir mat engem e ganzen Owend vun hallwer aacht bis bal Véirel op zéng ze diskutéieren, a vun eelef Gemenge kommen der fénnef iwwerhaupt net, a vun eelef Buergermeeschtere kommen der dräi net (veuillez lire: kommen der just dräi), da seet dat mir, obschonn ech elo zéng Joer net méi Landesplanungsminister sinn, wou den eigentleche Problem vum Stellwäert an der Landesplanung ass.

An ech soen lech nach e lescht Argument op deem Punkt. Ech hunn lech et och geschriwwen am August. Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass Der, mat alle Problemer vum Artikel 19 - deen e reelle Problem ass, nodeem am Oktober 2013 d'Cour constitutionnelle en Avis gemaach huet, deen net berücksichtegt ginn ass an der Prozedur, dass Der en anere fundamentale Feeler gemaach hutt, Här President, dass d'Regierung en anere fundamentale Feeler gemaach huet, op deem se d'Prozedur verluer hat. Nämlech deen, datt se d'SUP-Prozedur an d'Plan-sectoriels-Prozedur am selwechte Moment op den Instanzewee ginn huet. An am Gesetz iwwert d'Incidences des grandes... - wéi heescht dat Gesetz do? -, (veuillez lire: An am Gesetz vum 2008 iwwert d'Évaluation vum den Inzidenzen op grouss Investitiounsprojeten) do steet kloer an däitlech dran, dass d'Reklamatiounen, d'Awänn an d'Dénge vun de Leit, d'Bemierkunge vun de Leit am Kader vun der SUP mussen an de Projet de plan sectoriel agebaut ginn.

Och do ass gesot ginn: „Mir hunn dat am Grëff, mir hunn e Projet de loi.“ Dir hutt e Projet de loi déposiert. E Projet de loi hutt Der deposiert am Juni, fir lech retroaktiv d'Méiglechkeet ze ginn als Majoritéit, fir déi Plan-sectoriellen, déi Der am Juni en violatioun vum Gesetz vum 2013 deposiert hutt, fir lech déi eigentlech guttheeschen ze loossen.

Och dee Projet de loi, vun deem schwätzt haut kee méi. Dat war an Ären Aen, an ech hunn d'Schrëftcourriere jo mat dem Ministère, dat war an den Ae vun der Regierung de Wee, fir de Problem ze léisen. Mä de Wee huet sech awer als falsch erweisen. En huet sech an alle Punkte quasi als falsch erweisen. An dofir ass et schued, et ass richtig schued, dass mer um Niveau vun de Plan-sectoriellen elo an enger Si-





tuatioun sinn, dass kee Mënsch weess, wéi laang dass dat doten elo, wäert daueren, bis mer dat doten nees vum Äis hunn. Zweek Joer, ee Joer? Zweek Joer, dräi Joer? Ech weess et net.

► **Une voix.**- Esou séier wéi méiglech.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Esou séier wéi méiglech, ech si mat lech eens.

An ech wäert an der Linn a menger Partei an iwwerall do, wou ech sinn, an deem, wat ech iwwer Joren, iwwer zwanzeg Joer an dësem Land plädéieren, menger Linn och do trei bleiwen an lech hëllefen, wann et drëm geet, fir d'Plan-sectoriellen an d'Realitéit ze kréien. Well d'Plan-sectorielle sinn net an allem perfekt, mä se sinn an hirer grousser Richtlinn d'Conditio sine qua non, fir dass viles, wat mer an der Politik aneschtlers wëlle maachen um Niveau vum Logement, um Niveau vun der Wirtschaft, um Niveau vun der Aart a Weis, wéi mer wunnen, dass dat aneschtlers ka sinn.

A wéi kéint ech et och aneschtlers maachen als deen, deen als Minister 2002 den IVL hei virun der Chamber déposéiert huet, wat eigentlech deen éischten Essai war, fir aus deem Gesetz, wat den Här Bodry 1999 nach op den Instanze-wee bruecht huet, fir do déi Substanz ze kréien: „Wunnen, schaffen, sech bewegen“, waren 2002 den Dëngen.

Wat si mer mam 750.000-Awunner-Stat deemools lächerlech gemaach ginn! All Prognose vum Wuesstum vum Lëtzebuerger Land, déi mer 2002 opgestallt hunn an deem IVL, sinn duerch e Multipel duerch de Plaffong gaangen. Eist Land huet sech wesentlech méi séier, méi rasant an doduerch och méi onkoordinéiert entwéckelt, wéi mir et gesot hunn a woufir mer massivst kritiséiert gi sinn, wat eis géif ugoen, fir esou Zuelen op den Dësch ze bréngen, dass mir der Meenung wieren, dass dat Land esou géif wuessen, Einwohnerzeenario, Pendlerzeenario, alles dat, wat mer deemools gemaach hunn.

Mir sinn, an dat ass net de Feeler vun der CSV, ob jidde Fall net eleng - wann et en ass, dann ass et e vun eis alleguer -, iwwerrannt gi vun enger Entwécklung, déi mer landesplaneresch net an de Grëff kréien. An déi Aart a Weis, wéi iwwert d'Plan-sectoriellen diskutéiert ginn ass an de leschte Méint, an déi Aart a Weis, wéi verschidde Leit sech implizéieren, seet mir, dass do och an Zukunft nach ganz vill Aarbecht muss gemaach ginn, bis mer op engem Punkt sinn, dass d'Landesplanung dee Stëllewäert huet, dee se verdéngt.

Ech kommen...

(**Interruption**)

Jo, gären. Ech kommen zur Kultur. Aacht Kapitel.

Ech muss soen, an ech soen dat a mengem perséinlechen Numm, Här President, der Madame Ministesch an der Regierung an der Majoritéit, ech kann absolut net novollzéien, a souguer wann ech deen allerbeschten Dëngen huelen, dass Der déi Expositioun iwwert den Éischte Weltkrich an där Form, wéi se geplangt war, net maacht. Fir e Mount oder zweek Méint, nodeem Der an der Regierung sidd, ze komme mam Argument, d'Argument ass jo dat gewiescht, fir ze soen, et stoung keng Suen am Budget fir 2014, ginn ech d'Impressioun net lass, datt et sech éischter ëm e Coup géint d'Madame Modert gehandelt huet an déi viereg Kulturministesch,...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...wéi dass et sech ëm eppes aneschtlers gehandelt huet.

(**Interruption**)

Jo, ech sinn där Meenung, Madame Minister, an ech soen déi Meenung, well fir 250.000 Euro en Deel vun der Lëtzebuerger Geschicht falen ze loosser, op jidde Fall an där Aart a Weis, wéi se geplangt, wéi se virgeluecht war, an déi gutt preparéiert ass vun der Uni, a wann et 500.000 Euro kascht hätt, mengen ech, dass mir alleguer an der Verflichtung gewiescht wieren, fir déi Expositioun ze maachen.

An ech kann lech just opfuere, ech hu keen Amendement dozou proposéiert. Ech kann lech just opfuere: Gitt nach eng Kéier an lech a maacht se! Well d'Ausstellung zu Käerjeng iwwert d'Gëlle Fra huet mer gewisen, déi iwwerengs och iwwert den Éischte Weltkrich gaangen ass an d'Konsequenzen dovun, bei 40.000 Visiteuren a bei der Aart a Weis, wéi d'Leit reagéiert hunn op eng Ausstellung, déi professionell gemaach ass, a vill vun lech ware se deemools kucke komm, wéi d'Leit reagéiert hunn, wat fir ee Besoin do besteet, wat fir ee Besoin besteet bei de Leit, déi net informéiert sinn, déi schlecht informéiert sinn iwwert den Éischte Weltkrich. Mir iwwerengs alleguerten och, schlecht informéiert sinn, well den Éischte Weltkrich dee Moment, wou en hätt kënnen opgeschafft ginn, duerch den Zweeten iwwerrullt war. An doduerch ass et net gemaach ginn, well

den Zweete wesentlech méi schlëmm fir eist Land um Niveau vun der Dramatik war.

Mä eist Land huet Honger gelidden am Éischte Weltkrich. Honger gelidden. Während Jore war et. Et waren net vill Krichshandlungen do, mä Honger hu se gelidden. An en zweeten Deel vun der Expo, dee sech ëm d'Zaldote bekëmmert, notament déi Zaldoten, déi a franséischer..., déi am Fräiwëllegecorps gedéngt hunn, wier et och gutt, dass mer dat géifen opschaffen.

Gitt wann ech gelift an lech a presentéiert fir de Budget 2016 eng Linn vun 250.000 oder 300.000 oder 350.000 Euro, fir d'Ausstellung vum Éischte Weltkrich ze maachen! Ech garantéieren lech elo, dass Der d'Zoustëmmung vun der CSV wäert kréien.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Maggy Nagel**, *Ministre de la Culture*.- Ech ginn dem Statsminister et virun, Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech kommen dann zu de Gemengen - néngte Punkt -, well a mengen Aen d'Gemengen zweifelsohne haut zu deene ganz grouse Verlëierer zielen, wann net souguer déi gréisste Verlëierer sinn, vun deem, wat d'Chamber haut wäert mat de Stëmme vun der Majoritéit stëmmen. Et gëtt keng Relatioun, wann ech kucken, wat de Stat an dësem Bezuelpak de Gemengen operleet par rapport zu deem, wat e selwer spuert, déi justifiéiere kann, dass een dat en pleine connaissance de cause gemaach huet.

An ech foren lech... Här President, ech wollt den Här Gramegna froen, ob en pleine connaissance de cause, dass e wousst, dass dem Gemengesector iwwer aner Mesuren, déi net der Regierung unzekreide sinn - dat hunn ech ni gesot -, 140 Milliounen operluecht ginn, 140 Milliounen, déi de Gemengen operluecht ginn, dass et do nach noutwendeg war, fir nach eng Kéier 50 Milliounen dropzeleeën.

D'Gemenge bezuelen, Dir Dammen an Dir Hären, e ganz, ganz staarke Präis an dësem Pak, en iwwerdrifwe staarke Präis. Well den Nettomontant, deen d'Gemengen hei mussen op den Dësch leeë fir déi Mesuren hei, déi eis europäesch näischt wäerte bréngen, ech wëll dat nach eng Kéier soen, iwwersteigt de Montant, deen de Stat spuert.

D'Gemengen hunn awer, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dat emol esou ka soen, e Chiffre d'affaires vun zwou an enger hallwer Milliard, an de Stat huet e Chiffre d'affaires vu 16 Milliarden Euro. Dat heescht, engem, deen e Chiffre d'affaires vun zwou an eng hallef Milliarde huet, méi ofzeverlaangen, wéi engem, dee 16 Milliarden huet, kann a mengen Aen nëmme bedeuten, dass Der lech der Tragweid vun deem, wat Der hei décidéiert hutt, net bewosst sidd.

Selbstverständlech verlëieren d'Gemenge 70 Milliounen aus dem Commerce électronique. Déi si fort. D'Welt ännert sech, Lëtzebuerg ännert sech. D'Sue sinn net méi do. 700 Milliounen de Stat, dat sinn der also 630, well 70 ginn der jo un de Gemengesector, déi si fort.

Dat sinn, Här Minister, par rapport zu 450 Milliounen Excédent, deen déi insgesamt 105 Gemengen ausweisen, quasi 20% vum Excédent, déi duerch déi dote Measure, déi logesch ass, d'Gemenge mussen assuméieren.

Mä d'Differenz geet awer duerno un. Duerno gitt Dir diskret an ondiskret an d'Täsch vun aneren an Dir féllt lech Är Täschchen. An de Gemengen, deene setzt Der nach där anerer drop. Well mir mussen als Gemengen... Also, entschëllegt. D'Gemenge mussen och d'Méikäschte vun der TVA droen.

Op eng Question parlementaire - ech mengen, den Här Roth hat déi och gestallt an d'Madame Aehm - huet de Minister geäntwert, dass de Fait, dass d'TVA an d'Luucht geet, d'Gemengen d'nächst Joer 35 Milliounen Euro wäert kaschten. Dat sinn also 105 Milliounen (veuillez lire: Dat sinn also 70 plus 35 am Total 105 Milliounen). An et ass richtig: D'TVA geet an d'Luucht, se geet fir d'Leit an d'Luucht, se geet fir d'Gemeng an d'Luucht. D'Differenz mam Stat ass allerdéngs, datt de Stat sech se aus där rietser Täsch hëlt a sech an déi léns Täsch nees erastécht. Ausfall fir de Stat an deem Punkt null, Grëff an d'Täsch par rapport zu de Gemengen oder e Plus par rapport zu de Gemenge vu 35 Milliounen.

Da komme 25 Milliounen aus dem Gehälteraccord dobäi, fir déi ech d'Regierung net responsabel maachen, mä déi awer an de Budget vum Stat kommen. Et kommen dobäi - jo, et ass awer esou -, et kommen nach eng Kéier 8 Milliounen, eise Rechnungen no, do derbäi fir d'Leierpersonal, d'Augmentatioun vun de Paien, fir déi ze bezuelen. Da kommen ech also op e Montant vun 137 Milliounen.

An, Här Gramegna, domat wier et... Här President, ech wollt dem Här Finanzminister soen, dass et a mengen Aen domadder déck duergaange wier. Well mat 137 Milliounen hätten d'Gemenge scho méi kontribuéiert wéi de Stat netto kontribuéiert.

Mä, fir Merci ze soen, hutt Der nach dräi Mesuren derbäi fonnt. An ech soen lech, firwat datt Der se fonnt hutt. Ech si fest dervun iwwerzeegt, dass Der an der Regierung der Meenung waart, dass Der wëllt 50 Milliounen bei de Gemenge spueren an dass Der déi du siche gaange sidd. An dunn hutt Der se fonnt. Do hutt Der d'Majorations biennales ewechgeholl. Eng Measure, déi et säit 1901 gëtt - 1901! -, ouni Verhandlung, ouni Diskussioun, einfach eng Kéier freides - oder wéini waart Der do zu Senneng? -, sonndes - flupp! - waren d'Majorations biennales - 1901 agefouert, net 1954 -, 1901 an hirer ursprüngelecher Form agefouert, fir déi Aarbechten, déi d'Gemenge maache pour compte vum Stat, fir déi ze kompenséieren.

Do sidd Der higaangen an Dir hutt gesot: Mir deckelen dann och nach den ICC. An hei wëll ech de Kollege vun der Majoritéit soen - ech kommen herno nach eng Kéier bei den Amendementen dorobber zrëck, well do maachen ech en Amendement -, dass an deem Gesetz, wat Der elo stëmmt, an dass Der dat en pleine connaissance de cause maacht, Der eng Pipeline leet, déi accordéiert der Regierung d'Recht, fir iwwer Règlement grand-ducal an den Impôt commercial communal eranzegoen.

Et ass fir d'CSV net akzeptabel. D'Budgetspolitik, Emverdeelungspolitik gëtt an der Chamber gemaach sur proposition du Gouvernement. Mä fir hei mat engem Text d'accord ze sinn, an Dir wäert mat deem Text d'accord sinn, fir iwwer Règlement grand-ducal eigentlech der Regierung nach Gutdünken ze soen: „D'nächst Joer ass et net dräimol de Maximum, mä 2,8-mol de Maximum, oder 2,7 oder 2,5.“, dat ass e Schrëtt, deen ech an Är Plaz net gaange wier.

Ech hätt zumindest d'Kritik vun der CSV opgeholl op deem Punkt an hätt derfir gesuergt, dass et d'Chamber wier, déi all Joer am Kader vun der Loi budgétaire dat dote géif maachen, an net iergendeng Regierung an dräi Joer, a fënnf Joer, a siwe Joer, einfach esou ouni Diskussioun. Well et huet keng Diskussioun mam Syvicol och doriwwer gestatt, d'Méiglechkeet ze ginn, fir nach Gutdünken de Plaffong vum ICC ze réckelen.

An Dir hutt - an do sinn ech och net mat lech d'accord; ech kann net, ech ka wierklech net domadder d'accord sinn - dunn décidéiert, dass Der bei der Augmentatioun vun der TVA d'Gemengen ausschléisst. Wann ech kucken, wéi vill Leit an der Regierung setzen, déi fréier Buergermeeschter waren, wann ech mer als Stat d'Bedelegung, wann ech mer déi natierlech an d'Täsch huelen, an ech soen, d'Gemengen, déi schlëssen ech dovunner aus, au profit vun engem Etablissement public, dee kee kennt, vun enger Reform, déi kee kennt, wou keen Text virläit, déi net gestëmmt ass, wou mer keng Ahnung hunn, eigentlech scho pränumerando, vun Ufank un: „Elo bezuelt Der emol während zweek oder dräi Joer an da kucke mer, ob iwwerhaupt eppes kënnt.“

Loosst déi Suen am Gemengesector. A wann Der mat Är Reform esou wäit sidd, wann Är Reform esou wäit steet, kënnt Der ëmmer nach bei d'Gemenge goen, fir ze froen, datt se sech dann an deem Pourcentage, deen d'Chamber festleet an engem Gesetz, un de Käschtchen vun de Pompjeeën a vun der Protection civile an Zukunft wäert bedeelegen.

Wann ech also dat Ganzt beieneeleeën, da stellen ech fest, dass 31%...

Här President, kënnt Der dem Här Berger an dem Här Gramegna soen, datt ech amgaange wier, dem Här Gramegna wëllen ze erklären, dass Der, Här Gramegna, Här Finanzminister, 31%...

(**Interruption par M. Pierre Gramegna**)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Et ass mat dee wichtigste Chiffer, deen ech lech elo wëll matdeelen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Et ass gutt, da lauschteren ech.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Entschëllegt!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Entschëllegt mech.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Entschëllegt mech, datt ech lech do gestéiert hunn.

31% vum Excédent ordinaire vun de Gemengen huet Der de Gemenge vun engem Joer op dat anert ewech. Duerch eng Multitude vu Mesuren, dovun 50 Milliounen, déi absolut net noutwendeg, déi gratuit waren, déi ouni Iwwerleeung an de Raum geworf sinn. An Dir huet hinnen domadder 20% vun hirer Investitionscapacitéit ewech. D'Investitionscapacitéit 2013 um Kont vum Gemengesector, sinn

725 Milliounen Euro gewiescht. Dir huet hinnen 20% vun hirer Investitioun.

Et ass schued, datt den Här Bausch net hei ass, well den Här Bausch huet am Numm vun der Regierung virun dräi Wochen oder zwou Wochen, wéi mer hei iwwert déi Projeten geschwat hunn, déi sollen elo étudiéiert ginn, gesot, dass an Zäite wéi dësen, et wichtig wier, dass d'effentlech Hand investéiert, a fir datt déi effentlech Hand investéiert, hätt de Stat décidéiert, datt d'Investissementer 10% pro Joer an d'Luucht gesat ginn.

Wéi kënnt Der de Gemengen, wéi kënnt Der dem Syvicol, wéi kënnt Der dem Land erklären, dass Der am selwechte Moment, wou deen een Deel vum Stat seet: „Mir géife gären 10% méi investéieren, well dat ass en Deel vun eiser Politik.“, deem aneren Deel vum Stat - well d'Gemenge si soss näischt, wéi deen aneren Deel vum Stat - 20% vun hirer Investitionscapacitéit káppt an en domadder an eng Situatoun bréngt, wou e seng Budgete potentiellment net méi wäerten opkréien?

Här Gramegna... Här President, sot dem Här Gramegna, dass am Gemengesector 43% vun de Chargé Gehälter sinn, an der Moyenne. Et sinn der, déi hu méi, et sinn der, déi hu manner. 43, dat ass quasi d'Halschent. Beim Stat sinn et 19%. D'Gemengen hunn, fir sech ze erkréien, fir kënne Politik ze maache géint déi Mesuren, déi Dir mat Är Majoritéit elo hei décidéiert, kaum eng Méiglechkeet, fir ze soen: „Mir halen d'Investissementer op.“

A gleeft mer et, ech kennen de Secteur laang genuch, déi nächst dräi Joer wäert kee Buergermeeschter ophalen iergendee vun de Projeten, deen en amgaangen ass ze plangen oder deen e wëllt réaliséieren, ze réaliséieren. An dräi Joer si Gemengewahlen, an et gëtt investéiert, gleeft mer et.

A wat wäert geschéien? Wat wäert geschéien, dat ass, dass den Endettement vun de Gemengen an d'Luucht geet. Den Endettement geet an d'Luucht, dat heescht, déi Suen, déi Der de Gemengen elo hei virenthalt, do wäerten d'Gemenge sech verschëlde mussen. Si wäerte sech verschëlde mussen an d'Endresultat ass null. Null! Well dat, wat Der de Gemengen op där doter Säit ewechhuet, dat kritt Der op där anerer Säit zu Brëssel net emol ugerechent.

Méi eng onlogesch Politik, méi en onlogesche Grëff an d'Keess vum Stat - well ech d'Gemengen ëmmer als en Deel vum Stat considéiert hunn - kann ech mir eigentlech net virstellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Wolter,...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech sinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...erlaabt Der, dass den Här Kersch...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Neen, well ech sinn elo fäerdeg.

(**Brouhaha**)

Hie kritt d'Méiglechkeet, duerno ze äntwerten, en huet jo fläisseg Notte geholl, e kann dat roueg maachen. Ech sinn do e bësse geschiedeg, well et ass ganz schwéier, mat him eng inhaltlech Diskussioun, fir déi...

(**Exclamations**)

...ze féieren.

Ech kommen ...

(**Brouhaha**)

Jo, jo.

Ech kommen op... Den Här Kersch behaupt bis haut, datt d'Chifferen, déi ech elo gesot hunn, falsch sinn. Bis haut! Bis haut! Ech kann lech soen, am Syndicat PRO-SUD si se validéiert ginn. Validéiert ginn! Déi Chifferen, déi ech op den Dësch geluecht hunn, si keng Chiffere vu mir. Dat kënnt alles aus dem Budget, aus der Circulaire budgétaire vum Syvicol, dat heescht vun unerkannten Instanzen!

Här Finanzminister, Dir hutt d'Méiglechkeet, sot mer, dass dat, wat ech elo an deene leschten zéng Minutte gesot hunn, falsch ass, dass et net esou ass, dass d'Gemengen nëmmen 20 Milliounen verlëieren oder 40 Milliounen verlëieren, dann zéien ech meng ganz Remarquen zrëck.

Mä ech kenne meng Chifferen, well ech hu mech ganz, ganz intensiv mat deenen heite Chiffere beschäftegt. An ech géif mech net esou wäit erausloossen, wann ech net sécher wier, datt se richtig wieren. Mir kënnen iwwer fënnf Milliounen diskutéieren, mir kënnen och nach iwwer zéng Milliounen erop an erof diskutéieren, dat mécht dem Punkt de Komma net ewech, dat mécht der Kaz kee Bockel, oder wéi een dat och ëmmer seet. Et ass d'Tendenz.





Dir huelt de Gemenge méi ewech, wéi Der dem Stat ewechhuelt. Dir maacht eng falsch Politik, well déi Politik lech europäesch net emol eppes bréngt.

Dir hutt - an dat ass mäi leschte Punkt, léif Kolleege vun der Majoritéit - de Problem... Ah, ech wollt nach, Här President, entschëllegt, nach véier Amendementen déposéieren zum Kapitel - entschëllegt - vum Intérieur.

Eemol proposéiere mer, dass den Artikel 28 vun der Loi budgétaire iwwert de Fonds pour la réforme des séances des services de secours, ofgeännert gëtt.

Amendement 2

Amendement concernant l'article 28 de loi budgétaire portant sur le Fonds pour la réforme des services de secours

Le paragraphe (2) dudit article est à supprimer.

Commentaire:

L'article 28 institue un fonds spécial, dénommé «Fonds pour la réforme des services de secours». Ce fonds sera alimenté par une dotation constituée par le produit de l'augmentation du taux de la TVA non prise en compte pour le calcul de la dotation du Fonds communal de dotation financière.

La décision d'affecter des recettes dues aux communes au financement du futur fonds, qui d'ailleurs ne sera pas créé avant le 1<sup>er</sup> janvier 2015, constitue une atteinte à l'autonomie communale, dans la mesure où des recettes non affectées seront transformées en recettes affectées.

Cet amendement est à voir ensemble avec la motion concernant l'article 26 du projet de loi 6720 relatif au Fonds communal de dotation financière.

La suppression du paragraphe (2) de l'article sous rubrique entraîne la suppression de la mesure 112 des mesures de restructuration budgétaire décidées par le Gouvernement.

(s.) Michel Wolter.

Mir proposéieren dann d'Reintroductioun vun de Majorations biennales, well mer net der Meinung sinn, dass d'Gemengen déi sollen einfach esou vun engem Dag op deem aneren ewechgeholl kréien.

Amendement 3

Amendement concernant l'article budgétaire 43.004 (43.22) à la page 187 du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015

L'article budgétaire 43.004 (43.22) est alimenté pour l'année budgétaire 2015 à hauteur de 14,1 millions euros.

09.1 - Finances communales

Article (Code écon.)	Code fonct	Libellé	2013 Compte provisoire	2014 Budget voté	2015 Projet de Budget
43.004 (43.22)	01.10	Part de l'État dans les majorations biennales et les majorations d'indice des fonctionnaires des secrétariats et recettes communales (article 4-2 du règlement grand-ducal du 4.4.1964)  (Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice)	13.674.383	14.100.000	14.100.000

Commentaire:

L'article budgétaire 43.004 (43.22) à la page 187 du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 fixe la part de l'État dans les majorations biennales et les majorations d'indice des fonctionnaires des secrétariats et recettes communales.

Pour l'année budgétaire 2014 le montant de cette part a été fixé à 14.000.000 euros. Aucune dotation budgétaire n'est prévue pour ce même article budgétaire pour l'année 2015.

Dans le cadre de son programme de consolidation budgétaire, le Gouvernement a décidé de supprimer la prise en charge par l'État des majorations biennales des fonctionnaires du secrétariat et de la recette communales. Il s'agit plus précisément de la mesure de redressement des comptes publics n°110 «Suppression de la prise en charge par l'État des majorations biennales des fonctionnaires du secrétariat et de la recette communales».

Il est rappelé qu'actuellement l'État prend en charge les trois quarts des majorations biennales des fonctionnaires du secrétariat et de la recette communales. De plus, la décision de la prise en charge par l'État des majorations biennales des fonctionnaires du secrétariat et de la recette communales remonte à l'année 1901 en guise de compensation aux communes pour les missions

qu'elles exerçaient pour le compte de l'État (organisation des élections, délivrance des cartes d'identité, tenue des registres de l'État civil...).

La suppression de la contribution de l'État aux majorations biennales représente pour le secteur communal une dépense supplémentaire de plus de 14 millions d'euros alors que les communes continuent d'exercer une panoplie de mesures, services et missions pour le compte de l'État.

Cet amendement prévoit donc de faire doter l'article budgétaire 43.004 (43.22) du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 au moins du même montant tel que prévu et voté pour le budget de l'année 2014.

(s.) Michel Wolter.

Am Spuerpak - am Bezuelpak - proposéiere mer den Artikel 14 ze sträichen. Dat ass deem, wou d'Pipeline elo geluecht gëtt, wou d'Chamber, wa se dat haut stëmmt - a si muss sech bewosst sinn, wat se da mécht -, der Regierung iwwer Règlement grand-ducal d'Méiglechkeet gëtt, fir den ICC ze änneren, an net déi Pràrogativ vun der Chamber wëllt halen, déi doranner besteet, dass dat all Joer hei duerch d'Chamber gemaach gëtt.

Amendement 6

Article 14

L'article sous rubrique est à supprimer.

Commentaire:

L'article sous rubrique entend apporter des modifications à la loi modifiée du 3 juin 1976 concernant le Fonds pour l'Emploi. Il prévoit plus particulièrement de charger les communes d'une contribution supplémentaire audit fonds. La modification prévue tend à enlever aux communes, au profit du Fonds pour l'Emploi, une partie du produit de l'ICC auquel elles ont droit en vertu de la loi du 1<sup>er</sup> décembre 1936 sur l'impôt commercial communal. La charge en question n'est toutefois pas uniformément répartie sur toutes les communes. Elle tombe exclusivement à charge de celles dont le montant par résident des rentrées d'impôt commercial diminuées de leur contribution au Fonds pour l'Emploi dépasse trois fois la moyenne nationale. L'excédent ainsi calculé sera versé intégralement au Fonds pour l'Emploi sans pour autant pouvoir dépasser le montant de 12 millions d'euros.

Les modalités de calcul de la contribution supplémentaire seront fixées par règlement grand-ducal. Or, le fait de ne pas fixer les paramètres essentiels de la contribution communale, tels l'assiette et le taux, ou encore le plafonnement des montants à percevoir dans la loi, revient à accorder au pouvoir exécutif de décider seul, en dehors de toute intervention du législateur, des montants de l'ICC

à enlever aux communes. La disposition sous rubrique propose en quelque sorte de poser une conduite d'alimentation entre le produit de l'ICC revenant aux communes et le Fonds pour l'Emploi, destinée à fournir celui-ci.

Une telle disposition est contraire au principe de prévisibilité des recettes. En effet la prévisibilité des recettes est primordiale pour la gestion des finances communales. Des incertitudes, voire des fluctuations des recettes créent de l'incertitude et compliquent le financement de projets à long terme, qui demandent néanmoins des revenus raisonnablement stables. Les recettes de l'ICC sont aujourd'hui déjà difficiles à prévoir notamment en raison du décalage existant entre l'exercice d'imposition et l'année de perception des impôts dus. Les communes ont besoin d'un minimum de prévisibilité, sans laquelle une planification financière pluriannuelle devient pour le moins hypothétique.

Le fait que le pouvoir exécutif puisse fixer au moyen d'un règlement grand-ducal à sa seule guise les montants de l'ICC à enlever aux communes entraîne que la prévisibilité des recettes n'est plus assurée.

En général, l'effort de consolidation budgétaire des communes, tel que prévu, aura des répercussions énormes sur les budgets communales. Beau-coup de communes, dont les budgets sont déjà lourdement grevés, risquent l'asphyxie. A moyen et long terme, les communes ne seront plus en mesure d'offrir la panoplie de services à leurs citoyens, voire elles ne seront plus à même d'effectuer les investissements nécessaires pour l'avenir

de leur commune. Par ailleurs, il est impossible de reconnaître le vrai fil conducteur définissant la politique budgétaire du Gouvernement. Cette mesure, comme tant d'autres, ne fait pas partie d'un concept global de politique budgétaire cohérent.

Il échet, par conséquent, de supprimer l'article 14 sous rubrique.

(s.) Michel Wolter.

An den Artikel 33 proposéiere mer och ze sträichen, fir net einfach esou, ouni Diskussioun, ouni dass ee mam Secteur geschwat huet, d'Taxe de prélèvement an d'Taxe de rejet ëm 25% an d'Luucht ze setzen an domadder d'Gemengen eigentlech ze obligéieren, nees e Grëff an d'Täsch vun de Leit ze maachen. Well dat do ass jo eppes, wat net bei de Gemengen hänke bleift, dat ass jo eng Mesure, déi direkt duerchgeet an de Budget vun de Leit, ouni Diskussioun!

Amendement 7

Article 33

L'article sous rubrique est à supprimer.

Commentaire:

L'article 33 sous rubrique entend modifier les articles 15 et 16 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau, en proposant une augmentation de 25% des taxes étagées de prélèvement d'eau et de rejet des eaux usées.

Cette mesure va entraîner un renchérissement du prix de l'eau qui sera facturé au consommateur final. Au-delà de ce renchérissement, la modification proposée pose problème. Qu'en est-il des communes qui ont d'ores et déjà atteint le plafond de 7 euros/m3 du prix de l'eau?

Cette mesure risque de pénaliser certaines communes et leurs citoyens. Par ailleurs, à force de multiplier les taxes et autres prélèvements, le Gouvernement fait peser sur les communes et les citoyens une lourde contribution aux efforts de consolidation budgétaire sans qu'il soit possible de reconnaître un vrai fil conducteur définissant la politique budgétaire du Gouvernement à moyen et long terme. Les différentes mesures annoncées ne font pas partie d'un concept global de politique budgétaire cohérent.

Pour les raisons énoncées ci-dessus, il est proposé de supprimer l'article 33 du projet de loi.

(s.) Michel Wolter.

Mir kënnen eis an enger gesamter Diskussioun iwwer Waasser, Ofwaasser - där mer eis als CSV net wäerte verschléissen, wa se kënn - mat enger Reorganisatioun beschäftegen, mä net ouni Weideres dat elo maachen.

Dir hutt...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Här Wolter,...

► M. Michel Wolter (CSV).- Ech wär fäerdeg elo, Här President.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.-...erlaabt Der, dass d'Madame Loschetter...

► M. Michel Wolter (CSV).- Ech hunn... D'Regierung huet dës Deeg...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Jo, da kënn Der roueg heihinnerkommen an dat da soen.

► Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.- Jo.

► M. Michel Wolter (CSV).- Mä, bon et ass méiglech, datt eppes onwëssend net richtig ass. Wann et eppes ass, ass et jo an der Rei, wann et méi Saache wären...

► Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.- Ech géif et gäre soen.

► M. Michel Wolter (CSV).- Jo, da sot mer et.

Kann ech nach eng Schlupp huelen?

► Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.- Jo.

Et war awer 2006, wéi mer de Waasserpräis, d'Neutralitéit vum Waasserpräis ausgemaach haten. Do war och decidéiert ginn an enger Commission tripartite, datt d'Héicht vum Waasserpräis och misst neutraliséiert bleiven. A säit 2006 ass keng Erhéijung, weder vum Waasser, nach vum Ofwaasser, gemaach ginn. An dofir gëtt dat elo gemaach. An dat mécht eben dee Präis aus. An normalen Zuelen ass dat 1 bis 1,25 Euro de Fudder. Dir dierft dat elo net esou duerstellen, wéi wann dat plus 25... Jo, et si plus 25%.

► M. Michel Wolter (CSV).- Et si plus 25%.

► Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.- Mä dat ass eng Saach, wou mir eigentlech just onse Verpflichtungen noginn, déi 2006 ofgemaach waren.

► M. Michel Wolter (CSV).- Bon, meng Kolleege soe mer, déi besser am Dossier do dra sinn, datt déi Affirmatioun, déi Der maacht, net richtig ass. Mä ech soen lech awer eppes aneschtens.

► M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- D'Verwaltung rechent dat all Joer aus...

► M. Michel Wolter (CSV).- Ech weess dat net.

► M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- D'Verwaltung rechent dat all Joer aus op Basis vun de Chifferen um Terrain vun den Donnéeën vun de Gemengen an da gëtt eng Moyenne geholl an dann entsteet dat.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Sou, wann ech gelift.

► M. Michel Wolter (CSV).- Madame Loschetter,...

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Wann ech gelift, mir maachen elo net...

► M. Michel Wolter (CSV).- ...wat an der Diskussioun feelt, dat ass, dass no 2006 eng ganz Rei vun aneren Décisiounen och an der Politik geholl gi sinn. Notamment déi, fir e maximale Waasserpräis festzehalen. An déi Taxe de rejet hei, déi zwou Taxen hunn eng direkt Influenz op déi gesamt Kompositioun vum Waasserpräis. A mir mussen och nach eng Kéier seriö iwwert d'Ofwaasserproblematik diskutéieren.

Dofir soen ech jo net, dass mer net d'accord sinn als CSV, fir doriwwer ze diskutéieren a gegebenfalls le moment venu domadder d'accord ze sinn, wa mer do méi wäit sinn, mä fir dat elo ze maachen, ouni verhandelt ze hunn, ouni mat de Leit geschwat ze hunn, ouni mat den Ofwaasser- an de Waassersyndikater diskutéiert ze hunn, einfach par un fait du prince, ass eng Solutioun, déi mir net kënnen deelen.

Dir hutt, léif Frënn aus der Majoritéit, de Problem erausfront, deem Der hutt. Dir hutt e Kommunikationsproblem. Dat hutt Der viru 14 Deeg gesot, nodeem d'Sondagen erauskomm sinn iwwer eng breet Majoritéit an dësem Land jo u Support, deemools hutt Der gesot: „Mir wëssen elo, wat eise Problem ass. Mir hunn e Problem vu Kommunikatioun“.

Ech mengen, dass Är Kommunikatioun dat lescht Joer doranner bestanen huet, dass Dir am stillen Kämmerlein decidéiert, an da loosst Der d'Leit kommen, een nom aneren, an da sot Der hinnen, wat Der decidéiert hutt.

Dialog, Transparenz ass eppes aneschtens. Dat ass eppes, et huet een eng Iddi, et diskutéiert een dat contradictoire mat deene Leit, déi och eppes domadder ze dinn hunn, an dann hëlt ee seng Décisioun. Mä, eng Décisioun ze huelen, eng, zwou, zéng, 20, 30 - all Acteur social huet lech dat do gesot, ech sinn net deem Eenzege, deem lech dat dote seet -, eng Décisioun ze huelen a se dann de Leit just mat communiquéieren, wa méiglech nach virum État de la Nation, oder wat och ëmmer. Ëm eng Auer d'Leit komme loosse, fir um dräi Auer dann ze annonciéieren, wat een hei gemaach huet, dat huet mat Dialog, mat Transparenz, mat Verhandlungen näischt ze dinn.

Ech mengen net, dass Dir e Problem vu Kommunikatioun hutt. Ech mengen, dass Der e seriöen inhaltleche Problem mat Ärer Politik hutt, wéi ech lech et elo an där leschter Stonn bewisen hunn.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.- Den Dialog gëtt dann esou gefouert, wéi Dir mat mir elo grad, hein!

► Une voix.- Très bien!

► Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.- Genau!

► M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir kënn lech d'Wuert froen.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ech hunn eng Wuertmeldung nach vum Här Bodry.

► M. Alex Bodry (LSAP).- Majo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Debatt hei ofgewart, fir ze kucken, wat vu konkrete Virschléi géif an dës Debatt erabruecht gi vun der Oppositioun. Mir hunn eng ganz Rei vu Motiounen virleien. Mir hunn eng Rei vun Amendementen virleien. Ech mengen, d'CSV selwer ass sech och bewosst, dass mer Amendementen zum Budgetgesetz an dësem Moment net méi kënnen stëmmen. Well wa mer déi géife stëmmen, da misst nach eng Kéier eng Navette mam Conseil d'État kommen, an da kéint de Budget fir 2015 net den 1. Januar a Kraaft trieden.

Well dee Budget awer eng Rei vun Dispositiounen huet, déi mussen den 1. Januar a Kraaft trieden, duerch d'Budgetgesetz, ass et de jure onméiglech, dat hei ze maachen, ausser, et wëllt ee mam Land e risige Risiko agoen.





Dofir bedauern ech nach eng Kéier, dass, zumindest, wat all déi Punkten ugeet, déi d'Budgetgesetz betreffen, déi Amendementen net éischter an der Diskussioun waren. Well zu deem Zäitpunkt, wou d'CSV se elo hei erabruecht huet, ass et de facto onméiglech, deen heiten Text, och wa mer wélten, onméiglech, déi heiten Texter ze stëmmen. Well dat heescht, dass mer fir den 1. Januar kee fäerdege Budget hätten, dass mer also an eng komplett juristeschen Situation hei era gëife kommen. Ech mengen, dat wëllt souguer d'Oppositoun sécherlech net!

En zweete Punkt ass déi Haaptkritik, déi vun der Oppositoun, net vun deene Lénken, mä haaptsächlech vun der CSV a vum ADR jo geäussert ginn ass: „Dës Spuererefforten oder dës Konsolidierungsefforte ginn net wäit genuch. Dee Pak hei, deen Zukunftspak, dat ass Pipifax par rapport zu deenen enormen Efforten, déi gemaach gi sinn ënnert de viregte Regierungen.“

Als LSAP ware mer dobäi. Et ass richtig beschriwwen ginn, dass mer do och haart Diskussiounen haten, fir déi jeeweileg Spuerpäck op d'Been ze kréien. An, ech hunn dat schonn a menger éischter Ried gesot: Et ass net, dass näischt geschitt wär während der leschter Periode. Selbstverständlech net! Do deelen ech déi Aschtzung, déi déi vormalig Oppositoun mécht, sécherlech net!

Ech géif awer gären awer e Bléck zrëckwerfen. An ech géif mer just wënschen, dass d'CSV, anstatt ëmmer hei beléierend opzetrieden an alles honnertprozenteg gutt ze fannen, wat war, an alles awer och radikal schlechtzerieden, wat kënnt, wa mer zesumme vläicht géifen en Effort maachen, fir en objektiven Inventar ze maache vun deem, wat war. Dat mécht sech sécherlech haut méi einfach, wéi wann een am Moment selwer muss déi Décisiounen huelen.

An ech hunn nach eng Kéier hei déi Spuerpäck matbruecht, déi déi viregt Regierung ficeliert huet. Et ass eng karikatural Duerstellung vum Här Wolter, ze soen, an der viregter Regierung wäeren d'Sozialisten nëmmen drop erpicht gewiescht, fir d'Steieren eropzesetzen, an d'CSV wär nëmmen drop erpicht gewiescht, fir ze spueren.

Mir hunn eis fonnt, ech sinn houfreg drop, dass mer et fäerdegbruecht hunn, duerchzesetzen, dass de Spëtzezteiersaz zweemol eropgesat ginn ass, fir d'Éischt op 39% an duerno nach eng Kéier op 40%. An ech si virun allem houfreg drop, dass mer et fäerdegbruecht hunn, och d'Beträber mat an deen Effort fiscal eranzekréien duerch d'Besteuerung vun de SO-PARFien, duerch eng minimal Besteuerung, Kierperschaftssteier vu sämtlechen Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg. Dat war fir eis Partei eng wichteg Avancée och vun Équilibre vun deem dote Spuerpak an der Diskussioun mat eisem vormaligen Koalitionspartner.

Et muss een awer och soen, dass schonn deemoools d'Cour des Comptes, all d'Patronatschamberen, d'Banque centrale net midd gi sinn, drop hinweisen, dass d'Politik misst proaktiv agéieren, well gewosst wär, dass fir den 1. Januar 2015 géifen op ee Schlag Honnerte Milliounen Euro ewechfalen.

Et war deemoools net onbedéngt gewosst, dass et der 700 Milliounen géife ginn. Mä d'Progressioun vun den Einnahmen am E-Commerce ass esou gewiescht, dass mer elo op deem dote Chiffer wahrscheinlech wäerten d'nächst Joer landen. An duerno ass et jo net eriwuer. Dat geet jo nach déi nächst Jore weider. Déi Kritik war ëmmer do!

Mä déi viregt Koalitioun konnt sech just eeneegen op dee Punkt, elo dat ze maachen, wat bis Enn 2014 méiglech war. A si war sech bewosst, an et soll haut keen de Contraire soe kommen, dass déi Regierung, déi géif no deene Wahlen kommen, misst deen dote Problem da léisen. Dat soll ee ganz éierlech soen.

Ech hu keng Virschléi gesinn, vu kenger Säit, déi drop gezielt hätten, nach zousätzlech 700 Milliounen sichen ze goen, sief et bei Aspuerungen, sief et bei zousätzlechen Steieren. Or, dat ass awer elo dee Problem, virun deem net nëmmen dës Regierung steet, dës Majoritéit steet, mä virun deem d'Lëtzeburger Land steet! Virun deem dës ganz Chamber steet!

Do ka sech kee verfuussen a soen: „Dat do ass net eise Business. Dat do ass eppes, wat eis näischt ugeet. Kuckt, dass Dir domadder eens gitt.“ Neen, dat ass eppes, wat mer gemeinsam musse schëlleren.

An do sinn ech éierlech enttäuscht, well ech déi CSV awer och emol vun enger anerer Säit kennt hunn! An ech froe mech, ob d'CSV vun haut nach déi ass, déi ech emol iwwert déi lescht Joren a Regierungsbedelegungen zesumme kennt hunn. Eng Partei, déi mat eegenen Iddie kënnt. Déi sech net nëmmen drop beschränkt, praktesch alles ofzelehnen, wat vun enger anerer Säit kënnt.

Mä kuckt lech dach, wann ech gelift, Är eegen Amendementen un, déi Der a leschter Minutt

hei aus der Täsch gezaubert hutt! Déi ginn dach nëmmen drop aus - nëmmen drop aus! -, fir eng Rei vun Aspuerungen, strukturell Aspuerungen, déi dës Regierung, dës Majoritéit proposéiert huet, réckgäנגeg ze maache respektiv ze reduzéieren.

Ech kann net direkt all Är Moossname chiffrieren, mä en Iwwerschlag, e graffen Iwwerschlag, deen ech gemaach hunn, iwwer Är Amendementen haaptsächlech, plus d'Motiounen, weise mer, dass, wann een dat géif...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Bodry, entschëllegt, den Här Gramegna wëllt eng Präzisioun ginn.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, ech wollt, well ech a leschter Minutt nach eng Korrektioun vun enger Ziffer hunn, dann dat eben soen elo hei am Sall, well ech déi Ziffer just eréischt virun zwou Minutte krut, an an der Opstellung, déi den Här Bodry elo vläicht mécht, war déi nach net bekannt.

Ech wëll just soen, dass mer de Chiffre gemaach hunn, wa mer géifen de Plafong am Logement vu 50.000 erëm op 60.000 eropsetzen, wat de Coût vun där Measure ass: Dat géif 2015 aacht Milliounen kaschten an dat géif, vun 2016 un, ronn 20 Milliounen kaschten. Ech wollt just déi Ziffer an d'Debatt setzen, well et ass e wichtige Bestanddeel vun eiser Diskussioun. Mir wëlle jo mat Zifferen schaffen. Voilà!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Da kéime mer, wann een déi doten Zuele mat arechent, 2015 eigentlech op eng Mannnerspuernis am Budget vu wäit iwwer 30 Milliounen, ronn 40 Milliounen. An déi Zuel, déi géif sech méi wéi verduebeln, bal verdräifachen am Joer 2018, wann een de vollen Impakt vun deem Netmaache vun deenen Erspuernesser do duerschrecht.

Ech froe mech: Huet d'CSV och déi dote Berechnung gemaach? Si werft jo der Regierung vir, hir Chifferen wäeren net seriö. Huet d'CSV, déi deen dote Reproche viru sech dréit, huet se bei sech selwer e genaue Chiffre gemaach vun all deenen Amendementen an de Motiounen, déi se eraginn huet? Wa jo, da wär ech virwëtzeg, dat elo prezis gewuer ze ginn, well ech konnt nëmmen eng graff Aschtzung vun deem maachen, wat se hei proposéiert huet.

Dat heescht also am Kloertext, dass, mat allem, wat d'CSV hei proposéiert am Budget 2015, mer missten eng gutt 40 Milliounen méi léine goen. Dat heescht dat do! Well si hu parallel et verpasst, och nëmmen eng konkret Spuermoossnam ze nennen, déi scho voll géif duerschloen am Budget 2015. Si huet et gemaach am Logement, mä do huet se awer gläichzäiteg eng aner Erspuernesser wëlle ganz sträichen, soudass do de Saldo an deem Punkt och wäert negativ si fir de Statsbudget. Ech bedauern dat!

Ech bedauern dat, dass mer effektiv, och no dësen Debatten, net an enger Diskussioun sinn, d'Propositioone vun der Regierung, déi ee ka kritiséieren, an doniewent awer eng Géigepropositioun, am beschten en Alternativbudget - dat gëtt et jo, dat ass et schonn zu Lëtzebuerg ginn, dat gëtt et och am Ausland regelméisseg -, zemoos vun enger Partei, déi siwe fréier Regierungsmembere bei sech zielt, wär et dach sécherlech méiglech gewiescht, mat där geballter Kompetenz, déi do ass, mat deem geballte Wëssen, mat där Erfahrung, déi do besteet, hei en Alternativprojet zur Diskussioun ze bréngen. Dann hätte mer kënne déi doten Diskussioun hei wierklech op den Argumenter féieren an net nëmmen eis drop...

#### (Interruptions)

...beschränken, hei alles ofzelehnen, wat vun enger Säit kënnt, an duerch näischt Equivalentes ze ersetzen. Dat, wat d'CSV hei proposéiert, bedeit fir 2015, ënnert dem Stréch, méi e groussen Defizit beim Statsbudget.

Ass dat gewollt vun der CSV? Dat kann net gewollt sinn, opgrond vun deem, wat se als Haaptargument an där Diskussioun vun Ufank un hei ugefouert huet.

An ech soen nach eng Kéier, dat Spill do wäert der CSV net duergoen. Dir kënnt lech net während véier Joer, bis zu den nächste Wahlen, verstoppen! Ëmmer nëmmen Nee soen, wann et drëm geet, ze spueren. An da gläichzäiteg verlaangen, et misst nach méi gespuert ginn! An de Leit net ze soen, wou een da wierklech wëllt spueren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Bodry!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech hunn lech schonn eng Kéier d'Rechnung...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Bodry, erlaabt Der, dass den Här Lies...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Selbstverständlech!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Här Bodry, Dir sot,

datt effektiv eng Measure géif fale gelooss ginn am Beräich vum Logement. Ech hunn et virun erklärt gehat, wat dann effektiv déi Measure 183 ugeet: dass soll gespuert gi beim Pacte Logement, an op där anerer Säit, dass effektiv méi investéiert gëtt an de subventionéierte Wunnensbau. Wat begrëssenswäert ass, wuelverstanen!

Wann awer op där enger Säit am Budget 2015 bis 2018 dee Moment méi Suen am Pacte Logement ausgi ginn, a fir de subventionéierte Wunnensbau gëtt och méi ausginn, wou ass do de Spuerereffort vu ronn 19 Milliounen iwwert déi Durée bis 2018 respektiv d'nächst Joer, wou bal fënnf Milliounen ageschriwwen sinn? Wou ass do de Spuerereffort?

An: Ech hunn lech och eng Propos ginn, d'Nummer 181, wat eng Spuermeasure sollt sinn - déi begrëssenswäert ass - vun der Madame Minister, wou et dann drëm geet, fir de Meter-carrés-Preis ze reduzéieren. Do hunn ech lech och e Rechebeispiel ginn. A wann e Promoteur privé... A sot mer elo hei net, e Promoteur privé géif net méi bëlleg baue wéi 2.500 Euro de Meter carré! Wann een dat eng Kéier héichrechent op 1.000 Wunnengen, sinn dat 35 Milliounen Spuerereffort. 4.000 Wunnengen, déi solle gebaut ginn am Beräich vum Logement subventionné oder besser gesot am Mietwohnungsbau an deenen nächste Joren: Wann een dat héichrechent, da sinn dat 140 Milliounen.

A wéi gesot, verdréit eis elo d'Wierder hei net, wat gesot ginn ass a wat net gesot ginn ass! Wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Bon, Här Lies, ech mengen, mir brauchen Är Ried net nach eng zweete Kéier hei ze héieren. Ech hunn déi éischte Kéier scho ganz gutt nogelauscht. Dir braucht dat net nach eng Kéier hei alles ze widerhuelen. Mä Dir wësst hoergenu, dass, egal wat fir eng Measure een haut mécht, déi net wäert 2015 am Budget scho gräifen! Déi Wunnengen, déi sinn haut jo emol nach net am Bau, vun deenen do geschwat gëtt. Et kann ee jo net retroaktiv eng Rei vu Saachen applizéieren. An duerfir ass et fir mech ganz kloer, dass u sech hei vun der gréisster Oppositiounspartei... D'ADR ass hoergenu op darselwechter Linn, quitte dass déi seet: Den Tram ewech, da sinn eis Problemer geléist.

Ech wëll nach eng Kéier soen: Deen Effort, deen hei ze maachen ass, ass net, eng Kéier eng Milliard Euro ze spueren oder duerch Méieinnahmen ze kréien. Mä deen Effort, deen dëst Land muss maachen, an net nëmmen dës Regierung, ass deen, fir all Joers strukturell eng Milliard Euro am Endeffekt spéitstens 2018 ze spueren!

D'CSV misst souguer eigentlech nach méi wäit goen! Well an hirem Wahlprogramm steet net dran, fir 2018 den Équiber vun den öffentliche Finanzen ze errechen, an hirem Wahlprogramm steet dran, fir schonn 2017 den Équiber vun den öffentliche Finanzen ze realiséieren. Dat heescht, si misst nach vill méi Efforte maachen am Spueren! An ech sinn haut net gewuer ginn, wou se dat wëllt maachen.

Et bleift dem Här Wiseler seng Ausso, dass e seet, bei den Investissementer sollt ee weider spueren. Gläichzäiteg huet hie selwer mat senger ganzer Partei virun enger Woch eng Motioun hei wëllen duerdreken, wou eng Dépense vum Stat vu ronn 80 Milliounen Euro op 400 Milliounen Euro géif eropgesat ginn. Wann dat d'Spuerpolitik an den Investissementer ass, déi d'CSV wëllt maachen, da wënschen ech dem Land bonne Chance! Esou kann et net goen.

Esou einfach kann an dier d'CSV sech et net maachen! Well, wa se dat wëllt maachen, da muss se och konkret soen, wat fir eng Projete se géif definitiv fale loosson. Well et geet em e strukturellt spueren. Et geet em e strukturellt spueren an den Investissementer. Et geet net drëm, fir ee Joer eppes ze spueren. Et geet net drëm, e Projet ëm een, zwee, dräi Joer no hinnen ze réckelen. Déi Dépense kënnt awer. Et geet drëm, fir Projeten definitiv falen ze loosson. An ech wär frou, wann d'CSV wierklech dat dote mengt.

An hire Fraktiounspresident war jo ganz formell do, dass hien der Meenung wär, dass an den Investissementer dat net dierf eropgoen déi nächst Joren, dass déi missten um Niveau vun 2014 festgefruer sinn. Da soll en eis opgrond vun de Fongen - déi leie jo vir - mat d'Projete soen, wou d'CSV der Meenung ass, déi Projete sollten iwwerhaupt net gemaach ginn. Da kënne mer gären déi Diskussioun féieren.

Wann do nach Spuerpotenzial ass, gleeft mer, d'LSAP, wann et vernünfteg ass, mécht do mat! Mä mir kënne awer déi Diskussioun nëmme féieren, wann d'CSV endlech konkret gëtt, endlech net an allgemenge Phrasen hei hir gutt Absichte bekunt, mä wierklech seet, wat dat do am Endeffekt wäert heeschen.

Madame Hetto, ech kommen och gären op lech zrëck! Dir hutt eng Motioun hei erabruecht, wou d'CSV...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Bodry, d'Madame Hetto wollt...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, ech wëll och do net déi Ried nach eng Kéier héieren! Ech hunn dem Här Lies seng...

(*Interruption par Mme Françoise Hetto-Gaasch*)

...schon nach eng Kéier héieren. Et bréngt näischt, nach eng Kéier och nach engem anere Spriecher seng Ried ze héieren.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Neen, neen, wann ech gelift, Här President! Wann ech gelift!

#### (Exclamations)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech géif, ech géif...

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Also sot, lauschtet emol! Wou si mer dann hei?

#### (Interruptions diverses)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Nom Reglement dierf all Deputéierten zweemol schwätze kommen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Och en Deputéierte vun eis?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- En dierf gären hei eropkommen. Ah, selbstverständlech! Hunn ech de Contraire gesot?

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Ech brauch net bis eropezekommen, ech wëll just eppes soen!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Wolter, Dir kënnt gären nach eng Kéier zrëckkommen.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech kommen och nach eng Kéier.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Macht dat!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President! Ech hunn de Fanger elo schonn x-mol ausgestreckt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kollegen a Kolleginnen, ech froen ëmmer gentiment d'Riedner, ob se bereet sinn, op eng Fro, eng Interventioun ze äntwerten. Ech hunn dat esou beim Här Wolter gemaach. Ech maachen dat och esou beim Här Bodry. An ech iwwerloossen dem Riedner de Choix, fir dat ze maachen oder net ze maachen. Dann huet den Deputéierten nach ëmmer de Choix, fir herno ze intervenéieren. Ech probéieren do, jiddwereen esou ze behandle wéi deen aneren. Mä et ass awer de Choix vum Orateur. En Zwëscheruff kann een ëmmer maachen. Mä wann ee méi laang wëllt schwätze, dann ass et entweder mam bon Vouloir vum Riedner oder et mellt ee sech herno nach eng Kéier zu Wuert.

Merci!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech denken, dass d'Madame Hetto mer wollt d'Fro stellen. Si hat sech jo an enger Motioun ausgeschwat derfir, dass déi gratis Betreierung vun deene ganz klengen Kanner soll gestrach ginn an eigentlech net agefuert ginn, wat e mëttelfristeg Zil ass. Net fir muer an och net fir 2015, ech wëll dat nach eng Kéier soen! Alles, dat doten och, déi potenziell Aspuerung, wann eng Regierung géif op dat doten Zil definitiv verzichten, géif sech net am Budget 2015 bemierkbar maachen.

(*Interruption par Mme Françoise Hetto-Gaasch*)

Déi géif sech méi spéit bemierkbar maachen, well déi Infrastruktur selbstverständlech net am Laf vun deem nächste Joer geschéien. Dat ass alles mëttelfristeg, wéi sech dat dote mécht. Dofir bleiwen ech bei menger Rechnung, dass mer hei duerch déi Amendementen, déi d'CSV erabréngt, an enger graffer Duerstellung den Defizit vum Statsbudget wäerten em gutt 40 Milliounen 2015 verschärfen. Dat kann, menger Ansicht no, net eng seriö Absicht si vun enger Partei, déi esou laang d'Responsabilitéit fir d'öffentlech Finanzen hei zu Lëtzebuerg hat.

Da wëll ech gären zrëckkucken op déi Konsolidierungspäck aus der leschter Periode a kucken, eigentlech, wat se ausgemaach hunn. Well do geet et net duer, einfach global Chifferen ze nennen, do muss een awer an den Detail goen, wat vun deene Moossname war, a kucken, wat wierklech strukturell Erspuernesser waren, vun deene mer haut nach eppes hunn, a wat sinn där net gewiescht. An effektiv, wann een dat genau kuckt, gesäit een, dass praktesch dat Eenzegt, wat strukturell ass, d'Recettésäit ass. Op der Einnahmesäit sinn u sech Einnahme geschafe ginn, déi bis op Weideres en definitive





Charakter hunn. Quitte dass, menger Ansicht no, eng Solidaritéitssteuer och vläicht eng Kéier geduecht ass, fir ze verschwannen oder zumindest eng Kéier erofgesat ze ginn, wann d'Lag sech ännert.

Mä all déi Moossnamen op der Einnahmesäit - et ass jo dat, wou d'CSV sech haut dru stéiert: ze vill Steieren -, alles dat, wat an der leschter Period gemeinsam décidéiert ginn ass, dat war strukturell.

A wann ech dann emol kucken, wat dann esou op der Dépensésäit, beim Aspueren da strukturell war, da gesäit et awer net méi esou blendend aus! Ech kann lech net soen, wat vun deenen immensen Zommen, déi hei kontabelsméisseg agespuert si gi bei den Investitiounsfongen, tatsächlech och haut nach Aspuerunge sinn!

Dat waren der knapp 300 Milliounen bei deem zweete Spuerpak an et waren der souguer 361 Milliounen ausgewisen an deem éischte Spuerpak, awer och gerechent net par rapport zum Joer virdrun, mä par rapport zu enger Trajectoire, déi ee gezechent huet. De facto waren et der also manner, fir ganz éierlech ze sinn. Et ass also eng Kontabilitéitsform, déi u sech net erfonnt ginn ass vun dëser Regierung, mä déi eng ganz laang Traditioun huet.

Wéi vill vun deene Milliounen si wierklech definitiv agespuert ginn, sinn also Projeten, déi guer net gebaut ginn? Eng absolut Minoritéit vun deenen dote Projete si Projeten, déi guer net wäerte gebaut ginn. D'Majoritéit vun deene Projete si Projeten, déi einfach no hanne geréckelt si ginn an déi elo, komescherweis, an dës Mandatsperiod falen. Et muss also elo décidéiert ginn - vläicht gemeinsam, vläicht dann nëmme vun dëser Majoritéit, wéi et ausgesäit -, wat mat deene Projeten do an Zukunft geschitt.

An da kucke mer op déi aner Punkten. D'Frais de fonctionnement, dat weess ech, d'Frais de fonctionnement sinn net gerechent gi par rapport zum Joer virdrun, mä si gerechent gi par rapport zu enger Trajectoire: „Wéi wär et gewiescht, wann näischt geschitt wär?“, sou dass och de reellen Effet vun deenen Aspuerunge bei de Frais de fonctionnement, wat e klengen Deel souwéiso nëmme vun deene Spuerpäck war, méi kleng war wéi deen, deen no baussen affichéiert ginn ass.

A virun allem awer, wann ech alles zesumme rechnen, kommen ech drop, dass beim zweete Spuerpak, Budget 2013, vläicht 20%, wann ech héichrechnen, vläicht e Fënneftel - vläicht e Fënneftel! - strukturell Ausgabereduzéierung waren.

Wéi gesäit et elo bei dëser Regierung aus? Firwat war et gutt bei der vieregter Regierung an elo ass et d'Katastroph bei dëser Regierung? Wat huet sech do geännert, wann net d'Zesummesetzung vun der Opposition a vun der Regierungsmajoritéit?! Dofir, loosse mer fair sinn, loosse mer objektiv kucken, wéi mer déi eenzel Punkten do maachen!

Eigentlech nach méi peinlech - wann ee wëllt déi Argumentatioun vun der CSV hei weiderféieren -, si seet: „Ma, an der vieregter Regierung, do ass de Gros vun den Efforte gemaach gi bei den Ausgaben.“ Ech hu scho gesot: D'Investitiounen, do muss ee wierklech dann den Tri maache vun deem, wat definitiv gestrach ginn ass, a vun deem, wat nëmme em e puer Joer opgeschuppt ginn ass, also un déi nächst Regierung weiderverierft ginn ass.

Mä do ass zum Beispill opgefouert, e ganz interessante Punkt, do steet zum Beispill an deem Spuerpak mat dran: «Réaménagement des modalités d'intervention de l'État en faveur des étudiants» - eng Erspuernis vun 33 Milliounen Euro! Elo wësse mer awer, dass opgrond vun där Décisioun vum Europäesche Gerichtshaff, déi vläicht esou iwwerraschend net fir jiddweree komm ass, schlussendlech aus där Erspuernis vun 33 Milliounen eng Méiausgab vu ronn 40 Milliounen entstanen ass.

Dat also kontabilitéitsméisseg elo als eng Erspuernis duerststellen, vun haut aus gekuckt, ass sécherlech falsch. Dat war en fait eng Méiausgab, an och do huet dës Majoritéit misse kucken, dat Beschte aus der Situatioun ze maachen, fir dass effektiv dat doten net eng schweier Méibelaaschtung fir déi nächst Jore fir de Statsbudget wäert duerstellen.

Soudass also, wann ech deen dote Chiffer huelen, vläicht 10% vun deem ganze Pak, vun deem éischte Pak, strukturell Aspuerunge waren op der Einnahmesäit. Dat, fir ze soen... Ouni dat a Fro ze stellen, wat gemaach ginn ass! Mä wat mech stéiert, dat ass déi Schoulmeeschtereie hei! Et ass och dat vläicht, wou vill Leit es mat de Jore genuch hunn. Ech soen lech dat. Wann een ëmmer mat Leit ze dinnt hutt, déi mengen, si hätten d'Wourecht gepacht, si géifen ni Feeler maachen, ma wéi

fillt ee sech dann esou schappeg! Wéi fillt ee sech dann esou schappeg, wann ee kuckt, wéi dichteg déi dote Leit sinn a wéi ongerecht déi Leit do eigentlech behandelt gi sinn.

Dat, fir lech ze soen, dass ech dovunner iwwerzeegt sinn, dass déi Diskussioun hei doriwwer, wéi mer aus der Scholdefal erauskommen, net eriwuer ass mat där heiter Debatt. Déi wäerte mer mindestens all Joer nach eng Kéier féieren. An ech géif mer just éierlech wënschen, dass déi méi oppe wär, méi gezechent wär vun engem Sech-openeen-Zoubewegen, wéi u sech déi Frontenopdeeling, déi mer hei kannt hunn. Dat ass en éierleche Wonsch, deen ech hunn!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Bodry. Ech hunn eng weider Wuertmeldung vum Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll e puer Bemierkungen nach mat an déi Diskussioun hei erabréngen opgrond vun der Interventioun vum Kolleeg Alex Bodry. Hien huet hei am Fong gesot, datt d'Opposition Amendementer erabuecht hätt, déi géifen zousätzlech finanziell Belaaschtunge fir de Statsbudget mat sech bréngen, a keng Propositione gemaach hätt, wéi dat op där anerer Säit géif géigefanzéiert ginn.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...keen Amendement. Ech hu kee gesinn!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Bodry, mä Parteikolleeg Fernand Kartheiser huet lech de Moien hei iwwer 400 Milliounen opgezielt, wou de Stat kéint spueren, ouni datt en iergendwéi engem Bierger dowéinst hei misst am Land weider Geld aus der Täsche zéien. Iwwer 400 Milliounen huet de Fernand Kartheiser de Moien hei Punkt fir Punkt opgezielt, wou kéint gespuert ginn. Dir hutt dat anscheinend net matkritt!

Wann ech elo dat mat eisen Amendementer vergläichen, dann sinn dat Peanuts vun deem, wat mir als Amendement verlaangen a wat mer als Géigeproposition gemaach hunn, wou de Stat kéint vill méi Gelder spueren. Dat just, fir kloerzestellen!

Zweete Punkt, d'Amendementer. Et gëtt hei vun der Majoritéit a vum Här Bodry gesot: „Firwat hutt Der déi Amendementer net an der Kommissioun bruecht?“ Ma, ganz einfach: Wa mer se an der Kommissioun bruecht hätten, dann hätt Der se an der Kommissioun ofgelehnt, wéi Der alles an der Kommissioun ofgelehnt hutt!

(*Interruption par M. Alex Bodry*)

Dir hätt et zwar léiwer an der Kommissioun gehat.

(*Interruption par M. Alex Bodry*)

Dir hätt et léiwer an der Kommissioun gehat, well dann hätten d'Leit dobaussen nämlech net gemierkt, datt Der se ofgelehnt hutt! An hei an öffentlecher Sitzung...

(*Interruption par M. Alex Bodry*)

Hei, hei an öffentlecher Sitzung musst Der Fuert bekennen an d'Leit am Land mierken,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Kuckt d'Reglement! Kuckt d'Reglement vun der Chamber!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...wat Der oflehnt. An duerfir hätt Der se gären an der d'Kommissioun an Dir wëllt se net an der öffentlecher Sëtzung, mä dee Gefale wäerte mer lech net maachen!

Deen drëtten Punkt, deen ech wëll soen, dat ass och am Zesammenhang mat den Amendementen. Den Här Bodry huet hei seng Interventioun elo ugefaangen an en huet gesot: „Dir wësst alleguer, datt mer déi Amendementer do net kënnen unhuelen, well soss kënnen mer de Budget net stëmmen a mir müssen awer virum 31. Dezember e Budget gestëmmt hunn.“

Ech stellen d'Fro, Här President, un d'Gambia an un den Här Bodry zréck: Wann net deen Zäitdrock wier, géift Der se dann unhuelen?

Géift Der se dann unhuelen? Dir hutt hei gesot, et wier zäitlech net méi dran, fir se unzuhuelen. Duerfir froen ech: Wann et zäitlech dra wier, géift Der se dann unhuelen?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et hätt een eng Diskussioun kënnen an der Kommissioun féieren, wou ee gekuckt hätt, ob ee vläicht hei op eenzelne Punkten en Accord fonnt hätt, deen iwwert déi Majoritéit vun der Regierung erausgaange wier.

(*Interruption*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Voilà, Här President, wann dat d'Proposition vun der Majoritéit ass, da géif ech soen: Ma, da stëmmt Dir haut Äre Budget, a mir schécken déi Amendementer hei un de Statsrot...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat geet net!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach! Dach, mir stëmmen de Budget a mir schécken déi Amendementer un de Statsrot. A mir waarden am Januar of, wat de Statsrot eis zu deenen eenzelnen Amendementer seet a mir kënnen zu all Moment am Januar nach e Projet de loi hei deponéieren als Kommissioun, wou mer dann Ännerungen un dësem Budget maachen! Kommt also elo net a sot, déi Amendementer hätte kee Wäert!

Da sot éierlech: „Mir wëlle se net unhuelen a mir sichen elo egal wat fir Argumenter, fir se net unzuhuelen.“ Mä kommt net dermat, datt et den Zäitdrock wier oder d'Kommissioun. Dat si keng Argumenter! Dir wëllt se net unhuelen! Dir wëllt hei eben Är Politik duerchsetzen. Dat ass Äert gutt Recht. Mä da sot et! A kommt net a sot: „Maacht Propositionen!“, a wa Propositione kommen, da sot Der: „Jo, dat geet elo net, mir hu keng Zäit méi.“

Neen, deen Trick, Här Bodry, dee geet net! Wann Dir se wëllt unhuelen oder souguer nëmme wëllt driwwer diskutéieren, da soe mir, da géife mir, Här President, eis Amendementer haut net zum Vote bréngen, wa mer en Accord fannen. A mir géife se „un de Conseil d'État schécken, mir géifen d'Antwort ofwaarden. A wa mer dann d'nächst Joer uganks des Joers eis eens ginn, datt déi Amendementer berechtigt wieren an dann och wahrscheinlech d'Zoustëmmung vun der Majoritéit kréien, da maache mer e Projet de loi, wou mer d'Budgetgesetz d'nächst Joer ëmsetzen.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Dat geet jo guer net!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ah, dat wëllt Der och net! Dach, dat geet, Madame Loschetter! Dat geet!

► **Une voix.** - Neen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach, Dir kënnt all Gesetz zu all Moment ëmänneren!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Esou wäit misst Der jo awer wëssen, wéi mer an der Prozedur hei stinn.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Dat ass eng Proposition de loi.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Also, kommt elo net, mir hätten et sollen an d'Kommissioun bréngen an et wier keng Zäit méi. Sidd éierlech a sot: „Mir wëllen näischt un eisem...“

(*Interruptions*)

...Budget änneren. Mir wëllen en esou duerchzéien, wéi mer e presentéiert hunn. An alles dat, wat d'Opposition bréngt, akzeptéiere mer net, egal wat et ass.“

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Fir kloer ze sinn: D'ADR-Amendemente wëlle mer net!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wann Der wëllt, mir sinn d'accord, fir eis Amendementer zréckzezéien, wann Der domat d'accord sidd, datt mer se un de Statsrot weiderginn!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gibéryen.

(*Brouhaha*)

Hunn ech soss nach Wuertmeldungen? Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wäert ganz kuerz sinn, well ech mengen, no all deene laangen Debatten ass dat meescht, wann net alles, wann net schonn ze vill gesot.

Ech wëll just nach eng Kéier rappeléieren, datt mer wierklech allegueren hei am Land ganz gespaant waren, wéi den Här Wiseler am Oktober gesot huet, datt se géifen als gréisst Oppositionspartei och hir Iddien erabréngen, hir Virschlei erabréngen fir de Budget 2015, a wéi e gesot huet, si géifen déi och direkt beim Dépôt vum Budget erabréngen an datt een dann Zäit hätt, fir se ze diskutéieren.

Mir wëssen, datt dat net de Fall war. Mir ware ganz gespaant, mir hunn näischt kritt. Emol net geschter, mä haut hu mer déi éischt Texter kritt. Dat waren emol net alles Amendementer, et ware ganz vill Motiounen. A mir wëssen alleguer, den Alex Bodry huet virdu scho gesot, datt mer dann an der Prozedur net ronn kommen, datt mer dann net erauskomme beim wichtegste Gesetz, datt mer hei am Joer stëmmen, beim Budgetgesetz, datt dat net opgeet. Bei den Amendementer net an nach manner bei de Motiounen! Well bei de Motiounen si jo nach keng Texter, déi do virleien. Da misst een also fir d'Éischt do emol Texter schreiwen an der Regierung, an der Chamber, bis mer praktesch d'nächst Woch zesummekommen, an dann eréischt d'Navettë veuillez lire: d'Navettë mam Statsrot! maachen. Dat géif, egal wéi, net bis den 31. Dezember opgoen, fir dat och nach eng Kéier hei dann ze stëmmen.

Dir maacht do wierklech décke Bluff! Dir maacht do wierklech eppes, vun deem Der ganz genau wësst, datt dat net geet!

Dann inhaltlech, zu deenen Iddien, déi komm sinn.

(*Interruption*)

Wann ech kucken, wat an deenen Amendementer, wat an deene Motiounen steet vun der CSV, da gesinn ech, datt do exklusiv drasteet, wat net soll gemaach ginn. Dat heescht, d'CSV ass weider an hirer Logik: „Nee, nee, nee!“ Alles dat, wat net soll gemaach ginn, zum Beispill an der Famill, datt do net soll d'Allocation d'éducation, d'Allocation de maternité ofgeschafft ginn. Si soen awer net, wéi vill dat dann eventuell eben als Méilaascht wier.

Beim Logement hu se och eng Rei Saache gesot, wat net soll gemaach ginn. Zum Beispill och d'TVA-Erhéijung op d'zweet, drëtt, véiert, fënneft Wunneng. Ech ginn net méi am Detail op déi Saachen an.

Iwwerall soe se nëmme, maache se Propositionen, wat net soll gemaach ginn. Et gëtt och net gesot, wat dat dann erëm weider kascht. Néierens ass eng Fiche financière. Néierens gëtt ongeféier gesot, wat de finanziellen Impakt do ass. Mä ech kann lech soen, och ouni do elo Chifferen ze hunn, an hire Propositionen ass kee Spuereffekt, au contraire. Dat géif nämlech eng Méibelaaschtung ginn, déi an d'Honnerte vu Milliounen geet.

Ech sinn och verwonnert, muss ech awer soen - nach eng kleng Klammer op -, datt een da virdrun hei virgeworf krut vun engem CSV-Spreecher, datt mir oder datt d'Regierung nom Accord - net zwee oder dräi Deeg, mä awer e puer Deeg duerno -, net do konnt Zuelen op den Dësch leeën.

Ech wëll nëmme drun erënneren, datt d'CSV viru Joren nach en Accord salarial ausgehandelt huet, wou se nach Méint, Joren duerno net konnt soen, wat fir een Impakt dat huet, datt se sech emol net bewosst war, datt dat och en Impakt huet op de Secteur conventionné. An da kann ech mech och nëmme wonneren, datt dann den Deputéierte Laurent Mosar, Här President, och nach Question-parlementaire stellt, fir emol ze froen, wéi vill dat da géif kaschten. Dat hätt ee sech sollen e puer Joer virdu froen!

(*Interruption*)

Här President, och wa mer Zäit hätten, den Här Gibéryen huet elo virdrun esou eng ganz fantasievoll Iddi gehat,...

► **Une voix.** - Jo, jo!

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...och wa mer Zäit hätten, kann ech elo soen, mat deem, wat mer haut héieren hunn, datt mer déi Amendementer, och wa mer se laang diskutéiert hätten, net ugeholl hätten.

(*Exclamations*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat ass eng kloer Sprooch! Voilà!

(*Exclamations*)

► **M. Eugène Berger (DP).** - A firwat?

(*Interruptions diverses*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Da kommt net mat faulen Argumenter! Da sot et!

► **M. Eugène Berger (DP).** - A firwat?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat do ass Kloertext!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Dat si keng Alternativen. Dat ass nämlech e Scholdepak, wat si proposéieren!

(*Interruption*)

Dat si keng Alternativen, fir de Budget an den Équiliber ze kréien!

(*Brouhaha*)

Dat si keng Alternativen, fir d'Statsfinanzen an de Grëff ze kréien!

(*Coups de cloche de la présidence*)

Ech kann lech just soen, mat eisem Budget, do hu mer deen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, ech héieren de Riedner net méi!

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...Examen zu Bréissel gepackt. Mä mat Äre Propositionen, mam Nee...

(*Interruptions diverses*)

...hätte mer den Examen net zu Bréissel gepackt, Här President.

Nach just ee Wuert direkt zu de Motiounen. An, ech mengen, dat hunn ech hei scho genuch erkläert, mam Inhalt.

Eng Motioun just, wou ech wëllt soen, wou et e besonnesche Grond wier, fir déi net unzuhuelen - ech mengen, et ass déi vun der Madame Hetto -, wou deen éischten Tiert ass, ech hunn





et elo, mengen ech, ongeféier auswenneg am Kapp: «invite le Gouvernement à abandonner ses ambitions».

Mir wäerten alles maachen, mä, ech mengen, dës Regierung wäert dat..., op alle Fall, dat ass dat Lescht, wat se géif maachen, hir Ambitiounen opginn, fir hei ze kucken, d'Statsfinanzen erëm an de Grëff ze kréien, fir Zukunftsperspektive fir déi nächst Generatiounen ze schafen. An an där Aarbecht wäerte mir se voll ënnerstëtzen!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Déi nächst Wuertmeldung kréien ech vum Här Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wollt jo am Fong net fir d'Zweet schwätzen, mä wann ech dat awer alles héieren hunn, kommen ech awer net derlaanscht, trotzdem e puer Wuert ze soen.

Ech soen, hei gëtt eis reprochéiert, eng Rei Saachen net chiffriert ze hunn. Gutt. Ech wëll just soen, dat kann ee reprochéieren, datt ee vläicht eng Motioun net chiffriert. Mä ech soen lech awer och: Datt hei Amendementen eragereecht gi sinn an do d'Motiounen eragereecht gi sinn - iwwerhaapt!-, dat ass awer säit 10, 15 Joer déi éischte Kéier, datt et gemaach gëtt an datt Propositionen op den Dësch kommen!

Déi lescht Joren, wéi d'DP an der Opposition war, si keng Motiounen hei erakomm, si keng Propositionen erakomm vun lech. Dofir, kommt eis hei keng Lektione maachen, wéi déi Budgetpolitik...

(**Interruptions**)

...an déi Diskussioun an der Opposition ze féiere sinn!

(**Interruptions**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Zweet Remarque:...

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Zweet Remarque, dat ass déi, fir ze soen: Mir hunn dat net chiffriert, mä ech soen lech, an deem Budget, esou wéi en hei virläit, do sinn d'Chifferen och net all dran! An dee musse mer awer elo stëmmen a fënnf Minutten! Do sinn d'Chifferen net dra vun deem,...

(**Interruption**)

...wat de Congé parental wäert méi kaschten, wann Der d'Allocation d'éducation ofschaaft. Wou sinn déi Chifferen dann? Déi stinn net do, et gëtt einfach net gerechent. Dat si Milliounen, déi do méi wäerten Dépense sinn, wéi hei drasteet! Net chiffriert an Ärem Budget.

Dir sot: „D'Gratuitéit an d'Personal, wat soll nokommen, dat ass eng mëttelfristeg zousätzlech Dépense, dofir brauch se net dran ze sinn.“ Zumindest misst se am Pluriannuel sinn.

Mä ech soen lech awer och: Wann Der dat esou wéi ugekënnegt fir d'Entrée 2016 wëllt maachen, da géif ech awer mengen, dann hätt Der awer besser, 2015 unzefänken, déi éischt Dépensen ze maachen, fir dat opze-riichten, wat Der braucht, fir dat Personal anstellen, fir dat dorobber virzebereeden, datt een et à partir vum September 2016 ka maachen. Ech sinn iwwerzeegt, Dir bréngt et net fäerdeg, fir dat ze maachen. Dofir hutt Der och keng Sue virgesinn. Mä wann Der et seriö géift mengen a wann Der et seriö sollt maachen, dann hätt Der awer nu wierklech besser, déi Sue schonn an de Budget 2015 anzeschreiwen.

Elo hunn déi verschidde Riedner hei opgezielt, wat dann an de Motioun vum der CSV, pardon, an den Amendementen vum der CSV drasteet a wat net drasteet an dat opgelëscht.

Do sinn ech d'accord, well dat méi schwéier ass, wéi mer geduecht haten, an der Opposition, wou een net méi iwwert déi technesch Kompetenz vun Administratiounen verfüügt, déi engem zur Säit stinn, fir detailléiert Texter auszeschaffen. Dat ass esou! Dofir hu mer eng Rei Saachen, déi an der Technik ganz, ganz schwierig waren an déi mer och net feelerfräi wahrscheinlech hikritt hunn. Wie kann dat: einfach eleng esou schreiwen? An dofir hu mer jo Administratiounen, déi gutt sinn an déi der Politik hëllefen an zur Säit stinn, fir déi Saachen ze maachen. Och dës Regierung huet dee Budget net selwer geschriwwen. Och den hunn d'Administratiounen zu engem Haaptdeel geschriwwen, och wann d'politesch Décisioun vum der Administratioun kommen (veuillez lire: vun der Regierung kommen).

Dofir hu mer eng Rei Motiounen gemaach.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...net ganz komplizéiert awer.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dofir hu mer jo eng Rei Amendementen gemaach.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Abrogez, abrogez!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et sinn der awer anerer, déi ganz komplizéiert sinn an déi méi schwierig sinn, an déi hu mer an de Motiounen beschriwwen. An déi hu mer an eisen liddie gesot, déi mer hei entwéckelt hunn. An da fannen ech et..., besonnesch wann ee just déi eng hält an déi aner guer net!

Ech wëll nach eng Kéier och der e puer einfach énumérieren, déi mer hei kloer an däitlech gesot hunn, déi och deelweis an eise Motiounen drastinn. Den Här Roth huet de Moie relativ kloer gesot, wou mer wëllen an der Steierpolitik higoen. En huet vun der Erhéijung vun der Grondsteuer geschwat. En huet och vun der Adaptation vum Steiertariff geschwat respektiv vun de Revisiounen, haaptsächlech vun den Abattementer iwwert d'Scholdzënsen, d'Assurancen an d'Bausparverträg.

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Dat war eng Diskussioun, déi kann een esou maachen. Et kann ee se och anescht maachen, wann een dat wëllt.

(**Interruptions**)

Mir hu proposéiert, an Dir hutt et gesot, d'Investissementen erfrozesetzen. Mir hu proposéiert, se op deem Niveau ze halen, wéi se an deene leschten dräi, véier Joer waren, wat en immens héijen Niveau war. Mir hunn nämlech och gekuckt, wat d'Dépensenzuele waren. Ech hu leider, wéi gesot, déi Zuele vum September just gehat, wat do d'Dépensé waren, déi 2014 gemaach gi sinn, a festgestallt, datt déi 15% ënnert de previsibelen Dépensé waren. A mir hunn dofir gesot, mir mengen, datt een dat guer net hikritt, déi Dépensen, déi hei ugaange gi sinn oder déi hei annoncéiert gi sinn, och wann ee méi Personal rekrutéiert. Esou einfach geet dat net. Et hänkt net um Personal, mengen ech. Et hänkt un de Prozeduren. Et hänkt un der Aart a Weis, wéi een dat muss ëmsetzen. Et hänkt un der Planifikatioun vun der Geschicht.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wann Der sot, mir packen et net méi, da reportéiere mer déi Dépense just op en anert Joer.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wëll lech just soen, déi 137 Milliounen, déi Dir 2014 gespuert hat an deem Budget, waren awer exactement d'selwecht. Den Här Bausch huet et kloer an däitlech gesot. All déi Spuermoossnamen, déi Dir grouss annoncéiert hutt am Budget 2014, waren och sécherlech keng strukturell Moossnamen.

Ech wëll awer just soen, Dir hutt mir gesot: „Wat fir eng strukturell...“

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Wat fir eng strukturell Moossnamen hutt Der geholl an deene leschte Joren? Wat hutt Dir da gestrach am Budget?“

Ech wëll lech just drun erënneren, datt ech mat groussen Diskussiounen an deene leschte Joren eng Rei Projekte gestrach hunn aus deene pluriannuellen. Ech hunn d'Escher Zuchstreck fir 1,6 Milliarde gestrach. Ech hunn d'Streck um Kierchbiereg fir 1,2 Milliarden Euro gestrach. Ech hunn déi Gare um Kierchbiereg fir 200 Milliounen Euro an d'Gare zu Zéisseng fir 300 Milliounen Euro gestrach. Dat sinn iwwer 3 Milliounen (veuillez lire: 3 Milliarden) - Dir sot et - strukturell Spuermoossnamen, déi net méi an der ganzer Programmation drastinn!

Mir hunn eng ganz Rei Projekte wesentlech méi bëlleg gemaach, wéi se ugekënnegt waren. Dat ware grouss Diskussiounen hei an der Chamber. Dat hu mer gemaach.

An ech soen lech och, datt... An et ass ganz schwéier, wann Der elo sot: „Wéi géift Der am Detail déi Verschiebungen do maachen?“ Well fir lech dat hei ze soen... An ech hunn et zéng Joer laang gemaach!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ma gemeinsam kucken!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Genau! Ech hunn et zéng Joer laang...

(**Exclamations**)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ben. Ma selbstverständlich!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...gemaach an ech sinn zéng Joer zu engem Resultat all Joers komm.

Mä ech soen lech et awer och ganz kloer: Deen do Exercice, dee maacht Der net, wann Der déi Administratiounen net hutt, déi lech genau kënne soen, wéi wäit e Projet engagéiert ass, wat mer wierklech brauchen elo, a fënnf Joer,

an zwee Joer oder guer net! Dir braucht do déi technesch Kompetenz, fir dat och technesch unzegoen. Well et sinn net politesch Froen, et si ganz oft technesch Froen, déi sech stellen, wou een heiansdo méi bëlleg Alternative fënnt. An ech soen lech ganz kloer: Dat kritt Der net hin, wann Der net all déi Leit, déi sech dagdeeglech dorëm këmmere, zur Säit hutt, fir et ze maachen.

(**Interruption**)

Mir hunn och eng ganz Rei Moossnamen an der Familljepolitik proposéiert. Déi kommen awer an Äre Rechnunge guer net zréck!

Mir hunn lech gesot, datt mer zwar dee ganze Pak global géife kucken an engem Mix vu Steieren a vun de Coût-de-fonctionnementen, dee mer géife maachen. Mä mir hunn lech awer och eng Rei Prezisiounen gesot. Mir hunn lech gesot, datt mer déi Dépensen, déi mer wëllen erofschrauwen, géifen esou erofschrauwen, wa mer d'Allocation d'éducation wëlle behalen, datt mer déi Zomm verdeelen op déi 106.000 Familljen, déi mer hunn, déi 184.000 Kanner, wou et da kengem guttdeet, mä awer och kengem esou wéi, datt e Problemer domadder huet. An net just 8.000 Leit mat der Schëpp op de Kapp haen an deene richteg gutt wéi doen! Mir géifen dat ganz aneschtens verdeelen. A mir mengen, richtig, dat wär wesentlech méi sozial gerecht.

Mir hu gesot, datt mer d'Allocation de rentrée scolaire géifen ersetzen duerch Sachleeschungen. Mir hu gesot, datt mer de Chèque-service géifen iwwerkucken an deen och méi esou organiséieren, datt déi Leit, déi méi verdéngen, och méi misste bäileen a mer doduerch e gutt Stéck géife spueren.

Mir hu gesot, datt mer bereet wäeren, och déi Gläichstellung vum éischten an zweete Kand als eng vun den Alternativen ze engagéieren, mä awer net à partir vum drëtten Kand, well de Risque de pauvreté méi grouss wär. Mir hu gesot, datt, wann Der dat vum drëtten Kand géift maachen, da géife mer zumindest d'Allocation pour famille nombreuse zousätzlech dozousetzen, fir et ofzespecken, wann déi aner Spuermoosnam muss gemaach ginn.

Dir kënnt also net soen, datt mer hei keng Propositionen op den Dësch geluecht hätten, wat reell Aspuerunge sinn. Heiansdo ass et schwéier, se ze chiffrieren, well Der den technesch Know-how net hutt. Da géife mer gär maachen; mä mir hu se an de Motiounen hanerluecht, mir hu se erabruucht. An ech hätt och gär, datt déi fair Evaluatioun dovunner géif gemaach ginn. Well dat, wat mir hei erabruucht hunn, dat ass wesentlech, mindestens op deem Niveau vun deem, wat dës Majoritéit proposéiert huet, wann Der d'Rechnung och géift total maachen!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Ech hunn elo keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Finanzminister.

(**Prise de position du Gouvernement**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, léif Regierungskollegen, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wäert versichen, aus deenen Débaten esou konstruktiv wéi méiglech Konklusiounen ze zéien. Dat ass net einfach, och op Basis vun deene leschten Interventiounen, déi zu engem gewëssenen Deel dach awer ganz polemisch waren!

En fait geet et hei jo drëms, e Problem ze léisen, deen d'ganz Land eppes uegt. An ech hu jo versicht, a menger Introduktioun zu dësem Débat ze erklären, dass den Équilibre vun de Statsfinanze jo eppes ass, wat jo fir alleguerter vun eis misst eng wichteg Saach sinn.

Ech si wierklech elo e bëssen an den Doute komm, well ech hat mer hei opgeschriwwen, well den Här Wiseler dat gesot huet - an ech sinn och frou, dass hien nach eng Kéier intervenéiert ass -, den Här Wiseler huet gesot, d'CSV géif den Diagnostic deelen, dass d'Statsfinanzen net équilibréiert sinn an dass dat muss geléist ginn. Ech fannen dat wäertvoll, dass mer dorüwwer op d'mannst e Konsensus hunn. An ech mengen, den ADR deelt deen Diagnostic och.

Ech muss awer feststellen, dass op d'mannst den Här Wolter dat net deelt, well hien huet jo gesot, an ech hunn dat wierklech eng pauschal Formel fonnt: „Mir hunn näischt falsch gemaach.“ Näischt! A visiblement huet déi heite Regierung alles falsch gemaach!

Ech kann dat doten net esou stoe loosse. Ech wëll vläicht just e bëssen no hanne kucken. Et ass jo ganz wichteg, dass an dëser Chamber, do war eng Unanimitéit an dëser Chamber 2008 fir ze soen: Déi Kris, déi hei kënnt, ass esou grav, dass mer mussen antizyklesch handelen an dass mer musse méi Dépensen täte-

gen a mer eis dofir och e bësse méi verschëlden. A mir haten dee Sputt.

Ech kucken zréck, wou ech deemools war: an der Chambre de Commerce. Mir hunn dat och als Chambre de Commerce begréisst, dass d'Regierung dat géif maachen. An dozou stinn ech haut als Persoun an ech mengen, dozou sti wahrscheinlech all déi Deputéiert, déi deemools hei am Sall waren, dass 2008, 2009, vläicht och nach 2010 huet misse méi investéiert ginn.

De Problem ass, dass mir, an dat ass wierklech eegenaarteg (veuillez lire: wierklech eenzegaarteg) fir Lëtzebuerg, dass mir en fait déi Politique keynésienne vun der Relance duerch méi Dépensen an den Dépenses publiques einfach weidergemaach hu bis 2013 inclus! An dofir huet eis Schold sech verdräifacht vu 7% vum BIP op 23% haut!

Also kommt mir maachen hei eng Distinction, mir geheien net alles mateneen ewech. Dat war eng gutt liddie 2008, 2009 an och nach vläicht 2010. Mä 2011, 2012, 2013 hätt misse gehandelt ginn! An ech mengen, et gëtt jo och e Konsensus zu Lëtzebuerg, dass do hätt misse eppes gemaach ginn. An dofir behalen ech léiwer zréck dat, wat den Här Wiseler gesot huet a verschidden anerer, mengen ech, a senger Partei: dass mer den Diagnostic deelen. Well wa mer den Diagnostic net deelen, jo, da komme mer ni weider!

An dann ass vill insistéiert ginn - ech hat emol guer net wëlles, op dee Punkt zréckzekommen, well ech schonn a menger initialer Ried driwwer geschwat hat -, dass hei nëmmen ee Véirel vum Effort géif mat Reduktioun vun Dépense gemaach ginn an déi aner dräi Véirel mat Augmentations de recettes. Dat ass richtig 2015! Mä déi Réduction de dépenses an déi, déi och nach an der Tëschenzäit derbäikommen, 2016, 2017, 2018, déi rééquilibréieren dat jo, soudass mer 2018 net ganz op 50/50 sinn, awer net méi wäit dervun. Mä ech hunn dat jo explizéiert! Fir elo ze maachen, wéi wann et dat net géif ginn, dat fannen ech net korrekt!

An den Alex Bodry huet ganz flott ënnerstrach, dass justement déi Réformes structurelles 2011, 2012, 2013 net gemaach gi sinn. Et ass haaptsächlech mat den Investissementen en Décalage geschitt an domat ass de Gros vun de Reduktiounen vun den Dépense geschitt. An ech wäert och dorobber zréckkommen.

Ech halen also fest, dass mer eis eens sinn, dass eis Statsfinanze musse sanéiert ginn. Mir sinn eis net eens, an dat ass och zum Deel normal, wéi mer dat maachen. All Partei huet hir Prioritéiten, hir Wieler, an dat ass normal.

Ech kommen also gären op eng zéng Punkten awer ganz kuerz zréck. Bal all Mënsch huet iwwert d'Konjunktur geschwat, dass eis Hypothese vläicht optimistesche ass. Mir hunn drop geäntwert, dass mer déi Prognos vun 2,7 halen, déi mer drageschriwwen hunn, well mir changéieren de Budget net all fënnf Minutten! Dat huet och nach keng Regierung virdru gemaach. Mä mir gleewen och u Lëtzebuerg, u seng Upassungsfäegkeet, souwuel vun den Entreprisé wéi och vun de Leit, déi hei wunnen a schaffen.

Et geet eis haut net méi esou gutt wéi vläicht viru véier, fënnf Joer. Mä et geet eis am internationale Verglach nach ëmmer immens gutt! An dann, muss ech soen, deet et mer wierklech wéi, wann hei vum ADR proposéiert gëtt, dass mer missten eis Aide-au-développements-Politik männer generéis gestalten! Wa mer gesinn, wat an der Welt alles lass ass, déi politesch Risiken, déi strategesch Risiken, an der Ukrain, dat ass net wäit ewech vun ons...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass awer keng Entwécklungshëllef!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Neen. Mä déi Risiken, déi do bestinn, a Syrien, an all déi aner Länner, wou en immenst Leed ass! A wéi solle mer dann deene Leit erklären, dass elo eis Aide au développement vun 1%, wou mer stolz sinn, dass mer déi erreecht hunn, soll op 0,7% erofgoen? Dat kann ech net novollzéien!

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Setzt lech emol derfir an, datt all déi aner Länner hir 0,7 bezuelen!

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Gibéryen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Domat ass de Leit och gehollef...





► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dat ass...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, domadder wier e vill gehollef!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Just den Här...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- An et wier vill méi, wéi mer aspueren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Just den Här Finanzminister huet d'Wuert, wann ech gelift!

#### (Coups de cloche de la présidence)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Also dat ass richtig. Et wier gutt, wann alleguerten d'Länner géifen hir Obligatiounen anhalen. Do kann ech lech nëmme recht ginn!

Et sinn e puer spezifesch Froe gestallt ginn. Ech kann net op se alleguerten äntweren. Ech wollt der awer e puer huelen, déi den Här Wiseler als Spriecher vun der Haaptoppositiounspartei hei virbruecht huet.

Ech wollt erklären, ënner anerem och, fir ze soen, dass mer awer opgepasst hunn op ville Saachen, wou gemaach gëtt, wéi wa mer net opgepasst hätten. Zum Beispill: Mir kafen e Gebai fir 86 Milliounen, d'Cité (veuillez lire: d'Cité policière) beim Flughafen, fir 86 Milliounen. Dat ass richtig. Doduerch spueren mer Loyer. Mä déi 86 Milliounen, do si mer eis natierlech bewosst, dass mer déi ausginn. Mir hunn awer en parallèle och en Terrain verkaaft fir 90 Milliounen bei der Gare. Dat neutraliséiert sech. Dat ginn zwee separat Projets de loi. Déi sinn elo net méi am Zukunftspak dran, mä mir hunn do der Opposition formelle vum Statsrot nogelauschtert an dat dann esou separat eraginn.

En zweet Beispill: D'Administration des Contributions, do kréie mer eng Erhéijung vum Personal, well mer do wellen d'Lutte géint d'Fraude verstärken. Do sinn ech gefrot ginn, wéi mer op de Calcul vun de Recetté komm sinn, an do wollt ech dem Här Wiseler soen, mir hunn do d'Eckwäerter geholl an d'Erfahrungswäerter, déi an der Vergaangenheet enregistriert gi sinn. Déi kennt d'Administratioun an déi hu mer zréckbehalen. Ech well och ënnersträichen, dass dat additionnelt Personal, wat mer dofir astellen, natierlech am Numerus clausus virgesinn ass.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Zweete Punkt: Et ass vill iwwert déi Oppositions formelles vum Statsrot geschwat ginn, 33 Stéck. Ech well soen, dass dat sech, eischstens emol, erklärt, well mer jo déi 24 Mesuré vum Zukunftspak haten - dat ass jo eng legislativ Aarbecht, déi riseg ass! -, an dass fir zwee Drëtzel vun deene 24 Mesuren, also 16 Stéck, iwwerhaapt keng Opposition formelle dra war.

Da well ech och soen, dass de Statsrot fir all déi Taxen am Domän Santé an an der Educatioun - Homologatioun -, dass en do de Prinzip vun deenen Taxen attackéiert huet. A vu dass där Taxen eng Rëtsch dra waren, wéi Der alleguerten ënnerstrach hutt, hu sech déi Oppositions formelles multiplizéiert. Also, an der Somme, muss ech soen, sinn et där Oppositions formelles net esou vill a mir hunn deenen natierlech all Rechnung gedroen.

Drëtte Punkt, do mengen ech och, dass mer bal e Konsensus hunn. Fir déi meescht Parteien an och fir déi Haaptoppositiounspartei an natierlech d'Majoritéitsparteien ass et kloer, dass dat heite keen Austeritéitsbudget ass. Et sinn awer zwou Parteien, déi deelen dat net. Den Här Reding an den Här Urbany hu gesot, dat hei wier en Austeritéitsbudget. Ech muss soen, ech kann dat intellektuell net novollzéien. Hei ginn d'Dépensé 4% an d'Luucht. Kuckt am Ausland, wéi vill do d'Croissance vun den Dépenses ass, an da soen ech lech: Neen, dat hei ass net en Austeritéitsbudget!

En revanche, wann een dat géif maachen, wat den ADR proposéiert, d'Investitiounen ganz staark erofzufueren, majo dann hätt een en Impakt op der Croissance an dann hätt een en Austeritéitsbudget. A wann ee géif maachen, wat déi Lénk proposéieren, d'Taxe spektakulär an d'Luucht ze setzen, da géife mer all auslännesch Investisseuren ewechscheien, keng nei méi kréien, der vill hei verléieren, an dann erëm hätte mer Austeritéit!

Véierte Punkt, den Investissement. Ech mengen, dat hei ass ee vun de Kärsujeten, wou mer eis net eens sinn, an dofir well ech e bësse méi laang doriwwer schwätzen. En ass vum Här Wiseler, vum Här Roth, vun de Rapporteurs, vu ganz ville vun lech hei ugeschwat ginn. Zu Recht!

Wa mer d'Investissementer no ënne fueren, da schwäche mer d'Croissance. An dat wollt mir net! Wa mer d'Investissementer no ënne fueren, da si mer en contradiction mat deem, wat alleguerten d'Analysten an Europa soen, dass mer e Mangel un Investissement an Europa hunn, haaptsächlech am Privatsektor, mä awer och am Sektör public. An de Juncker-Plang ass jo grad d'Äntwert dorobber! A mir sinn do grad an där Linn.

Déi Investissementer, déi mer tätegen, déi schafen net nëmme Wuesstum, déi schafen natierlech Aarbechtsplazen, déi schafe Kontrakter, alles dat, wat mer brauchen! Mir sollen also net op dem Bockel vun den Investitiounen a futur Infrastruktur spueren, mir sollen net an Investissementer...

#### (Interruption par M. Michel Wolter)

Ma da sinn ech frou, Här Wolter, dass...! Mir sollen net op den Investitiounen spueren an op Käschte vun deenen nächste Generatiounen, fir domat eis lafend Käschten, déi ze héich sinn, ze finanzéieren!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Madame Präsidentin, well den Här Minister grad just bei den Investissementer ass an ech him eng konkret Fro gestallt hunn, wollt ech hie froen, ob en nach wéilt dorobber äntweren. Soss géif ech him se nach eng Kéier stellen, well ech hätt gären eng Äntwert.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Minister?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Meng konkret Fro war déi, Här Gramegna, well Der jo elo de Luef vun den Investissementer, vun der Croissance a vun der Politik gemaach hutt, firwat dass Der am selwechte Moment, wou Der sot, mir musse beim Stat d'Investissementer 10% an d'Luucht setzen, de Gemengen hir Capacitéit, fir ze investéieren, ëm 20% erofsetzt. Firwat?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech kommen nach op d'Gemengen ze schwätzen!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Och prezis op déi Fro, wann Der wéllt!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech kommen op d'Gemengen ze schwätzen.

#### (Interruption)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Also, do hu mer eng Divergence d'opinion iwwert d'Investissementer an Dir hutt jo och selwer gesot, Här Wiseler an och Här Wolter, dass Dir an der Vergaangenheet den Adjustement iwwert d'Investissementer gemaach hutt. Den Här Bodry huet richtegerweis ënnerstrach, dass dat oft, net ëmmer, Décalagé waren, also och net ëmmer Erspuermissen. A mir hunn et d'selwecht 2014 gemaach! Ech ginn dat gären zou, dass mir 2014 jo bei deem Pak vun 200 Milliounen, dee mer do gespuert hunn, 130 Milliounen manner Investissement virgesinn haten.

Dat huet mir net gutt gefall, mä ech hunn dee Moment nach déi Method, op déi mer elo gebaut hu fir de Budget nouvelle génération, nach net zur Verfügung gehat. Fir dann also op déi néideg 200 Milliounen ze kommen, fir och genuch ze spueren par rapport zum Effort, deen néideg war par rapport zum Pacte de stabilité et de croissance, hu mir och 130 Milliounen misse spueren par rapport zum Investissementsplang, dee mir op Bréissel geschéckt haten.

Ech hunn awer och elo nogekuckt, wat den Taux d'exécution am November ass, Här Wiseler. Dir hutt mech jo och gefrot, wou mer do dru wieren. An déi lescht Zifferen, do si mer am Taux d'exécution bei den Investissements directs, wou een dat ka moossen, bei ronn 85% am November. Dat ass par rapport zu deem, wou mer 2013 waren, méi wéi 10% méi. Do ware mer bei 74% an 2012 bei 72%, ëmmer am November verglach. Dir gesitt also, dass mer awer am Taux d'exécution gutt geschafft hunn.

Wéi ass - an dat ass mäi fënnefte Punkt - d'Verdeelung vum Effort? Do hat ech och schonn a menger initialer Ried vill drop gepocht. Et ass richtig, dass de Bierger e gewëssenen Deel vun deem Effort dréit duerch d'TVA. Ech repetéieren nach eng Kéier, dass d'TVA schlussendlech, mat de Spezifitéite vu Lëtzebuerg, plus ou moins hallef an hallef gedroe gëtt vun de Bierger op där enger Säit a vun den Entrepreneuren, dem Stat an de Gemengen op där anerer Säit, dass mer den Taux super-réduit halen an dofir deene Schwächsten entgéintkommen an dass mer natierlech déi 0,5%-Steier ageféiert hunn oder aféiere wëllen, wou mer de soziale Mindestloun neutraliséieren. Jo, dat ass dat, wat de Particulier bezilt.

D'Entrepreneuren, den Här Haagen huet dat ganz gutt erëmbrecht, d'Entreprise bezuelen och

hiren Deel, doduerch dass se eng Rëtsch Subventiounen manner kréien, doduerch dass se an der Mutualitéit manner kréien an och an der Zukunft do manner kréien. An dofir ass et wichtig, dass een dat am Kapp behält.

Mä mir hunn eppes net gemaach, wat déi viregt Regierung awer gemaach huet: Mir hunn d'Steiere vun den Entrepreneuren net an d'Luucht gesat. Dat ass e Choix politique! A firwat hu mer dat gemaach? Well mer mengen, dass eis Entreprise genuch Steieren elo bezuelen an et elo net de Moment ass, fir se weider ze belastschen. Ech well drun erënnere, dass an deene leschten dräi Joer d'Taxen eropgesat gi si fir d'SOPARFlen, en Impôt minimum fir alleguerten d'Gesellschaften an den Impôt de solidarité an d'Luucht gesat ginn ass.

Vu dass d'CSV ganz oft drop insistéiert, dass d'Entrepreneuren hir wichtig sinn, well ech lech soen: Dëser Koalitioun sinn d'Entrepreneuren och ganz wichtig! An dofir setze mer fir d'Entrepreneuren d'Steieren an deem Pak net an d'Luucht.

D'Gemengen, dozou well ech nëmmen zwou Saache soen. De But, firwat dass d'Gemengen hei zur Saach bäigezu gi sinn, ass net, fir mat de Bréisseler Zifferen ze spillen. Et ass einfach, dass bei jiddwerengem en Effort gefrot ginn ass. An et ass richtig, dass och bei de Gemengen en Effort gefrot ginn ass. Ech hunn d'Mesuré beschriwwen. Ech fannen och déi vun der Kreatioun vun engem Rettungsdéngscht a vu Pompjeeën zesummen tëschent Stat a Gemengen, dass dat eng gutt Synergie ass, wou mer och Geld spueren.

An ech muss lech soen, ech hu gekuckt, wéi d'Recetté vun de Gemengen an den nächste Jore wuessen. Am Joer 2015 wuessen d'Recetté vun de Gemengen 2,8%. Déi wuessen 1% méi wéi d'Recetté vum Stat, trotz alle Mesuren! An am Joer 2016 wuessen d'Recetté vun de Gemengen iwwer 6%. Ech mengen, dass d'Gemengen e gewëssene Sputt hunn! An dat ass meng Äntwert op Är Fro iwwert d'Investissementer. Ech mengen net, dass et de Gemengen esou schlecht da wäert goen.

E sechste Punkt, well awer iwwert déi Mesure ganz vill geschwat ginn ass, iwwert d'TVA. Iwwert d'TVA well ech en fait just nach e puer Saache soen. Eischstens hunn ech vu kengem eppes héieren, wat d'TVA ubelaangt, wou mer jo och en Adjustement gemaach hunn, iwwert den Alkohol. A part vum Här Reding schéngt keen ze considéieren, dass dat e Bien de première nécessité ass.

Zu der TVA Logement kréie mer vläicht e bësse Geleeënheet, fir driwwer ze schwätzen, well jo och doriwwer Motiounen sinn. Ech well awer zu deem faméise Plaffong vu 50.000 Euro nach Folgendes soen: Dat Eischt ass emol, dass dat eng Mesure ass, déi vill Geld kascht. Wann een dee Seuil vu 50.000 op 60.000 eropsetzt, dat klängt harmlos, mä, wéi ech virdru während der Intervention vum Här Bodry gesot hunn, wann een dat géif maachen, wier de Käschtpunkt 2015 8 Milliounen an 2016 iwwer 20 Milliounen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä Dir hat versprach, datt et bei de Leit net géif méi deier ginn. Dat ass...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, mä dat ass de mechanischen Aspekt vun der Hausse vun der TVA.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et gëtt mechanesch méi deier, mä et gëtt méi deier!

#### (Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift, loosst den Här Gramegna schwätzen!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech well awer dozou soen, dass déi viregt Regierung justement de Seuil vu 60.000 op 50.000 erofgesat hat. Dat hutt Dir jo gemaach! An elo frot Dir eis, mir sollen...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir haten de Contraire...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- ...e vu 50.000 erëm op 60.000 eropsetzen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir haten de Contraire awer och net versprach! Dir hutt versprach, bei Äre Moosname géif et näischt kaschten. Et kascht awer!

#### (Interruptions)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Genau, Dir hutt dat gemaach.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Also wann ech gelift, den Här Gramegna huet eleng d'Wuert!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir hu keng 14% Augmentatioun op der TVA gemaach, well ech lech just soen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Wiseler, wann ech gelift!

#### (Interruptions)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech wollt nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer op Basis vun de Kommentare vum Secteur de Moratoire agefouert hu fir d'Investisseuren, fir dass déi bis 2016 hunn. Dat ass gutt fir d'Previsibilitéit. A mir hunn d'Renovatiounsaarbechten och zréckbehalen, déi nach ëmmer beim Taux vun 3% bleiwen.

Siwente Punkt: Politique familiale. Do kréie mer wahrscheinlech och nach e puer Diskussiounen elo mat de Motiounen an allem. Ech mengen, do ass bal alles gesot ginn. Ech géif gären all deenen, déi intervenéiert sinn, soen, dass ech deenen all ganz gutt nogelauschtert hunn: der Madame Hetto, dem Här Wiseler, dem Här Baum, dem Här Adam, dem Här Kox. An et mierkt een, dass do zwou verschidde Philosophie sinn, déi net réconcilabel sinn. Domat muss ee liewen, do muss een assuméieren.

Ech soen lech als Finanzminister, dass ech et net eng gutt Iddi fannen, contradictoire Politiken ze ënnerstëtzen: déi eng Politik, déi ënnerstëtzt, dass ee soll doheem bleiwen an net schaffen, an en contrepartie eng aner, duerch déi een encouragéiert gëtt ze schaffen.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Dat nennt een „Choix“!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mä de Choix ass jo jiddwerengem seng Fräiheet. Mä de Stat soll net déi eng Politik an déi aner finanzéieren. De Stat finanzéiert déi, déi de Leit hëlleft, d'Beruffsliewen an Harmonie ze bréngen mam Privatliewen. An dofir huet jo och des Koalitioun beschloss, als Äntwert och zum Deel zur Abolitioun vun der Allocation d'éducation, de Congé parental ze flexibiliséieren. Déi Négociatiounen mat de Sozialpartner sinn amgaang a mir wäerten och do de Minimumniveau vun deem Revenu de substitution op den Niveau vum Salaire minimum bréngen.

#### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An dann e leschte Punkt. Fir et ganz kuerz ze soen, et sinn ongeféier 8.000 Leit, déi vun der Allocation d'éducation benefisiéieren. Et sinn och emol aner Zifferen genannt ginn: 8.000 oder 2.000. Wat och ëmmer d'Ziffer ass, all déi, déi se elo hunn, wäerte se behalen a kréie se bis zum Schluss ausbezuelt! D'Mesure leeft aus. Mä all déi, déi se hunn, kréie se voll ausbezuelt. An zwar all déi, déi se elo nach kréie bis den 30. Juni nächst Joer, déi wäerte se kréien a voll ausbezuelt kréien. D'Leit sinn also prevenéiert. Vum 1. Juli un, wann een also dann e Kand kritt, do kritt een dann d'Allocation d'éducation net méi. Et kritt also keen eppes ewechgeholl!

Aachte Punkt: Dialogue social. Ech freeë mech, dass sech déi meescht awer gefreet hunn am Sall, dass deen Dialogue social relancéiert ginn ass. En ass lieweg an e geet weider. An dat ass gutt fir Lëtzebuerg.

Deeselwechten Dialog si mer amgaang och mat den Entrepreneuren, mam Patronat ze maachen, ze féieren. An ech wënsche mer, dass mer do och relativ séier konkret Accorde wäerten hunn.

Ech well och hei ënnersträichen - dat ass net gesot ginn -, dass mer am Dialog zu dräi fäerdegbruecht hunn, eis doriwwer eens ze ginn, wéi mer an Zukunft mat de Sozialpartner de Semestre européen zesumme beschwätzen. Dat ass Neiland, dat ass e qualitative Sprong vum Dialog mam Patronat a mat de Gewerkschaften.

Néngte Punkt: Réforme fiscale. Ganz kloer ass d'Reforme fiscale net de Sujet vun dëser Debatt haut. Mir sinn haut hei, fir iwwert de Budget ze schwätzen. Évidemment, par ricochet, wa mer iwwer Recetté schwätzen, denkt een un d'Reforme fiscale, déi annoncéiert ginn ass. Mä ech hat mer virgeholl an ech hunn dat och gehalen, dass ech net géif iwwert d'Reforme fiscale am Laf vun deem Joer vill schwätzen, well ee muss d'Eckwäerter vum Budget kennen, ier een ufänkt, driwwer nozedenken, wéi déi Reform ausgesäit.

An dëst Joer war jo eng eemoleg Geleeënheet, well mer jo de Pluriannuel gemaach hunn. Mir kennen d'Vergaangenheet, d'Joer 2014 praktesch ganz, a mir kennen elo, wéi déi nächst véier Joer ausgesinn. Kommt, loosst eis emol déi Rechnungen all maachen! Ech deelen déi da mam Parlament a mat de Sozialpartner, fir dass mer op darselwechter Basis kënne schwätzen.

Also, Dir waart zu vill, déi doriwwer intervenéiert sinn. Ech ënnersträichen dat, wat den Alex Bodry gesot huet: Et brauch ee kee Weisen ze sinn, fir virauszegesinn, dass d'Marge de manœuvre, déi des Regierung huet, fir déi Réforme fiscale ze maachen, ganz kleng ass, well mer hu jo e Budget pluriannuel, dee weist eis jo, wat à politique fiscale constante méiglech ass.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)





A wa mer net eng grouss Croissance kréien an deenen nächste Joren, dann ass déi Marge immens kleng. A wann d'Marge ganz kleng ass, da sinn déi Ajustementen, déi mer wëlle maachen, oder déi Reformen, déi mer wëlle maachen, nach laang net einfach.

Ech hunn lech all nogelauschtert. All déi Pisten, déi Der ons mat op de Wee ginn hutt, do sinn eng ganz Rëtsch gutt Iddien derbäi.

Ech hunn awer misse schmunzelen, wéi mer gesot kritt hunn, mir missten eppes un der Grondsteier maachen. Dat erënnert mech e bëssen un d'Arlésienne. D'Grondsteier, dat schéngt e Konsensus ze sinn an dësem Sall bei jiddwerengem, dass mer dat missten upaken.

**(Brouhaha)**

Ah, den ADR ass net domat d'accord.

► **M. Roy Reding** (ADR).- D'ADR! Et ass eng Partei, et ass...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dir sidd net domat d'accord. Mä bon, d'CSV ass domat d'accord, wann ech richtig verstanen hunn. Dat ass eng gutt Noriicht! Dann hu mer jo do eng gemeinsam Basis.

Ech wollt dozou just soen, dass et déi Grondsteier säit 1900 an déi 40 gëtt, dass do e Mechanismus besteet, dass een all sechs Joer sollt déi Grondsteier nei berechnen an dass dat ni gemaach ginn ass! An dofir deet et mech wierklech schmunzelen, wann ech da gesot kréien, dass d'Regierung hätt misse verschidde Saachen an der Réforme fiscale virzéien.

Mir wësse jo, wéi schwéier dat ass, an dass ech dat gesot kréie vun deenen, déi 35 Joer laang un der Muecht waren an déi ganz vill do hätte kënnen reforméieren, ass net ganz kredibel.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- De Fonds souverain. Do hat ech gehofft - mä vläicht ass nach e bëssen Hoffnung méiglech! -, ech hat gehofft, dass och do d'Haaptoppositiounspartei dat géif begreissen. Den Här Wiseler huet, mengen ech, näischt ganz Konkretes driwwer gesot, an dofir hat ech gemengt, dass de Silence kéint interpretéiert ginn als e Soutien.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Neen, dat ass net e Silence de l'administration.

**(Hilarité)**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mä bon, wann den Här Wolter dann d'Opinion vun der CSV ausgedréckt huet, dann ass natierlech d'Partei plutôt negativ.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, weint der Aart a Weis, wéi Der et macht, jo.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Plutôt negativ, an dann d'ADR och.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Mir sinn ëmmer derfir agetratt, dass dat géif kommen...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An ech wëll nach eng Kéier repetéieren, ech hunn dat jo schonn a menger initialer Ried gesot: Ech sti voll zu deem Fong - voll! -, well dat ass eng ganz gutt Saach fir Lëtzebuerg. Et ass e Mentalitéitswiessel. Mir ginn net méi direkt alles aus, wat an d'Keess kënn.

Zweete Punkt. Et ass den Här Gibéryen, deen en fait d'Argument nach verstärkt huet, an den Här Wolter huet och nach eng Allusioun dozou gemaach. Mir haten Ufank vun de Joren 2000, 2001 d'Chance, do hu mir Honnerte Milliounen verdeelt, ausgedeelt!

**(Interruption)**

Voilà! A wat hu mer gemaach? Mir hu se an d'Fonge gesat. An - den Här Gibéryen huet genau den Téppelchen op den i gesat - déi sinn elo fort!

► **Une voix**.- Jo!

**(Interruption)**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Voilà, se si fort, se sinn och investéiert wahrscheinlech, a bestëmmt och gutt investéiert, an ech kommen och nach op de Punkt vun den Data-Centeren ze schwätzen. Se si gutt investéiert, mä se sinn all ausginn! An eis Fonge si bal eidel!

Dat ass dat, wat geschitt, wann ee kee Fonds souverain huet! Ech soen lech et! Deen eenzege Wee, fir Suen op d'Säit ze leeë fir déi nächst Generatiounen, ass, e Fonds souverain ze maachen. An dofir sti mer voll hannert deem Fonds souverain, an ech soen lech, mir wäerten net nëmmen déi non récurrent 50 Milliounen draetzen. Ech hoffen an ech si bal sécher, dass mer Geleeeënheete wäerten hunn an den nächste véier Joer, fir méi Suen dranzetzen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Gramegna, erlaabt Der, dass den Här Gibéryen...?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Neen, ech sinn nach net fäerdeg, wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah, okay.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An dann de leschte Punkt, an dat ass vläicht deen allerwichtigste par rapport zu där extrem liichter Kritik, mir géifen dee Fong speise mat Emprunten: Wa mir eist Objektiv erreechen - an ech ginn dovunner aus, dass mer et erreechen! -, dass mer 2018 den Équilibre hu vun de Statsfinanzen, majo, vun 2018 u si mer am Équilibre an de Statsfinanzen a mir hu scho Suen an de Fonds souverain gesat.

Wat heescht dat? Dass mer deen Effort, dee mer maachen, fir de Fonds souverain ze speisen, dass mer dee mat akalkuléiert hunn, an trotzdem komme mer an den Équilibre! Ma doriwwer sollte mer eis dach alleguerte freeën!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Do si mer awer nach net am Équilibre, 2018, dat géif mech awer wonneren.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Awer net wäit dovun. Awer net wäit dovun!

**(Brouhaha général)**

Also, ech mengen, dass ech op déi... Also, ech soen lech, dass ech fannen, dass dee Fonds souverain eng super Saach ass. An ech hu contrairement zum Här Wolter immens vill Leit begéint, déi dat gutt fonnt hunn!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Une voix**.- Da begéint Dir net deeneselwechte Leit wéi den Här Wolter.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An dann, grad well den Här Wolter gesot huet, dass alles, wat dës Regierung mécht, falsch ass. En huet et praktesch esou ausgedréckt. Ech hunn - an d'CSV weess dat - op der Place financière, bei allem, wat mat der Place financière ze dinn huet, ëmmer widderholl, dass ech do an der Continuitéit wier vun deem, wat den Här Frieden gemaach huet. An ech soen dat iwwerall, an ech soen et grad och bei den Data-Centren.

Dofir ass dat guer kee Problem fir mech, fir ze soen, dass dat eng richtig Politik war, eist Land do ze moderniséieren, dass mer do déi Transaktiounen rapid iwwer Lëtzebuerg kënnen lafe loossen. Dat mécht eis immens kompetitiv. An dat hu mer gutt gemaach!

Eelefte Punkt: De Budget nouvelle génération. Ech si frou iwwert dat, wat mer do erreecht hunn. Ech si frou, dass mer elo eng Method hunn, déi vill kritiséiert ginn ass vun der Opposition, mä mir hu se. Ech hu virdrun als Beispill ginn, dass ech ebe fir de Budget 2014 net an der Positioun war, aner Saachen ze maachen, wéi just d'Investissementen ze drosselen. Ech hat keng Method, elo hunn ech eng.

An déi Method, déi wäerte mer verfeinere an déi wäerte mer an den nächste Joren nach weidermaachen. An dat, wat wierklech flott war an där ganzer Saach, ass, dass mer dat jo mat den Administratiounen gemaach hunn, vun ennen no uewen, bottom up.

Ech géif gären dës Geleeeënheet gebrauchen, fir der IGF, alle Ministère Merci ze soen, dass se matgeschafft hunn. An, obwuel d'Opposition dat als e Sammelsurium vu Mesurë beschreift, ech soen lech: Dat war déi bescht Method, fir eng Bestandsopnahme kënnen ze maache vun all deem, wat een am Stat zu Lëtzebuerg ka verbessern.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mir kréie virgeworf, dass mer net alles vun haut bis 2018 chiffriert hunn. An dann, wa mer et chiffriert hunn, da kréie mer gesot: „Mir gleewen net un Är Zifferen.“

Ech wëll lech just soen: Mir hunn et esou wäit chiffriert, wéi et méiglech war. Mir wäerten au fur et à mesure déi nächst Jore weider déi Zifferen hierginn an da wäerte mer e ganz gutt Bild dovunner hunn, wou mer stinn.

Eng aner Saach, déi ee beim Budget de nouvelle génération muss ganz kloer versichen ze verstoen, ass folgend: Mir wäerten och an den nächste Méint an der Reform vum Budget weidermaachen, esou wéi dat och am Koalitiounsprogramm steet. Mir wëllen an d'Richtung goe vun engem Budget par objectifs. An déi Method, déi mer hei inauguréiert hunn, déi wäert eis erlaben, dat kënnen ze maachen, e grouse Projet, a mir wäerte regelméisseg mat lech am Parlament dat maachen.

A wann ech dann déi Kriticken héieren, dass dat, wat mer elo emol scho gemaach hunn - 500 Artikelen ofschafen, méi Flexibilitéit de Ministere ginn, fir dass se och méi responsabel mat deene Kreditter ëmginn -, dass dat an d'Lächerlecht gezu gëtt, well ee versicht, eppes ze reforméieren,

ren, dat ass extrem enttäuschend! Well dat, wat ech mat lech gär géif maachen hei am Parlement, dat ass, dass mer zesummen an déi Richtung vum Budget par objectifs ginn. An ech mengen, et wier flott, wa mer do e bësse méi Versteesdemech hätten, anstatt nëmmen dat ze kritiséieren vun där Regierung, déi amgaangen ass, ze versichen ze reforméieren.

En zweieleften a leschte Punkt, Här President. Mir hunn elo ee Joer regéiert a mir hunn eppes Grousses fäerdegbruecht. Mir hunn an engem Joer fäerdegbruecht, eis eng nei Budgetsmethod ze ginn - déi nach net komplett ass an net fäerdeg ass -, a mir hu fäerdegbruecht, dass eis Statsfinanzen 2018 équilibréiert sinn an och am Zentralstat en Iwwerschoss ass vu bal enger Milliard an der Administration publique, konform zu de Regele vum Pacte de stabilité et de croissance, wou mer eis Dette op 24% stabiliséieren.

Dat alles hu mir an engem Joer gemaach! Ech fannen, dat ass remarkabel séier, an ech fannen, dat ass e supert Resultat. Et ass net dës Regierung, déi seet, dass et e supert Resultat ass. Et ass d'Europäesch Kommissioun, déi dat den 28. November gesot huet. Si huet eis gréng Luucht ginn! Si huet eis félicitéiert!

An ech si frou, dass mer déi Félicitatiounen vun der EU kruten, déi huet vill Kredibilitéit an dat gëtt eis vill Confiance. An ech soen den dräi Parteien an der Koalitioun Merci fir de Support. Wa mer deen heite Budget stëmmen, da maache mir eppes Guddes, fir eist Land fit ze maachen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Finanzminister. Domat - ah! - wäre mer nach net grad um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm: Den Här Wolter freet sech d'Wuert an den Här Turpel, an ech kéint mer virstellen...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Parole après ministre oder Fait personnel. Dir kënn et huelen, wéi Der et wëllt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Bon, ech géif da mengen, Parole après ministre.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Parole après ministre, voilà!

Ech wollt op zwou Saache just agoen, déi de Finanzminister elo gesot huet. En huet probéiert, esou e komesche Konstrukt do ze fannen, comme quoi den Här Wiseler mam Diagnostic d'accord war an den Här Wolter net.

Also, ech kann lech éierlech soen, Här Finanzminister - an et sinn der nach e puer heibanen, déi et wëssen -, dass ech eng ganz laang Geschicht an der Fro vun de Budgeten hunn an hirer Véridicitéit an ob se op d'Zukunft ausgerichtet sinn.

Deen Diagnostic, dass mer Schwierigkeeten hätten, deen hu mer 2008 zesumme gefouert. An ech hunn a menger Ried gesot, dass deemools mer jo scho gehofft hunn, dass et géif gutt ausgoen, a wéi et 2011 net gutt ausgegangen ass, dass mer reagéiert hunn.

Wann Dir sot, mir hätte Keynes bis 2013 gemaach, da muss ech lech vehement widder schwätzen - vehement widder schwätzen! Mir hunn 2011 an 2013 Päck hei an der Chamber déposéiert als Majoritéit - do war d'LSAP derbäi -, déi alles aneschtens wéi Keynes waren. Mir hunn et net weiderlafe gelooss, dat, wou mer den Accord haten 2008, fir 2009, 2010 a fir 2011 ze goen.

Ech sinn also fundamental net mat lech do d'accord. Et si fir 1.680 Milliounen Päck gemaach ginn, an dat ass d'Remarque, wou ech gesot hunn: „Mir hunn näischt falsch gemaach.“ Wann ech gesot hunn: „Mir hunn näischt falsch gemaach“, hunn ech dat net par rapport zur CSV gesot. Ech hunn et par rapport zu enger Majoritéit gesot, déi zesummen eng Politik gemaach huet, déi esou wäit gaangen ass, wéi se konnt goen an deem Moment.

Et gëtt awer, Här Finanzminister, nëmmen eng eenzeg Partei, déi virun de Wahlen gesot huet, dass mer d'TVA an d'Luucht solle setzen: Dat war d'CSV. A wann ech Äre Pak kucken,...

**(Brouhaha)**

Jo, dat gefält lech net. Ech weess, dass dat lech net gefält!

**(Interruptions)**

Mä wann ee wéi den Här Bodry heihinnerkënn an et seet een... Mat Ären Alternativen an esou weider: 250 Milliounen vun Äre 500 Milliounen - wann et da 500 Milliounen wieren -, sinn 250 Milliounen, déi just d'CSV proposéiert huet virun engem Joer! Just, soss guer keen! Wann een also seet, mir wiere ganz wäit auserseen: Neen!

**(Interruption)**

Mir waren domadder d'accord. Mir woussten et, dass mer d'TVA misste maachen, well mer d'Analys gemaach hu vun der Situatioun a well mer d'accord waren,...

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

...a well mer d'accord waren, fir virunzegoen.

An dann, an do sinn ech wierklech sur ma faim bliwwen: Dat ass Är Netäntwert iwwert d'Gemengen!

Dir sot ee Saz, an deen hunn ech d'ailleurs och schonn an der Finanzkommissioun héieren! An dann ass et ganz schwéier, eng inhaltlech Diskussioun ze féieren, wéi se vum Här Bodry gefrot gëtt, fir ze soen: „Kommt an d'Finanzkommissioun an dann diskutéiert Der iwwer Är Alternativen!“

Dir hutt gesot, jiddweree misst en Effort maachen. An et ass richtig, dass d'Gemengen en Effort maachen, dat contestéiert keen, dass d'Gemengen en Effort musse maachen, wéi de Stat a wéi d'Leit e maachen. Mä wat mer contestéieren, dat ass de Montant an dat ass d'Brutalitéit, mat där Der virgitt! Well Dir gitt, an dat ass richtig, de Gemengen 2,8% méi Moyenen d'nächst Joer zur Verfügung, mä Dir huet awer par rapport zum Ordinaire duerch dee Pak, deen Der elo hei mat de Stëmme vun der Majoritéit wäert stëmmen, 10,6% op der Dépensesäit ewech! An Dir huet 7,5%, wann ech et par rapport zum ordinären an zum extraordinären Budget féieren!

Dir gitt also op där enger Säit 2,8%, mä Dir huet op där anerer Säit, jee nodeem wéi een et rechent, par rapport zum ordinären oder par rapport zum extraordinären, tëschent 7 an...

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Jo, neen. Dir...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Neen, Dir musst awer méi nuancéiert sinn trotzdem! Dat wësst Der selwer.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, et ass an der Rei. Ech weess dat selwer.

Mä et ass en Déséquilibre an där Proposition, wéi Der se hei macht, au détriment vun de Gemengen, deen net an der Rei ass. An Dir sidd och d'Antwort schëlleg bliwwen op déi wesentlech Fro, firwat dass Der am selwechte Moment, wou Der sot, de Stat misst méi investéieren, well dat wichtig wier fir eis Economie - ech sinn net der Meinung, dass een esou wäit soll goen, wéi Dir gitt, ech sinn der Meinung, dass dat, wat mir proposéieren, dass dat besser ass -, mä dass Der am selwechte Moment, wou Der sot: „De Stat muss investéieren“, de Gemengen 20% vun hirer Investitionscapacitéit... Entschëllegt! Dass de Gemengen 20%...

**(Interruptions)**

...vun hirer Investitionscapacitéit ewechgeholl gëtt duerch de Cumul vun alle Mesuren, déi ech virdrun opgezielt hunn, dat léisst mech zur Konklusioun kommen, dass Der dee Moment, wou Der déi dote Mesurë gemaach hutt, net lech der Konsequenz bewosst waart. An dofir komme mer bei deene véier Amendementen nach eng Kéier dorop zrëck.

De Bäitrag, objektiv, ganz objektiv, deen dem Gemengesecteur ofverlaangt gëtt, ass am ganze Pak ze héich!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Reaktiounen dorop? Här Gramegna.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, ganz kuerz iwwert d'TVA. Iwwert d'Gemengen ass jo Geleeeënheet, fir nach bei der Motioun oder bei den Amendementen driwwer ze schwätzen.

Wat d'TVA ugeet, ass et ganz richtig... Ech wollt dat ni, ech si jo net e polemische Mënsch, mä wann een esou gedréckt gëtt, dass een onbedéngt ëmmer muss Argumenter fannen! Ech hunn e gutt Argument, firwat d'CSV déi eenzeg Partei ass, déi d'Augmentatioun vun der TVA scho préconiséiert huet: Ma dat ass, well d'CSV ganz gutt wouss, dass d'Finanze ganz schlecht dru waren! Déi aner woussten dat net, mir hunn dat duerno entdeckt!

**(Exclamations et coups de cloche de la présidence)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

**(Brouhaha)**

Wann ech gelift!

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**





Sou, wann Der net wëllt, dass ech d'Sëtzung ënnerbriechen, da si mer elo...

**(Brouhaha et hilarité)**

...e bësse roueg, wann ech gelift! An d'Wuert huet elo, fir dëi nächst Parole après ministre, den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Mir hunn eis Riedezäit...

**(Brouhaha)**

Wann ech gelift! Mir hunn eis Riedezäit vu 60 Minutten ausgeschëpft. Et war déi kierzt. Mir hunn der och net méi zegutt gehat. Dofir sinn ech frou, fir kënnen Parole après ministre ze hunn, fir e puer Saachen ze froen an och eng Kloerstellung ze maachen.

Déi éischt Fro bezitt sech op d'Steierreform. De Minister huet elo just gesot, datt et wichteg wier, fir d'Eckdate vum Budget a vum Budget pluriannuel virleien ze hunn. D'Fro war gestallt ginn an, ech mengen, déi ass net beäntwert, wéi et mat de Basisdonnéeën ass, déi ee bräicht iwwert d'Revenuen an de Patrimoine zu Lëtzebuerg, wou den Direkter vum Statec an och de President vun der Pensiounskommissioun gesot huet, datt déi Daten zur Verfügung géife stoen, mä se wieren net rassembleiert. An dat ass en Exercice, dee misst gemaach ginn, fir en connaissance de cause kënnen ze handelen. A wéi engem Zäitraum, op wéi eng Aart a Weis wëllt d'Regierung dat maachen?

Déi zweet Fro bezitt sech och dorobber, an dat ass d'Lëscht vun alle Steiernischen, ob d'Regierung bereet ass, esou eng Lëscht ze maachen, esou wéi se an der Belsch gemaach gëtt, wéi d'Zentralbank an och de Statsrot se gefrot hunn.

Déi drëtt Fro, déi bezitt sech op de Fonds souverain, wou mir natierlech eng kritesch Haltung hunn zum Fonds souverain, wann ee muss effektiv Sue léinen, fir esou e Fong ze maachen. Mä d'Fro, déi ech gestallt hat: Wéi gëtt e géréiert? Wéi ginn déi Suen ugeluecht? An Aktien, Fongen, oder wéi? An och: Wou ginn déi Suen ugeluecht?

Déi véiert Fro, déi bezitt sech op dat, wat de Rapporteur Franz Fayot proposéiert hat. Dat war, fir d'Sue vum Fonds de compensation kënnen erunzezielen, fir am Wunnengsbau aktiv ze ginn, oder fir méi aktiv ze ginn, fir de Wunnengsbau ze férdere - ob d'Regierung mat där Approche d'accord ass.

An déi lescht Saach, déi bezitt sech op dat, wat de Minister genannt huet, déi erschreckend Taxenerhéijung, déi spektakulär Taxenerhéijung, déi mir géife proposéieren an déi d'Betriber géif ofschrecken, fir zu Lëtzebuerg ze bleiwen oder heihinzekommen. Do ass trotzdeem d'Fro déi, ob d'Regierung unerkennt, datt et en Déséquilibre gëtt an der Steiersituatioun tëschent deem, wat d'Stéit an d'Salariée bezuelen oder, anescht ausgedréckt, d'Aarbecht op där enger Säit an d'Kapital op där anerer Säit, an datt een eppes un deem Déséquilibre misst änneren.

Ass d'Regierung och domadder d'accord, fir feststellen, datt an anere Länner, déi trotzdeem a verschiddene Beräicher méi héich Steieren hunn, och fir d'Betriber, datt d'Betriber do net fortlafen an datt d'Betriber kaum eng Wanderung maachen, Steiertourismus maache vun engem Land an dat anert, just duer wou d'Taxe grad dee Moment am bëllegste sinn? Ech mengen, dozou gehéiere jo och aner Aspekter vun der Substanz vun engem Betrib an dozou gehéiere jo och aner Virdeeler, wéi Know-how an aner Saachen an Hëllef, déi e Betrib an engem Land kritt.

A finalement, ass d'Regierung der Meinung, datt d'Chambre des Salariés, op déi ech mech beruff hunn an där hir Propositionen ech hei gemaach hunn, datt et där hiert Zil ass, d'Betriber vu Lëtzebuerg fortzedreihen?

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Wëllt de Finanzminister drop reagéieren?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, also, ech wëll ganz séier reagéieren, mä ech hu jo net op alleguerten d'Froen vun allen Deputéierte geäntwert, well soss géif ech nach eng Stonn méi dosto. Ech mengen och net, dass dat den Esprit ass. Mä d'Donnéeën, déi sammele mer zesummen. Ech ginn do d'Instruktiounen an alleguerten d'Institutiounen, fir dass mer d'Donnéeën sollen hunn.

Liste des dépenses fiscales: Da solle mer do an der Cofibu eng Kéier driwwer schwätzen.

Fonds souverain, jo, dee kritt e Comité, dee sech ëm d'Placementer bekëmmert. Dee gëtt elo gegrënnt an deem seng Politik muss emol

nach définiert ginn. Jo, dat wäert eréischt geschéien. Ech kann lech do nach keng Äntwert ginn.

De Fonds de compensation, jo, mat deem wëlle mer jo Initiativen huelen, och wat de Logement ubelaangt. A mir hu schonn eng Initiativ, fir eng Cité sociale zesumme mam Fonds de compensation ze maachen.

Dat Lescht ass eng Fro iwwert d'Reform vun der Fiskalitéit. An ech wëll mech do op iwwerhaapt kee Wee beginn, soulaang ech d'Zifferen net hunn. Dir ënnersträicht eng Saach, déi ganz richtig ass. Dat ass, dass d'Entreprises en Impôt sur le revenu des collectivités bezuelen an dass den iwwert déi lescht Joren immens stabel bliwwen ass oder en fait en termes nominaux stabel, mä en termes réels esouguer erofgaangen ass. Dat ass richtig! Mä wat seet dat eis?

Ma dat seet eis ganz einfach, dass d'Kris do ass! Dass et de Betriber net gutt geet an dass se net vill Profitter maachen an dofir net vill Steiere bezuelen! Dat soll eis Suerge maachen! An ech wëll awer soss keng Konklusioun draus zéien. Wéi gesot, le moment venu kucke mer d'Zifferen alleguerten.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Ech hat lech jo awer de Chiffer ginn, datt d'Benefisser 57% méi zougeholl hu wéi d'Steieren, déi erakomm sinn. Dee Chiffer ass awer relativ kloer. Et kann een also net soen, datt et un de Benefisser gehalen huet.

**(Problèmes techniques de sonorisation)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...wat mer d'Geleeënheet gëtt, fir eng kleng Bemierkung ze maachen: dass sech eppes agebiergert huet hei an der Chamber, dass mer net méi opstinn, wa mer d'Wuert ergräifen. Wann ech gelift - dat gëllt net fir jiddwereen, mä fir déi, déi betraff sinn, déi wëssen et -, wann ech gelift, kuckt d'Reglement! Et ass den Artikel 33 (3).

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

A vu dass den Här Bodry mech drop hiweist, ass et och ubruecht, dass, wann den Deputéierten eppes wëllt soen, dass en d'Wuert freet.

Merci!

Dat gesot, si mer elo um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An ech hunn dann déi net ganz einfach Tâche, fir duerch de Bësch vun den Amendementen, vun de Motiounen ze féieren.

An ech wollt lech folgend Propos maachen: Vu dass d'Amendementen zum Zukunftspak en Impakt op de Budget hunn, wollt ech proposéieren, dass mer fir d'Éischt d'Amendementen an de Vote iwwert den Zukunftspak evakuéieren. Dann de Budget, wou mer da fir d'Éischt d'Amendementen zum Budget evakuéieren an dann de Vote iwwert den Ensemble. An dann zum Schluss den drëtten Projet, wou keng Amendemente virleien.

Wa mer dann déi ganz Ofstëmmungsprozedur hannerun eis hunn, géif ech proposéieren, dass mer op d'Motiounen kommen, well et net ëmmer esou evident ass, wat se genee betreffen. Also gi mer dervun aus, dass d'Motiounen den Ensemble vun dësen Debatte betreffen.

Sidd Der domat d'accord?

**(Assentiment)**

**Amendements 1 à 7 relatifs au projet de loi 6722**

**Amendements 1, 2 et 4**

Gutt, da géife mer ufänke mat den Amendementen zum Artikel 2. Do leien insgesamt véier (veuillez lire: dräi) Amendemente vir. Déi dräi Amendemente betreffen een Artikel. An et sinn der jee zwee, déi de Punkt 8 respektiv de Punkt 9 vum Artikel 2 betreffen. Esouwuel d'CSV wéi och d'ADR hu proposéiert, fir d'Sträichung vun der Allocation d'éducation et de maternité réckgängig ze maachen. Dat sinn déi zwee Paragraphen am Artikel 2, déi dat betreffen...

**(Interruption)**

Ech kommen duerno dorop zrëck. Mir probéieren, eng Chronologie ze halen. Wann ech gelift, bréngt mech net duerjerneen, well et ass scho schwéier genuch, fir den Duerchblëck ze behalen!

Wann Der domat d'accord sidd, géif ech déi dräi Amendementen, déi deeselwechte Sujet hunn, matenee behandelen. Da géife mer also e Vote iwwert de Prinzip vun der Sträichung oder Netsträichung vun deenen zwou Allocatiounen maachen - ech sinn awer do an den Hänn vun der Chamber -, well déi dräi hunn den Objet, fir déi dote Moosnam réckgängig ze maachen.

Kann d'Chamber do dermat liewen, dass mer dann iwwert déi dräi Amendemente matenee géifen ofstëmmen an dass déi, déi da mat den Amendementen vun der ADR an der CSV d'accord sinn, géife mat Jo stëmmen? An déi

mam Regierungstext d'accord sinn, déi géife mat Nee stëmmen. Also nach eng Kéier, fir d'Amendementen, also och fir d'Sträiche vun deenen Allocatiounen: Jo. A Regierungstext: Neen. Ass dat kloer? Da géife mer ofstëmmen.

**(Brouhaha)**

► **Une voix**.- Dir musst Jo stëmmen a mir Neen.

**Vote sur les amendements 1, 2 et 4 concernant les points 8 et 9 de l'article 2 du projet de loi 6722**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung ass schonn eriwuer.

60 Leit hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. Fir d'Sträichung vun de Mesuren, wéi d'Regierung se virgesinn huet, hunn der 26 gestëmmt. Also fir d'Amendementen hunn der 26 gestëmmt. Neen: 32, Abstentionen: 2, esou dass hei de Regierungstext bäibehale gëtt an d'Amendementen ofgelehnt sinn.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

*Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

**Amendement 3**

Den Amendement N°3 kënn vum der CSV a betrëfft den Artikel 3. Den Amendement proposéiert, fir den Artikel ze sträichen. Et ass den Artikel, dee virgesäit, dass bei de Cours linguistiques fir d'Indemnité compensatoire fir d'Salarié den Employeur e Bäitrag vu 50% vun der Héicht vun där Allocatioun géif bäidroen. Ass dat korrekt explizéiert?

**(Assentiment)**

Gutt, da géif ech zur Ofstëmmung iwwergoen. Déi, déi dermat d'accord sinn, fir déi Participatioun ze sträichen, also fir den Amendement sinn, géife mat Jo stëmmen. Déi, déi beim Regierungstext wëlle bleiwen, mat Neen.

**Vote sur l'amendement 3 concernant l'article 3 du projet de loi 6722**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An et ass scho fäerdeg.

Also fir déi Sträichung, fir den Amendement hu 26 Deputéiert gestëmmt, fir de Regierungstext 32 bei 2 Abstentionen. Domat wär den Amendement N°3 ofgelehnt an de Regierungstext akzeptéiert.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

*Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

**Amendement 6**

Den Amendement N°6 kënn vum der CSV, betrëfft den Artikel 14 an do geet et drëm, fir den Artikel ze sträichen. Et geet bei deem Artikel ëm eng zousätzlech Kontributioun vun de Gemenge beim Fonds pour l'Emploi.

Här Wolter.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech wollt nach eng Kéier d'Wuert huelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Merci. Ech wollt nach eng Kéier der Chamber a besonnesch deene Leit aus dem Secteur communal op alle Bänken hei soen, wat hei geschitt, fir datt se net herno kënnen kommen a soen, si hätten et net gewosst!

Hei geschitt Folgendes: dass d'Regierung sech d'Recht hält, an den ICC eranzegräife par Règlement grand-ducal. Ech kann domadder, mir kënnen domadder net d'accord sinn! Si hält domat eng Prärogativ vun der Chamber a si mécht e schwéieren, déiwen Agrëff an d'Autonomie communale.

Ech kann déi Argumenter net gëlle loosse, dass mir dat net gemellt hätten. Ech hunn an der Finanzkommissioun doriwwer geschwat. Ech hunn individuell eng ganz Rei Deputéiert vun der Majoritéit ugeschwat, fir ze soen, si sollen an hire Fraktiounen nach eng Kéier doriwwer schwätzen. Ech hunn dem Minister et gesot, den natierlech ganz happy - kann ech mer virstellen - doriwwer ass, well d'Regierung kritt hei eng Prärogativ, déi, a mengen Äen, hir net zousteet. An ech mengen, dass d'Chamber dat net kann akzeptéieren!

Ech weess net, Här Bodry, ob, wéi Der virdru gesot hutt, den heite Punkt ee vun deenen ass, wou Der bereet gewiescht wäert ze diskutéieren. Wann dat de Fall ass, da géif ech lech froen, dass mer am Januar géifen op den Artikel hei zrëckkommen. Dat hei ass eng fundamental Ännerung - eng fundamental Ännerung! - vun der Aart a Weis, wéi d'Steiere par rapport zum Gemengesector verdeelt ginn, op eng inakzeptabel, op eng fir mech, fir eis inakzeptabel Aart a Weis!

Falls et sech hei ëm ee vun deenen Artikelen sollt handelen, wann Der domadder d'accord wäert, well ech der Meinung sinn, dass ee kann dorobber zrëckkommen, da géif ech lech bieten, mer dat ze soen. Mir sinn à tout moment bereit, fir an der Finanzkommissioun nach eng Kéier doriwwer ze diskutéieren.

De Règlement grand-ducal: Dat Zweet, wat eis stéiert, dat ass, dass hei eigentlech e Grëff an d'Gemengekeess gemaach gëtt, mat Suen, déi de Gemengen eigentlech zoustinn. A mir hätten eigentlech gären, dass een eng Redistributioun am Gemengesector géif maache mat deene Suen.

Mir hu Gemengen, déi hunn 2,5- an 3-mol a méi wéi 3-mol d'Moyenne vum Joer am ICC. Déi hu se. An et si Gemengen, déi hu manner wéi 0,8-mol d'Moyenne vum ICC! An den FCDF gëtt bekanntlecherweis jo verdeelt no e puer Tier. Et ginn e puer Tier am FCDF gedréint, bis dass d'Montante fir all Gemenge feststinn.

Falls d'Majoritéit der Meinung wär, dass ee bei deene Gemengen, déi méi wéi 3-mol d'Moyenne annuelle hunn, dass een do eng Redistributioun soll maachen, wäer mir domadder d'accord, fir dat ze maachen, à condition, dass dat deene Gemengen dann zegutt kënn, déi manner wéi 0,8-mol d'Moyenne hunn.

Domadder hätte mer eng Redistributioun am Gemengesector gemaach vu Suen, déi dem Gemengesector gehéieren, déi méi propper wier wéi dee Grëff hei! Mä et bleibt, à titre tout à fait principal - an et wär eng Première, an ech géif lech wierklech bieten nozedenken, wann Der domadder d'accord sidd -, dass d'Chamber enger Regierung d'Recht gëtt, fir par Règlement grand-ducal an d'Gemengesteieren anzegräifen. Dat wär e ganz, ganz grave Präzedenzfall!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hunn d'Wuertmeldung vum Minister Kersch.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President. Ech mengen, mir hunn u sech e gemeinsam Zil, wann ech dat elo hei liesen, wat d'CSV eis hei geschriwwen huet. Dat ass nämlech, fir ze probéieren, an Zukunft alles ze maachen, fir dass d'Fluktuatiounen vun de Gemengesuen, dass dat esou wäit wéi méiglech ageschränkt gëtt. Dat ass och en Zil, wat den Innenminister an d'ganz Regierung kann novollzéien a wou mer och hannendrustinn.

Da muss ech sech natierlech och d'Fro stellen: Wéi kënn et iwwerhaapt zu där Fluktuatioun, déi mer an der Gewerbesteier hunn? Dat huet jo eng Geschicht, dat Ganz. An déi Geschicht huet eppes domat ze dinne, dass 1997 d'Gewerbekapitalsteuer ofgeschafft ginn ass, wat natierlech dozou gefouert huet, dass eng





ganz Rei vu Betriber iwwerhaupt keng Gewerbesteier méi bezuelen an dass domadder och d'Onsécherheet vun där Steier ëmmer méi grouss ginn ass.

En anert Zil, wat mer, mengen ech, och gemeinsam vertrieben, dat ass, fir ze kucken, dass mer déi Gewerbesteier och weiderhin als Steier fir de Gemengesector kënnen erhalen an dass se net nach weider schrumpft. Och do gëtt et eng Geschicht, wéi et zur Schrumpfung vun der Gewerbesteier komm ass: nämlech duerch eng Moosssnam vun der Regierung 2002, wou d'Base d'assiette vu 4% op 3%, also mat engem Coup ëm 25% vum Gesamtmontant, gekappt ginn ass.

Ech wëll just hei drun erënneren, dass zweemol den zoustännegen Innenminister an där Regierung Michel Wolter geheescht huet!

Mä ech mengen, dat deet hei an dësem Fall net vill zur Saach. Et geet wierklech drëms, dass mer probéieren, gemeinsam - an do ginn ech dem Här Wolter recht -, gemeinsam Alternativen ze sichen, wéi mer d'Gemengefinanzen op méi sécher Féiss stellen. An dofir schaffe mer jo och intensivst drun, gemeinsam mam Syvicol, fir déi Gemengefinanzreform, iwwert déi mer elo scho bal 20 Joer diskutéieren, endlech an dréchen Dicher ze bréngen.

An ech kann den Här Wolter och berouegen, ech deelen zum Deel seng Attitüd, seng Approche fir ze soen, et kann an Zukunft och net esou sinn, dass mer hei iwwer Règlement grand-ducal virginn. Dofir géif ech virschloen, dass mer am Kader vun der Gemengefinanzreform kloerstellen, dass an Zukunft esou „Agrèffer“, wéi den Här Wolter dat nennt, déi awer, wéi ech et elo grad bewisen hunn, üblech waren an der Vergaangenheet, dass déi an Zukunft nëmme méi kënnen iwwer Gesetz gemaach ginn. Ech si bereet, doriwwer zu all Moment ze diskutéieren. Ech mengen awer, dass mer am Intérêt vun deene Spuermoosssnamen, déi mer elo maachen, dat heizen - deen Amendement - elo sollen och oflehnen.

Ech wëll hei nach eppes ganz kloer soen: Dee Virschlag, deen Der hei macht, fir déi Suen, déi iwwert déi 12 Milliounen erausginn, ënnert deenen anere Gemengen ze verdeelen, dee beinhaltet jo eis Proposition. Genau dat! Et ass also déi éischte Kéier, wou mer en éischte Schratt maachen an eng méi gerecht Verdeelung vun der Gewerbesteier un déi eenzel Gemengen.

Wa mer géifen an d'Situatioun kommen, dass dee Betrag, dass méi Gemengen do wieren, déi effektiv vun dëser Measure betraff wären... Mir wëssen, dass et der d'lescht Joer dräi waren, dat Joer virdru waren et der véier, déi effektiv vun dëser Measure betraff waren.

Am Géigendeel zu där Measure, déi déi viregt Regierung geholl huet, Här Wolter, wëll ech lech awer och nach eng Kéier soen! 2013 huet d'Regierung decidéiert, dass 2% vun der Gewerbesteier, déi de Gemengen zousteet, müssen an de Fonds pour l'Emploi iwwerwise ginn. An do, mat där Measure waren onselektiv allegueren d'Gemengen hei am Land betraff!

An déi hei Measure, déi mir proposéieren, mécht dat ebe just net! Si geit just Sue siche bei déi Gemengen, an dat hu mer haut, oder haut a gëschter an den Diskussiounen iwwert de Budget méi wéi eemol gesot kritt - an zwar vun alle Bänken! -, mir ginn also hei an de Beidel vun deenen, déi sech et kënnen leeschten.

Et ass also eng selektiv Moosssnam am Gemengesector. An dofir trieden ech ganz staark derfir an, dass mer deen Amendement hei sollten oflehnen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt den Här Kersch drun erënneren, dass souwuel 1997 wéi och 2002 bei der Gewerbekapitalsteier - dat war 2002 am Kader vun der grousser Steiereform - dat geschitt ass a grouse Reformen an dass zum ganz groussen Deel dat Ewechfale vu verschiddene Steieren duerch aner Diminutiounen vun Ausgaben, déi se hatten, nottament am Policéwiesen, kompenséiert ginn ass. Et ass also eng falsch Duerstellung, fir ze maachen, wéi wann hei einfach deemools en unilaterale Grëff gemaach gi wär. Et huet eng Diskussioun stattfonnt.

Ech wëll d'ailleurs och soen, dass deemools intensivst mam Syvicol driwwer diskutéiert ginn ass. A munnechfaltege Sitzungen hu mer mam Syvicol am Virfeld iwwert déi Mesuren diskutéiert an ëmmer gekuckt, dass mer eng Kompensatioun am Gemengesector géife fannen, esou dass ech déi Duerstellung, déi Der hei gitt, net kann deelen!

Ech hu mech vläicht falsch ausgedréckt, ech hat gemengt, ech wär kloer. Meng Proposition ass net, fir iwwer 12 Milliounen eng Ëmverdeelung ze maachen am Gemengesec-

teur. Meng Proposition ass ganz kloer déi: Et ass vun éischten Cent un, wa gemengt ass, dass een iwwer 3-mol d'Moyenne soll enger Gemeng déi Suen ewechhuelen, dass se enger anerer Gemeng zur Verfügung kommen, déi eben net d'Chance huet, fir iwwer 3-mol d'Moyenne ze hunn, mä déi ënner 0,8 ass. An et gëtt eng ganz Rei Gemengen, déi ënner 0,8 sinn, vun der Moyenne.

Also meng Proposition ganz konkret ass, fir en drëtten Tour ze dréinen, an deem déi Suen dann, déi iwwer 3-mol d'Moyenne géife kommen, redistribuéiert ginn am Secteur, esou wéi et am zweeten Tour eigentlech och scho gemaach gëtt tëschent deem, wat ee selwer erwirtschaft, an deem, wat ee vun engem anere kritt.

Mir wëllen also eisen Amendement oprechterhalen. Mir si weder mat der Form nach mam Fong d'accord. Ech bedauern och, dass d'Majoritéit net op dee Wee wëllt goen. Ech huelen awer mat Satisfaktioun zur Kenntnis, an dat wëll ech wierklech festhalen, dass de Minister sech engagéiert huet, dass en...

(**Interruption**)

Jo, wat awer nëmme d'Halschent vun der Diskussioun ass. Et ass d'Geschicht vum Règlement grand-ducal, dass en also sech bereet erkläert huet, dass d'Regierung net wäert dovunner Gebrauch maachen, fir dat aneschtens ze maache wéi se dat elo mécht, an dass dat an déi Gesamtdiskussioun iwwert d'Reform vun de Gemengefinanzen afléisst.

Dir hätt dat do, wéi eng ganz Rei vun anere Saachen, besser gehat, souwéi esou an d'Gemengefinanzreform afléissen ze loosse, well Der wesentlech méi Marge de manoeuvre gehat hätt, fir zu Accorden ze fannen. Mä bon, dat ass e politesche Choix, deen Dir gemaach hutt.

Mir huelen also eisen Amendement net zrëck. Mir halen op eisen Amendement, huelen awer zur Kenntnis, dass d'Regierung, wat ech schonn zum Deel net schlecht fannen, seet, dass se déi Méiglechkeet, fir iwwer Règlement grand-ducal einfach dat ze maachen, dass se sech politesch engagéiert, déi net wouerzehuelen.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, de Minister huet d'Wuert.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Ech wëll dann awer nach eng Kéier kloerstellen: Dat, wat ech gesot hunn, ass dat, dass ech mech engagéiert hunn, am Kader vun der Gemengefinanzreform Mechanismen ze schafen, dass et no där Gemengereform net méi méiglech ass, iwwer Règlement grand-ducal an de Gemengesector...

(**Interruptions**)

...eranzegoen. Dat hunn ech gesot an dozou stinn ech och!

An ech mengen, och déi politesch Majoritéit heibanne steet dozou. Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, dass och déi Argumentatioun, Här Wolter, déi Dir gefouert hutt, dass dat heizen en Agrèff wär an d'Autonomie communale, dass dat Argument net ganz richtig ka sinn, well soss hätt de Statsrot hei misse eng Opposition formelle maachen opgrond vum Artikel 106 vun der Constitution!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat, mengen ech, wär deen Amendement ausdiskutéiert an ech géif en zum Vote stellen. Datselwecht géllt wéi fir déi viregt Amendementen: Déi fir d'Sträichung sinn, stëmme mat Jo, an déi fir de Regierungstext sinn, mat Neen.

**Vote sur l'amendement 6 concernant l'article 14 du projet de loi 6722**

An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

Fir den Amendement vun der CSV hu 26 Deputéierter gestëmmt, fir de Regierungstext 32, Abstentiounen 2. Domat wär den Amendement ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roberto Traversini;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme

Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt just nach op eppes opmierksam maachen: Mir hunn eng Rei vun Amendementen erakritt, déi net déi néideg Ennerschrëfte gedroen hunn. Ech ginn dovun aus, dass déi Amendementen, déi vun der CSV erakomm sinn, selbstverständlech déi Ennerschrëften nogeliwwert kréien. An ech wollt just froen: Fir d'Amendement vum der ADR, ass d'Ennerstëtzung do vun...?

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Mir ënnerstëtze se mat eiser Ennerschrëft aus techneschem Ursachen, fir datt se kënnen diskutéiert ginn, och wa mer net onbedéngt dermat d'accord sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

(**Interruptions**)

Ech wollt et just formell nach eng Kéier klären, dass mer net iwwer onvalabel Amendementen ofgestëmmt hunn. Merci fir d'Versteesdemech.

**Amendement 7**

Da komme mer zum Amendement N°7. Dat ass e weideren Amendement vun der CSV an dee schwätzt sech géint d'Erhéijung vun der Ofwaassertax aus, freet also, den Artikel 33 ze sträichen. Dat ass motivéiert. Keng weider Wuertmeldung dozou? Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen. Wie mat der Proposition, mat dem Amendement d'accord ass, stëmmt Jo. A wie fir de Regierungstext ass, mat Neen.

**Vote sur l'amendement 7 concernant l'article 33 du projet de loi 6722**

D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Mat Jo hu 27 Deputéierter gestëmmt, mat Neen 32. Domat ass deen Amendement ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 7 est rejeté par 28 voix pour et 32 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Da wollt ech froen, mir hunn nach Amendementen virleie vun der ADR an der CSV, déi alleguer eng Konsequenz gewiescht wären, wa mer beim Artikel 2 hir Amendementen ugeholl hätten. Considéréiere mer déi als caduc oder solle mer nach eng Kéier doriwwer ofstëmmen?

(**Négation**)

Dann ass dat esou decidéiert. Dat géllt fir d'Amendementen N°1, 2 a 5, an dat betrëfft déi Propositionen zum Artikel 40 Paragraphen 1, 2 an 3.

Gutt, da soen ech lech Merci.

Da wäere mer um Enn vun den Diskussiounen an Ofstëmmungen iwwert d'Amendementen ukomm a géifen elo iwwert den Ensemble vum Projet 6722, genannt „Zukunftspak“, ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6722 et dispense du second vote constitutionnel**

Ech géif direkt d'Ofstëmmung lancéieren. Déi, déi derfir sinn, fir dee ganzen Text, stëmme mat Jo of, an déi, déi dergéint sinn, mat Neen. D'Ofstëmmung ass schonn eriwuer.

Et hu 60 Deputéierter direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. 32 hu mat Jo gestëmmt, 28 mat Neen, soudass de Projet 6722 ugeholl ass.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Dat ass dann esou decidéiert.

**Amendements 1, 2 et 3 relatifs au projet de loi 6720**

Ech géif da proposéieren, iwwerzegoen zum Budget fir d'Joer 2015, d'selwecht Prozedur wéi virdru, mir géife mat den Amendementen ufänken. Ech mengen, do brauch ech d'Fro vun den Ennerschrëften net ze stellen, déi si geséichert.

**Amendement 1**

Ech géif dann ufänken mam éischten Amendement, dee presentéiert ginn ass vun der CSV, dee betrëfft de Volet Logement. An ech weess net: Soll den Amendement nach motivéiert ginn?

(**Négation**)

Et geet ëm den Artikel 6 vum Budgetsgesetz, méi genee de Paragraf (4) 3.

Kënnen mer direkt iwwert den Amendement ofstëmmen?

(**Assentiment**)

**Vote sur l'amendement 1 concernant le point 3 du paragraphe 4 de l'article 6 du projet de loi 6720**

Also, déi, déi mam Amendement d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi fir de Regierungstext sinn, mat Neen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Den Amendement ass mat 32 Nee-Stëmme, 26 Jo-Stëmme an 2 Abstentiounen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

**Amendement 2**

Dann den Amendement 2, dee betrëfft den Artikel 28 vum Budgetsgesetz a betrëfft méi prezis de Fong fir d'Reform vun de Services de secours.

Ech ginn och dovun aus, dass den Amendement motivéiert ass. Kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen?





## (Interruption)

Neen, den Här Wolter huet d'Wuert.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech huele mer d'Wuert, Här President, well ech gäre vum Här Finanzminister eng Antwort hätt op eng Fro, well ech net esou richtig gesinn, wéi den Zesummenhang tëschent zwee Artikelen ass. Den Artikel 28 vun der Loi budgétaire, bei deem mer hei froen, fir de Paragraf 2 ofzeschaffen, also ze annulléieren, dee seet: «Le fonds est alimenté par une dotation, dont le montant annuel est égal à la partie du produit de l'augmentation de la TVA au 1<sup>er</sup> janvier 2015 non prise en compte pour le calcul de la dotation annuelle du Fonds communal de dotation financière visé à l'article 26.» Dat schéngt mer kloer ze sinn.

An dann transportéieren ech mech an den Artikel 26, op deem eng Referenz gemaach gëtt. An do liesen ech dann: «Le Fonds communal de dotation financière institué par l'article 38», an esou weider, «est doté pour l'année 2015 d'après les règles suivantes:», an an der zweeter Zeil - also, fir d'Éischt kënnt dann d'Lounsteier -, «2. un montant de 10 pour cent du produit de la taxe sur la valeur ajoutée, déduction faite des sommes dues à l'Union européenne à titre de ressources propres provenant de cette taxe;». Den Artikel 28 mécht also, a mengen Aen, Referenz op den Artikel 26, an am Artikel 26 steet net dat dran, wat Der am Artikel 28 wëllt ofschafen.

Ech wollt lech froen, Här Minister: Deelt Der meng Interpretatioun? A wann Der meng Interpretatioun deelt, da bleift lech näischt aneschtens iwwreg, wéi den 28 unzuhuelen (veuillez lire: wéi den Amendement zum Artikel 28 unzuhelen), à défaut de quoi ee muss kucken, wat geschitt.

Hei steet net am Artikel 26 dran, dass déi 2% Augmentation de TVA de Gemengen net zoukomme fir d'Joer 2015, soudass ech dovun ausginn, dass dee gesamte Betrag de Gemenge wäert iwwerwise ginn, esou wéi dat am Artikel 26 ass.

Meng Interpretatioun ass, dass, wann dat net geschitt, mer hei am Kader vun enger Illegalitéit wäeren.

Merci.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech wëll dozou soen, dass mer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Innenminister.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Mir hate jo an dësem Fall hei och eng Opposition formelle vum Statsrot, deem eis eng Textproposition gemaach hat, wéi dësen Artikel 28 sollt libelléiert ginn. Déi Textproposition ass tel quel ugeholl ginn, soudass ech dem Här Wolter seng Interpretatioun also net deelen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, nach eng Reaktioun dozou.

(Interruption par M. Michel Wolter)

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här Wolter, och wann Der net gär mat mir schwätzt, heiansdo kommt Der net derlaanscht!

(Hilarité)

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech hu kee Problem, mat lech ze schwätzen, an och kee Problem, mat lech ze diskutéieren, well mir maachen dat scho säit iwwer 40 Joer. Well esou laang kenne mer eis nämlech schonn.

(Interruption)

Jo! An et ass nach net fäerdeg, voilà!

(Interruption et hilarité générale)

An dat eent ass dat eent an dat anert ass dat anert.

Ech wollt lech trotzdem nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass Der hei riskéiert, eng ganz zolidd Illegalitéit ze maachen, well Dir hutt...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Neen, neen, neen, Här Berger, esou einfach ass d'Welt net, wéi Dir lech se virstellt. Dir hat eng Opposition formelle am 28 an Dir hutt eng Proposition de texte kritt fir den 28. Mä Dir hutt als Majoritéit...

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Berger, wann ech gelift, wann eppes ze soen ass, da frot d'Wuert!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dir hutt als Majoritéit den 28 net verglach mam 26! An am 26 steet net, dass d'Gemengen déi 10% ewechgeholl kréien! Am 26, an dat ass fir mech..., wann Der dat elo stëmmt - an Dir stëmmt dat jo, well fir den 31. musst Der Äre Budget jo stoen hunn -, do steet dran, dass «10 pour cent du produit de la taxe sur la valeur ajoutée, déduction faite des sommes dues à l'Union européenne à titre de ressources propres provenant de cette taxe». Do steet net dran, dass dat „déduction faite“ ass vun enger Netattribution vun der TVA.

An ech hunn d'Impressioun, dass an dësem Fall de 26 den 28 wäert priméieren. Dir kënnt also eisen Amendement oflehen zum 28. Dat wäert a mengen Aen net ganz vill änneren, well de 26 wäert hei an enger Interpretatioun virum 28 stoen. Et hätt ee missen déi zwee Artikelen matenee liesen an et hätt ee misse scheckstellen als Majoritéit, dass een de 26 an den 28 d'selwecht formuléiert hätt. Dat hutt Der net gemaach. An Dir musst elo mat de Konsequenze liewen!

► **Une voix**.- C'est juste.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, de Finanzminister huet d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, de Finanzminister confirméiert dat, wat de Minister Dan Kersch gesot huet. A mir sinn alignéiert op dat, wat de Conseil d'État gesot huet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da wäre mer um Enn vun der Diskussioun iwwert deem Amendement ukomm a mir géifen en zum Vote stellen.

**Vote sur l'amendement 2 concernant le paragraphe 2 de l'article 28 du projet de loi 6720**

Nach eng Kéier wéi virdrun: Déi, déi d'accord si mam Amendement, si gebieden, mat Jo ze stëmmen, an déi zum Regierungstext halen, mat Neen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

26 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen, 2 Abstentionen. Domat ass den Amendement 2 zum Budgetgesetz ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

**Amendement 3**

Da komme mer un de leschten Amendement, deem dréit ëm de Finanzement iwwert de Statsbudget vun de Majorations biennales an de Majorations d'indice bei de Fonctionnaires an de Secrétariats a Recette-communallen, wou den Amendement freet, fir erëm en entspreche Budgetskredit an d'Budgetgesetz ze setzen.

Dozou Wuertmeldungen? Dat ass motivéiert. Mir géifen dann, wann Der wëllt, direkt zu der Ofstëmmung iwwergoen. Et geet ëm den Amendement 3 betreffend den Article budgétaire 43.004.

**Vote sur l'amendement 3 concernant l'article budgétaire 43.004 (43.22) du projet de loi 6720**

De Vote ass lancéiert. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

Fir den Amendement hunn 28 Deputéierter a fir de Regierungstext oder fir d'aktuell Proposition vum Budgetgesetz 32 Deputéierter gestëmmt. Keng Abstentionen. Domat ass dee leschten Amendement zum Budgetgesetz evaküiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise

Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann iwwert de Projet de loi 6720, also iwwert d'Budgetgesetz fir 2015, ofstëmmen. Déi, déi fir de Budgetsprojekt, wéi e vun der Regierung presentéiert ginn ass, sinn, stëmme mat Jo. An déi net dermat d'accord sinn, mat Neen, respektiv si enthalen sech.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6720 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mat Jo hunn 32 Deputéierter gestëmmt, mat Neen 28. Domat ass de Projet de budget 6720, also de Budgetsprojekt fir 2015, ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech stellen dann déi classesch Fro: Ass d'Chamber mat der Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum Projet de loi 6721 iwwergoen, zu deem keng Amendemente virleien.

Kann ech direkt zu der Ofstëmmung iwwergoen?

(Assentiment)

Merci.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6721 et dispense du second vote constitutionnel**

Da lancéieren ech de Vote. An och do, deem, dee fir den Text ass, stëmmt mat Jo, an deem, deem dergéint ass, mat Neen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6721 ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc

Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir de Projet vum zweete Vote ze dispenséieren?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann elo zu de Motiounen iwwergoen.

**Motion 1**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Déi éischt Motioun kënnt vun der CSV a plädéiert fir d'Evaluatioun vun de bisherege Mesures pour l'emploi an e systematesche Suivi fir zukünftég Mesures pour l'emploi.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou?

Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo, ech mengen, mir maachen dat souwéiso. Mir sinn elo amgaangen - just fir den honorabelen Deputéierten ze informéieren -, bei den Initiatives sociales ze evaluéieren, wéi vill Leit se op den Aarbechtsmaart bréngen. Ech gesinn elo, datt déi nei Contrainte, déi do elo erëm probéiert gëtt, en Délai, dee fir all Mesuré géif virgesi ginn, datt dat net gutt ass. An duerfir géif ech proposéieren, déi Motioun do net unzuhuelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, da géife mer direkt, wa keng aner Wuertmeldungen sinn, zum Vote iwwergoen.

**Vote sur la motion 1**

De Vote huet ugefaangen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

28 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen. Domat wär déi éischt Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

**Motion 2**

Déi zweet Motioun ass abruecht gi vun de Kolleege vun der ADR a betrëfft de Logement, méi speziell den Taux super-réduit bei Neteeigentumswohnungen.

Dozou Wuertmeldungen?

Jo, den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR) - Jo, Här President, d'CSV huet zu deemselwechten Thema och eng Motioun agereecht, déi zwar net esou wäit geet wéi eis, mä déi awer deemselwechten Hannergrond huet. Duerfir géif ech proposéieren, där Motioun vun der CSV elo d'Prioritéit ze ginn, fir där eng Chance ze ginn, ugeholl ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Wiseler, sidd Dir d'accord?

► **M. Claude Wiseler** (CSV) - Do kann ech nëmme Jo soen, datt mer der CSV-Motioun Prioritéit ginn.

(Hilarité et brouhaha)

(Sur proposition de M. Roy Reding, priorité est donnée à la motion 5 et la motion 2 est déclarée caduque.)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, da stëmme mer elo iwwert d'CSV-Motioun of. Dat ass d'Motioun 4, „Volet Logement“ steet driwwer. Also, de Vote iwwert d'Motioun 4, abruecht vun der CSV.





(Interruption)

Motion 5

Sorry, jo. Also d’Motioun 5. Déi, déi mat der Motioun d’accord sinn, stëmme mat Jo, déi net d’accord sinn, mat Neen.

Vote sur la motion 5

De Vote huet ugefaangen. An en ass och schonn eriwwer.

27 Deputéierter hu fir d’Motioun gestëmmt, 32 dergéint. Domat wär se ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la motion 5 est rejetée par 32 voix contre et 28 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Da géife mer net méi brauchen op déi aner zrëckzekommen, vu dass dës d’Prioritéit hat an déi aner da caduc ass.

(Interruption)

Jo, déi Logik hätte mer och schonn eng aner kéier kënnen uwellen.

(Hilarité)

Motion 3

Dann d’Motioun 3, abruecht vun der Madame Hetto-Gaasch fir d’CSV. Do geet et drëm, dass d’Regierung invitéiert gëtt, hir Intentioun fir d’Gratuitéit vun dem Accueil vu Kanner ënnert dräi Joer opzeginn a stattdessen eng Revision vun de Chèques-services ze maachen.

Ass de Wonsch, fir se nach eng kéier...?

(Négation)

Neen, dat ass net de Fall. Da ginn ech dem Statssekretär d’Wuert fir d’Reaktioun op d’Motioun, déi genügend motivéiert war.

► **M. Marc Hansen**, *Secrétaire d’État à l’Éducation nationale, à l’Enfance et à la Jeunesse*.- Jo, Här President, an den Diskussiounen vun de leschte Wochen an awer och vun deene leschten Deeg iwwert den Zukunftspak an de Budget ass et, mengen ech, kloer ersiichtlech ginn, dass dat dote fir eis net esou kann akzeptéiert ginn. Ech mengen, dass mer do géifen déi Ambitioun opginn an dee gratis System zwëschen een an dräi Joer net géife maachen, dat kënne mer natierlech net akzeptéieren.

Wat d’Chèques-services ugeet, gouf schonn e Wuert driwwer verluer. Do huet d’Familljeminstesch Corinne Cahen scho gesot, dass et do natierlech e Bilan wäert ginn.

An op där anerer Säit steet dann och do, dass Mesure-alternativ virgesi gi fir Familljen, déi defavoriséiert sinn. An d’Corinne Cahen huet natierlech och schonn annoncéiert, dass do amgaangen ass, driwwer geschafft ze ginn, wat do als Mesure-alternativ kéint virkommen, soudass mir géife proposéieren, déi dote Motioun net unzehuelen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Da géife mer, wa keng aner Reaktiounen dozou sinn,...

Den Här Kartheiser huet d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, villmools Merci. Mir hunn eis och déi Motioun vun de Kollege vun der CSV hei ugekuckt, do si ganz vill och fir eis wichteg Considérations dran, notament am Beräich vun de soziale Moosnamen, déi elo solle geholl gi fir defavoriséiert Familljen.

Op där anerer Säit muss mer awer soen, dass mir an der Familljepolitik an och an aneren Domänen, déi hei ugeschwat sinn, ganz kloer Positionen hunn, vun deene mer net wëllen ofréckelen. Zum Beispill Lëtzeburgeresch als Integratiounssprooch, dat ass hei elo net ganz kloer festgeluecht.

Mir wäeren och derfir, dass ganz kloer muss gesot ginn, dass déi Mammen a Pappen, déi doheem bleiwen, fir hir Kanner ze erzeien, Recht op eng Pai hunn als Unerkennung dofir. A mir wëllen och soen, dass dee Familljendesch, deen u sech eng interessant Iddi ass, net ka gefouert ginn tëschent der Regierung an de Sozialpartner, an déi ausklammern, déi eigentlech déi Eischt betraff sinn. An do gouf et an der leschter Zäit eng ganz Rei vun Initiativen, wéi zum Beispill „Méi Famill, manner Staat“ (veuillez lire: „Méi Elteren, manner Staat“) an anerer, déi ebe just och d’Interesse vun deene wëlle verrieden, déi sech derfir asetzen, fir hir Kanner selwer doheem ze erzeien. Et ass och mat deenen, wou muss geschwat ginn.

Also an dëser Motioun si ganz vill och fir eis positiv Elementer, mä si geet eis a muncherlee Hisiicht net wäit genuch, ass net staark genuch, fir d’Familljen ze verrieden a fir si ze verdeedegen. Mir wäerten eis enthalten, awer mat engem grouse Merci un d’CSV, fir hei awer eng Rei Saachen thematiséiert ze hunn, déi eis och um Härz leien.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, domat wäere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéinten iwwert d’Motioun N°3 ofstëmmen.

Vote sur la motion 3

D’Ofstëmmung ass ofgeschloss.

D’Motioun ass mat 23 Jo-Stëmmen, bei 34 Nee-Stëmmen an 3 Abstentionen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Motion 4

Déi véiert Motioun gouf och vun der CSV abruecht an do handelt et sech ëm Mesuren aus dem Zukunftspak - Nummer 181 an 183 -, wou déi eng soll ausgefouert ginn an déi aner ofgeschafft ginn.

Den Här Lies.

► **M. Marc Lies** (CSV).- Merci, Här President, fir d’Wuert. Et ass elo schued, dass d’Madame Minister net do ass. Et wär awer interessant ze wëssen, wéi dann effektiv elo déi Spuermesure 181, déi jo propagéiert ginn ass vun der Madame Minister, dass déi net sollt virgefouert ginn, ob se awer elo domat d’accord ass, fir déi weider virunzeféieren. An en plus och mat deene Beispiller, déi mer ginn hunn, dass mat de Promoteurs publics an Zukunft soll gekuckt ginn, fir effektiv de Wunnengsbau méi bëlle ze maachen, ob dann effektiv déi Approche, déi mir hei proposéiert hunn, ob déi gedeelt gëtt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Gramegna huet d’Wuert.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, fir ze soen, dass dëser Motioun net soll zougestëmmt ginn. Eischtens emol, well se virgesäit, dass mer déi Hausse de TVA fir d’Wunnengen, déi fir d’Locatioun sinn, sollen zrëckzéien, wat mer natierlech net wëlle maachen. An och zur Mesure 181 ass et kloer, dass déi am Kontext vun der Augmentatioun vun der TVA elo kee Sënn méi mécht.

Aus deenen zwee Grënn géif ech bieden, dass dës Motioun net soll ugeholl ginn.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dann hätt Der d’Moosnam zwar och net sollen an de Pak schreiwen, wa se kee Sënn méi mécht mat Ären anere Moosnamen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir géifen zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d’Motioun N°4.

Vote sur la motion 4

D’Ofstëmmung ass ofgeschloss.

D’Motioun ass mat 26 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentionen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

D’Motioun N°5 hate mer. Dann ass d’Motioun N°6 drun.

Motion 6

Déi ass vun der CSV abruecht ginn an dréit sech ëm d’Realiséierung vun engem Centre de compétences agricole um neie Site vum Lycée agricole. Dozou Wuertmeldungen?

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Alles gesot. Merci, Madame Hansen. Dann hätt den Här Hansen d’Wuert.

► **M. Marc Hansen**, *Secrétaire d’État à l’Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Also ech kann op där heiter Plaz zu e puer Saachen Erklärungen ginn. An dem Budget - an der Presentatioun och hei an der Chamber - hu mer 200.000 Euro an dem Beräich vun dem Enseignement supérieur stoen, fir Fuerschung an der Landwirtschaft ze maachen. Dat ass dee Moment effektiv vu mir presentéiert ginn an der Kommissioun.

Et steet och an eise Regierungsprogramm, dass mer e Centre de compétences wëllen op dee Site kréien. An ech mengen, an der Debatt ronderëm d’Pestizidegesetz op där heiter Plaz ass dat doten och nach eng kéier vun der Regierung ënnerstëtzt ginn, soudass mer natierlech kënnen domadder liewen, wa mer opgefuerdert ginn, op eise Wee weiderzagoen, soudass ech der Chamber géif proposéieren, fir dat heiten unzehuelen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Hilarité et brouhaha)

► **Une voix**.- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ass d’Chamber do dermat d’accord? Kënne mer dat...

► **Une voix**.- À main levée.

(Brouhaha et interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...à main levée maachen? Sinn d’Auteuren domat d’accord?

(Assentiment)

Vote sur la motion 6

Majo, da géif ech ëm en Handzeeche bieden, wien domat d’accord ass.

(La motion 6 est adoptée à main levée.)

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), *rapportrice*.- Wat e Fridden!

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, mir hätten eigentlech misse mat där doter Motioun ophalen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Datt d’Majoritéit net dauernd brauch Neen ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mä et ass nach eng Motioun do an nach eng, nach zwou, abruecht och vun der Madame Martine Hansen.

Motion 7

Madame Hansen, kann ech dovun ausgoen, dass d’Motioun N°7 och genügend motivéiert ass.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo, déi ass genügend motivéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wëllt d’Regierung...?

Den Här Hansen.

► **M. Marc Hansen**, *Secrétaire d’État à l’Enseignement supérieur et à la Recherche*.- An deem heite Kontext géif ech och wëlle soen, dass dat heiten an der Prozedur aus der Direktiv „Reconnaissance“ vun 2005 virkënn. Et gëtt eng Direktiv 2013, wou och amgaangen ass dru geschafft ze ginn, fir déi ëmzesetzen, an dat am Ufank vum Joer 2016.

Alles, wat hei an der Motioun steet, ass eppes, wat eis natierlech och um Härz läit, an dofir géif ech och op där Plaz der Chamber proposéieren, fir och déi unzehuelen.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, da géif ech, wann d’Chamber domat d’accord ass,...

► **Une voix**.- D’nächst Joer kommen ech éischer.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...à main levée ofstëmmen, da géif ech ëm en Handzeeche bieden.

Vote sur la motion 7

Ech gi vun Unanimitéit aus, à moins, dass ech e Géigenhandzeeche kréien.

Dat ass net de Fall.

(La motion 7 est adoptée à main levée.)

Motion 8

An da komme mer op déi lescht Motioun, abruecht vun darselwechter Autorin, der Madame Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Déi ass och scho motivéiert genuch.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Da kritt d’Wuert den Här Landwirtschaftsminister.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l’Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*.- Jo, bei de Subventionen, déi un déi landwirtschaftlech Betriber ausbezuelt ginn, muss mer all Joer op en Neits kucken, ob se an e communautairé Kader passen. Dat ass beim Tarif agricole manifestement net de Fall, dofir hu mer dës illegal Aide nationale misse suppriméieren. Mir sinn awer amgaangen, mam Beruff ze schwätzen, wéi mer op d’mannst een Deel vun där Perte de revenu kënne kompenséieren. Dofir hu mer proposéiert, wéi et och an der Motioun drasteet, fir dem Stat seng Participatioun bei der Mehrgefahrenversécherung, déi de Moment 50% ass, op 65% an d’Luucht ze hiewen, an de Beruff huet eis awer net gesot, dass se net domadder kéinte liewen.

Ech wëll awer hei betounen, dass déi Servituden, déi d’Propriétaire vum elektreschen Netzbedreier operluecht kréien, mussen vun dëser kommerzieller Gesellschaft indemniséiert ginn, an dass de Stat do net soll an net kann intervenéieren. Dofir kann en awer mam Invite vun dëser Motioun net d’accord sinn. An ech géif d’Chamber bieden, déi dann ofzelehnen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d’Motioun N°8, wat och déi lescht Motioun ass, iwwergoen.

Vote sur la motion 8

’Ofstëmmung huet ugefaangen. Wie mat der Motioun d’accord ass, stëmmt mat Jo, wien net mat der Motioun d’accord ass, stëmmt mat Neen. An d’Ofstëmmung ass eriwwer.

Mat Jo hu 26 Deputéierter gestëmmt, Neen 32 Deputéierter, an 2 Abstentionen. Dat heescht, d’Motioun ass ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger,





MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Domat wäre mer um Enn vun - nach net um Enn vun der Sëtzung -, mä um Enn vun de Budgets- a Finanzdiskussiounen fir d'Joer 2015 ukomm.

## (Brouhaha général)

Kollegen, mir sinn nach net fäerdeg. Ech géif dann zu de Chamberskonten, zu eise Konte vum Joer 2013 iwwergoen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Marc Lies.

## 4. 6749 - Résolution concernant les comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2013

### Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Marc Lies** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, Kollegeinnen, esou wéi all Joer goufen och dëst Joer d'Konten vun der Chamber fir d'Buchungsjoer 2013 vun enger Spezialkommissioun kontrolléiert. Den Artikel 165 vum Règlement interne vun der Chamber gesäit vir, an ech zitieren, éischten Alinéa: «L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite „Commission des Comptes“, assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau.»

De véierten Alinéa: «La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des Comptes pour être enregistrée.»

D'Firma Deloitte, déi den Audit vun de Konten vun der Chamber fir den Exercice 2013 gemaach huet, koun den 28. November vun dësem Joer an hirem Schreiwes zu folgender Konklusioun: «À notre avis, les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine de la situation financière de la Chambre des Députés au 31 décembre 2013 ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date conformément au principe comptable applicable défini par le Bureau de la Chambre des Députés.»

Ech wäert lech e puer Eckdaten vum Bilan 2013 am Verglach zum Budget 2013 an awer och am Verglach zum Kont 2012 mat op de Wee ginn, ouni elo awer natierlech, no där laanger Debatt iwwert de Budget, wëllen an den Detail ze goen.

De Statsbudget huet der Chamber fir d'Rechnungsjoer 2013 e globale Kredit vu ronn 32,7 Milliounen zougesprach. Op Enn 2013 louchen d'Ausgabe bei ronn 29,5 Milliounen, wat enger Hausse vun 3,13% par rapport zum Rechnungsjoer 2012 an 895.000 Euro entsprach huet.

D'Frais de fonctionnement sinn ëm 1.180.000 méi niddreg ausgefall, wéi de Budget et virgesinn huet. Par rapport zu 2012 ass eng lichte Hausse vu ronn 170.000 Euro feststellen. Datt op dësem Poste manner ausbezuelt ginn ass, wéi initial am Budget festgehalen, huet mat de virgezunnene Neiwahlen ze dinn.

Ze begrëssen ass, datt d'Frais de route et de séjour fir international Reuniounen, déi natierlech a Fonctioun vun der Zuel vun de Participantë sinn an awer och vun der Plaz, wou dës Reuniounen stattfannen, vu 460.000 Euro am Joer 2012 op 265.000 Euro fir d'Buchungsjoer 2013 erofgaange sinn.

Bei de Compte-rendue konnten am Verglach zu 2012 och ronn 300.000 Euro agespuert ginn. Dëst huet awer och mat den Neiwahlen ze di gehat.

Hëlt een de Crédit voté, esou goufen 3,2 Milliounen manner ausgi wéi virgesinn. Dëst entsprécht engem Taux vu minus 9,81%. De Budgetiwwerschoss vun 2,9 Milliounen suert derfir, datt d'Reserven op den 1. Januar 2014 sech op 7,5 Milliounen belafen. Dëse Montant ass awer mat Virsiicht ze genéissen, well nach eng Rei Ausstänn opstinn, déi zurzäit nach net genau chiffréiert kënnen ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun, à l'unanimité des voix, an de Réviseur d'entreprises Deloitte sinn der Meinung, datt d'Konten vun eiser Chamber an der Rei sinn. Domat géif ech lech alleguete bieden, d'Konten vum Exercice 2013 gutt-zeheschen.

Ech wéilt awer och dem Bureau an all de Mat-aarbechter vun der Chamber e ganz, ganz décke Merci soe fir déi gutt an exemplaresch Aarbecht, déi si iwwert d'Joer 2013 an awer och elo dëst Joer geleescht hunn.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech den Accord zu dësem Rapport an ech géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilités politiques bieden, datselwecht ze maachen.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a géif dann och dës Resolutioun dem Här Chamberspräsident iwwerreechen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

### Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport de sa Commission des Comptes,

- approuve les comptes de l'exercice 2013 et

- prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

(s.) Marc Lies.

► **M. Marc Lies** (CSV), rapporteur.- Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Rapporteur. Wuertmeldungen zu eise Konten? Oder si mer der Meinung, dass de Rapporteur dat esou exzellent gemaach huet, dass mer näischt méi brauche bäizefügen?

### (Assentiment)

Esou wéi et am Artikel 165 vum Chambersreglement virgesinn ass, stëmme mer iwwert d'Resolutioun of, déi den Här Rapporteur eis virgeschloen huet am Numm vun der Kontekommissioun an déi Der verdeelt kritt hutt. Mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

### Vote sur la résolution

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

An erëm Unanimitéit: 60 Stëmme fir eis Konten. Da soen ech lech Merci.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Dann hu mer d'Konten vun der Cour des Comptes fir d'Joer 2013 virleien. An d'Madame Rapporteur Diane Adehm ass prett. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2013 de la Cour des Comptes

### Exposé

► **Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. Mir hunn an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire d'Konten vun der Cour des Comptes gekuckt. Mir hunn och de Rapport gekuckt, deen de Réviseur gemaach huet. Et ware keng Commentairen dozou ze maachen. Dofir géif ech och d'Chamber bieden, dës Konten unzehuelen. An ech géif lech och eng deementspreechend Resolutioun presentéieren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

### Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2013, ainsi que des résultats de l'exercice clos à cette date, conformément au référen-

tiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;

- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 24 novembre 2014;

approuve

- les comptes de l'exercice 2013 de la Cour des Comptes.

(s.) Diane Adehm.

*Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisés directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.*

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci.

### (Brouhaha)

Ech si vun där Vitesse iwwerrascht ginn an ech géif awer da froen: Keng weider Wuertmeldungen?

### (Négation)

Och d'Madame Adehm huet dat esou gutt gemaach, dass mer direkt kënnen ofstëmmen iwwert d'Resolutioun, déi Der virleien hutt.

### Vote sur la résolution

Da geet d'Ofstëmmung un. A si ass och direkt erëm eriwwer. Voilà.

An och d'Konten vun der Cour des Comptes ginn eestëmmeg vun der Chamber guttgeheesch.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da géif ech d'Madame Adehm erëm invitéieren, fir och nach de Rapport vun de Konten vum Mediateur ze presentéieren. Madame Adehm.

## 6. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2013 du Médiateur

### Exposé

► **Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice.- Jo, Merci, Här President. Och déi Konten hu mer am Detail gekuckt. An och do war näischt derbäi auszesetzen. An och de Réviseur, deen d'Konten vum Mediateur gekuckt huet, deen hat och kee Commentaire dozou ze maachen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Wann ech gelift. Wann ech gelift, Här Engel!

► **Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice.- ...an huet och gesot, dass se géifen d'finanziell Situatioun zréckspigelen. Dofir géif ech och proposéieren, dass mer déi Konten da géifen unheulen. An ech géif lech och dann eng deementspreechend Resolutioun iwwerreechen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

### Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport du réviseur des comptes du Médiateur qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle des recettes et dépenses du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg pour l'exercice 2013, ainsi que de l'excédent de 30.412,97 euros pour l'exercice clos en 2013, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Secrétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg relatif à l'établissement et la présentation des comptes annuels»;

- vu l'examen des comptes par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire lors de sa réunion du 24 novembre 2014;

fait siennes les recommandations du réviseur des comptes du Médiateur;

approuve

les comptes de l'exercice 2013 du Médiateur.

(s.) Diane Adehm.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci villmools. An da géif ech froen: Nach eng Wuertmeldung?

### (Négation)

Dat ass net de Fall. Da kënnen mer direkt ofstëmmen.

### Vote sur la résolution

De Vote ass lancéiert. A schonn ofgeschloss. Jo, wann dat e gutt Omen fir d'nächst Joer ass!

60-mol Jo. Also och d'Konten vum Mediateur sinn ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da géife mer zum Projet de loi 6753 iwwergoen, eng Ofännerung vum Code du Travail, an d'Wuert huet direkt den honorabelen Här Georges Engel. Hie war scho virdru lancéiert.

### (Hilarité)

## 7. 6753 - Projet de loi portant modification du paragraphe (3) de l'article 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6753 ass de 4. Dezember, also viru 14 Deeg, vum Aarbechtsminister déposéiert ginn. Ganz séier ass geschafft ginn. De Conseil d'État huet säin Avis ginn den 9. Dezember. D'Kommissioun huet an zwou Sitzungen driwwer geschwat, den 8. Dezember an den 11., an et geet hei ëm de Chômage partiel.

D'Regierung huet scho méi laang mat de Sozialpartner an de leschten Tripartite-Sitzungen constatéiert, dass verschidde Betriber, haaptsächlech industriell Betriber, nach ëmmer ënnert der Wirtschaftskris leiden a sech nach an engem Restrukturationsprozess befannen.

Dofir soll an dësem Projet duerch d'Instrument vum „chômage partiel de source structurelle“ dësen Entreprisë gehollef ginn, während zéng Méint am Joer, deenen Entreprises, déi e Plan de maintien dans l'emploi hunn, dee laut Code du Travail Artikel L. 513-3 unerkannt ass.

Dëse Chômage partiel ass jo nom Gesetz vum 31. Juli 2012 schonn eng Kéier bis den 31. Dezember 2014 verlängert ginn a soll elo nach eng Kéier bis den 31. Dezember 2016 verlängert ginn.

De Conseil d'État ass net ganz zefridde mat dëser zäitlecher Derogatioun par rapport zum Code du Travail. En hätt léiwer gesinn, well keng Verbesserung vun der Aarbechtsmaatsituatioun en vue ass, dass eng Modifikatioun vum Code du Travail sollt gemaach ginn, quitte dass een, wann d'Wirtschaft an dësem Beräich erëm géif unzëien, de Code du Travail dann erëm eng Kéier misst änneren. Hie schwätzt hei vun enger „sunset clause“.

D'Kommissioun huet deem net Rechnung gedroen, well se dëst als eng temporaire Mesure gesäit, déi duerch déi aktuell bleiwend Kris an deene bestëmmten Domäne justifizéiert ass. Deemno gëtt hei duerch een Artikel de Paragraf (3) vum Artikel 3 am Gesetz vum 17. Februar 2009 geännert an déi Mesure, no-